

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Ben Fayot), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Jeannot

Belling), Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Well beim Vote vun der Motioun 3 en techneschen Defekt virkomm war, widderhuele mer dee Vote elo.

Motion 3

Mir stëmmen also nach eng Kéier iwwert d'Motioun 3 vum Här Zanus-si of.

Vote

Déi fir d'Motioun 3 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si ent-hale sech.

D'Motioun 3 ass mat 41 Nee- géint 19 Jo-Stëmme verworf.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Marc Zanussi), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung,

Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. John Schummer), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Dee Punkt ass elo ofgeschloss a mir kommen zum Punkt 5 vun eise-m Ordre du jour.

5. Nomination d'un commissaire aux comptes pour la Société Nationale de Crédit et d'Investissement

Mir si mat der Ernennung vun engem Commissaire aux comptes fir d'SNCI befaasst, esou wéi den Artikel 17 vum Gesetz vum 2. August

1977 iwwert d'Schafe vun enger Société nationale de crédit et d'investissement an hiren Artikelen 132 bis 145 vum Chambersreglement dat virgesäit. D'Kandidateléscht ass lech per Bréif vum 28. Februar zoukomme gelooss ginn.

Laut Artikel 140 vum Chambersreglement gëtt de Commissaire aux comptes fir dräi Joer genannt a seng Nominatioun kann erneiert ginn. Den Artikel 138 vum Chambersreglement gesäit vir, dass d'Nominatioun vum Commissaire aux comptes duerch eng absolut Majoritéit erfollegt. Déi ongültig an déi blank Ziedelen, déi zielen net. Vum drëtten Tour u geet déi relativ Majoritéit duer. Hei huelen nëmmen déi zwee Kandidaten deel, déi an dem Tour virdrun déi meeschte Stëmme kritt hunn. Bei Stëmmegläichheet kënn et zu engem zousätzlechen Tour. Op engem gëllegen Ziedel däerf nëmmen een eenzegen Numm ugezeechent ginn a soss näischt anescht. De Stempel vun der Chamber muss um Stëmmziedel sinn. Am Chambersreglement gëtt de Vote par procuration net ernimmt, et gëtt also nëmme perséinlech gestëmmt.

Ech géif bieden d'Stëmmziedelen auszedeele.

Vote

Den Appel nominal gëtt gemaach fir d'Stëmmziedelen erëm anezammelen.

(Appel nominal)

(Brouhaha général)

Et sinn néng Deputéiert, déi net mat gestëmmt hunn. Hutt Dir all gestëmmt?

Plusieurs voix.- Jo.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Härën, d'Wahlgeschäft ass ofgeschloss.

Et hu sech 51 Deputéiert dru bedeelegt. Déi absolut Majoritéit - et ass e Blanken dobäi - läit bei 26 Stëmmen. Den Här Raymond Schadeck huet 48 Stëmme kritt, den Här Georges Kioes huet eng Stëmm kritt an den Här Philippe Slendzak huet och eng Stëmm kritt. Domat ass kloer, dass den Här Raymond Schadeck gewielt ass als neie Commissaire aux comptes vun der SNCI.

Domadder wiere mer um Enn vum Ordre du jour vun haut de Moien ukomm. Déi nächst Sitzung ass haut de Mëtten um halwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.07 heures)

Ordre du jour

1. Communication
2. 4934 - Débat d'orientation sur la médecine palliative, l'acharnement thérapeutique et l'euthanasie
(Rapport de la Commission spéciale "Ethique" - Discussion générale - Motions et Résolution - Votes)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Anne Brasseur, MM. Henri Grethen et Carlo Wagner, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwelch Matdeelungen ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

1. Communication

Ech wollt lech folgend Kommunikatioun maachen:

Haut de Mueren huet den Här Wirtschaftsminister Henri Grethen um Greffe vun der Chamber den Dépôt gemaach vun dem

- *Projet de loi 5107 portant transposition de la directive 2000/52/CE de la Commission du 26 juillet 2000 modifiant la directive 80/723/CEE relative à la transparence des relations financières entre les Etats membres et les entreprises publiques.*

Op eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg steet d'Orientéierungsdebatt iwwert d'Médecine palliative, den Acharnement thérapeutique an d'Euthanasie.

D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Santer, Bodry, Schroell, Gibéryen, Huss, Urbany, d'Damme Meyers-Frank an Err, an d'Häre Krieps a Weiler.

D'Wuert huet elo de Rapporteur, den Här Jean-Paul Rippinger.

2. 4934 - Débat d'orientation sur la médecine palliative, l'acharnement thérapeutique et l'euthanasie

Rapport de la Commission spéciale „Ethique“

M. Jean-Paul Rippinger (DP), rapporteur.- Här President, d'Zäit leeft schonn an ech hunn nach net ugefaangen.

Här President, Dir Dammen an Dir Härën, de Progrès vun der Medezin an deene leschte Jorzéngten huet d'Liewenserwaardung vum Mënsch verlängert. Nei Techniken, sophistikéiert Procédée bréngen et fäerdeg, de Mënsch méi laang um Liewen ze halen, och da wann d'Liewensqualitéit fir deen eenzelne selwer net ëmmer méi garantéiert ass. D'Doktere sinn net selte confrontéiert mat Situatiounen, wou se decidéiere mussen tëschent dem Erhale vum Liewen an dem Respekt vun der mënschlecher Dignitéit. An deem Kontext geet et ëm d'Prise en charge vun der Péng, d'Unerkennung vun de Rechter vun de Kranken, d'Recht op Begleedung um Enn vum Liewen an d'Palliativmedezin.

Hei geet et ëm eng Manéier, fir de Mënsch ze gesinn an der leschter Etapp vu sengem Liewen. Hei geet et ëm e verännert Verhale vun eiser Gesellschaft par rapport zu engem vun de wichtegste Momenter am Liewe vun engem Mënsch, nämlech sengem leschte Moment.

Mir müssen eis bewosst sinn, dass an eiser Gesellschaft, wéi se nun emol ass a wéi mer se wëllen hunn, et och un eis ass, nei Comportementer, nei Obligatiounen, nei Hoffnungen opzezeechnen. Et ass nëmmen normal, dass och d'Chamber sech heiriwwer Gedanke mécht an dass se an engem Débat d'orientation, dee mer haut féieren, net nëmmen doriwwer diskutéiert, mä awer och hir Meenung seet.

Dat war, menger Meenung no, och d'Missioun vun der Ethikskommis-sioun, wéi si hir Aarbechten iwwert déi dräi Voleten opgehol huet: d'Palliativmedezin, den Acharnement thérapeutique an d'Euthanasie.

Nach selten ass e Sujet vun esou enger grousser gesellschaftspolitescher Tragweid an eisem Land esou oft, esou seriö, mä awer och esou kontrovers diskutéiert ginn.

Dat Wesentlecht, dat wat mir net däerfen aus den Ae verléieren, müssen eis Beméiunge bleiwen ze progresséieren, weider ze kommen, an dëst am Intérêt vum Mënsch.

Als Basis vun eisen heitegen Diskussiounen, hunn der Kommis-sioun d'Erkenntnisser an d'Diskussiounen an der Ethikskommis-sioun an där leschter Legislaturperiod gedéngt, inklusiv och den Débat d'orientation, deen de 16. März 1999 hei an der Chamber stattfonnt huet.

Dës Diskussiounen hunn effektiv stattfonnt nom dem Akraafttriede vum Gesetz vum 28. August 1998 iwwert d'Etablissements hospitaliers. Et muss ee feststellen, dass och no där Debatt keng konkret Mesuren op dem legislative Plang proposéiert gi sinn an awer och keng duerno geholl si ginn. Et sinn zwar e puer Resolutionen ugehol ginn, anerer sinn ofgelehnt gi mat dem fromme Wunsch, dass d'Chamber sech selwer eigentlech ausgedréckt huet, awer keng ei-

gentlech legislativ Mesurë geholl huet. Allerdéngs waren déi Diskussiounen eng seriö Basis fir eis Diskussiounen an der Ethikskommis-sioun.

Dann ass et wichteg ervirzesträichen, dass no deem Débat d'orientation 1999 awer eng Partie nei Elementer opzezeechne sinn. Fir d'éischt d'Akraafttriede vum hollän-desche Gesetz iwwert d'Euthanasie, dat den 1. Januar 2002 a Kraaft getrueden ass. D'Gesetzes-virlag iwwert d'Soins palliatifs, déi den 23. Oktober 2001 am belsche Senat votéiert an an der Assemblée plénière vun der Chambre des Représentants de 16. Mee 2002 adoptéiert an den 20. September 2002 a Kraaft getrueden ass.

Dann een drëtt Element: D'Proposition de loi sur le droit de mourir en dignité, déposéiert de 5. Februar 2002 vun den Deputéierten Err an Huss.

Da mengen ech awer och müssen ze mentionnéieren, d'Deklaratioun iwwert den Etat de la Nation den 3. Mee 2001, wou de Premier am Numm vun der Regierung gesot huet, dass d'Regierung gären hätt, dass erëm nei Diskussiounen sollte gefouert ginn iwwert déi Sujeten. Ech zitëiere wat e gesot huet: „Sans œillères, sans barrières idéologiques, sans opinions pré-conçues“.

D'LSAP-Fraktioun huet den 12. Abrëll 2001 d'Reprise vun eisen Aarbechte gefrot.

Fir awer komplett ze sinn an der Opzielung vun deenen neien Elementer, ass et wichteg ze soen, wat an der Regierungserklärung vum 11. August 1999 steet. Do steet ganz kloer dran, wat déi zwou Regierungsparteien decidéiert hunn, nämlich dass an deser Legislatur-period net géif légiféiert ginn iwwert d'Euthanasie volontaire, déi also net an eis Legislatioun géif opgehol ginn.

Iwwert d'Palliativmedezin stong Folgendes dran: „Les soins palliatifs seront largement étendus et cela tant en milieu hospitalier qu'en milieu ambulatoire“.

D'Bestandsopnam vun der aktueller Situatioun, dat war d'Missioun vun eiser Kommissioun an zu gläicher Zäit och de Stand vun dem aktuelle juristeschen a gesetzleche Kader.

D'Kommissioun huet, esou wéi dat déi Kommissioun virdrun och gemaach huet, eng Rei vun Associatiounen invitéiert, fir gewuer ze ginn, wéi si um Terrain schaffen. Dat war notamment de 25. März 2002 OMEGA 90, de 24. Abrëll de Collège médical an d'Association des Médecins et Médecins-dentistes. Den 30. Mee d'Caritas, d'Association pour le droit de mourir dans la dignité, d'Association Luxembourg Alzheimer, an d'Patientevertriedung.

Et ass selbstverständlech, dass ech net an d'Detailer ginn als Rapporteur vun deem, wat do gesot ginn ass; dat ass alles am schrëftleche Rapport nozeliesen.

Här President, Dir Dammen an Dir Härën, an eisen Aarbechten, an den Entrevuen, déi d'Ethikskommis-sioun gefouert huet, konnte mer feststellen, dass, wat d'Palliativmedezin ugeet, e legislative Kader besteet. D'Carte sanitaire, déi vum Gesondheitsminister Carlo Wagner opgestallt gi war, hat erweisen, dass hei am Land et net genuch Infrastruktur fir eng Prise en charge vun der palliativer Fleeg gëtt. Dofir ass am Artikel 14 vum Reglement vum 18. Abrëll 2001 iwwert den nationale Plan hospitalier festgehal ginn, dass d'Servicer fir d'Palliativmedezin a fir eng Prise en charge vun der Péng geschafe géife ginn.

Ech wëllt awer an deem Kontext hei nach d'Commission consultative nationale d'Ethique zitëieren, déi an hirem Avis geschriwwen huet, dass an enger Gesellschaft, déi eng fundamental Valeur de Rechter an de Fräiheete vum Eenzelnen attribuéiert, och eben den eenzelnen Individuum e Recht op Gesondheet huet, an ech zitëiere se: „Notamment par la mise à disposition d'une infrastructure médicale et hospitalière appropriée et la mise en place d'un régime de sécurité sociale permettant à tous l'accès aux soins. Toute personne

doit se voir reconnaître le droit à la vie et à une mort digne". A si fiert weider a mengt, dass an deene Konditiounen all kranke Mënsch e Recht huet e palliativt Traitement ze verlaangen.

Här President, eis Gesellschaft ass hei mat engem Défi konfrontéiert, well wann een deenen Zuele gleeft, déi eis de Collège médical matgedeelt huet, a mir hunn och kee Grond fir déi ze contestéieren, da gëtt et hei zu Lëtzebuerg 40 bis 60% vun de Kranken, déi en stade terminal sinn, déi awer keng appropriéiert palliativ Fleeg kënnen kréien.

Dëst ass sécher net ze akzeptéieren. Dësen Défi formuléiert sech och op verschiddenen Niveaue. An der Praxis ginn d'Dokteren, wéi och de Personnel soignant bei der palliativer Fleeg dacks mat ethe-sche Problemer konfrontéiert. Als Patient wëllt haut jiddfreee vun eis wéi e Sujet à part entière behandelt ginn. Dëse Begier steet an enkem Zesammenhank mam Recht vum Patient, e kompletten an ausféierlechen Accès op säin Dossier médical ze hunn.

Am Gesetz vum 28. August 1998 ass dëscher Schwieregkeet Rechnung gedroe ginn, an d'Comités éthiques an de Spideeler sinn agefouert ginn. Leider hu mer an der Kommissioun misse feststellen, dass an enger ganzer Rei vu Spideeler déi net existéieren an also déi Spideeler och där Obligatioun net nokomm sinn.

En anere Bräussen Défi waart op eis am Beräich vun der Formatioun. Ausser e puer Ausnahmen hu Lëtzebuurger Doktere keng Formatioun an der Palliativmedezin. Och wat de ganz wichtegen Domän vum Traitement vun der Péng ugeet besteet e grouse Manktum. De Collège médical mengt dozou, dass et absolut néideg ass, dass all Dokter, deen hei zu Lëtzebuerg exerzéiert, eng Ausbildung an dëser Branche huet oder op d'mannst kritt. An der Kommissioun ware mir der Meinung, dass et néideg ass, dass all concernéiert Personal eng adequat Formation en soins palliatifs muss kréien. Dëst ass och de Fall fir d'Formation continue.

Am Kader vun der Demande d'autorisation, fir sech zu Lëtzebuerg ze etabléieren, ass et schwier, wann net esouguer onméiglech eng Obligatioun fir d'Doktere vun enger Formatioun an der Palliativmedezin anzeféieren. Dat géing bilateral Accorde mat deene jeeweilege Länner bedéngen, wou eis Dokter hir Universitätsstudien absolvéieren. Eng Handhab hunn déi Lëtzebuurger Autoritéiten awer um Niveau vun der Formation continue. D'Kommissioun ass der Meinung, dass d'Regierung d'Reglementatioun an där Matière misst an dësem Sënn adaptéieren.

Här President, d'palliativ Soinen hei zu Lëtzebuerg wieren net déi, déi se elo sinn, wann de Bénévolat net wier. Bénévole si wäertvoll Collaborateure vun de medezineschen Equipen. Hir Roll ass déi vum Réconfort vun de Kranken an hirer Famill. Duerch hir Presenz an hir Ecoute weise si, dass e Kranken nach ëmmer e Member vun eiser Gesellschaft ass. Andeems si hire Bénévolen, mä och dem Fleegepersonal eng Ausbildung vermëttelen, maachen dës Associatiounen eng äusserst wäertvoll Aarbecht. An den eigentleche Wäert dovunner ass, dass een och op deem Gebitt ka spezialiséiert Unitéiten aféieren, déi dann awer och de Besoinen an de Virstellung vum enger ganzer Rei vu Leit géingen entsprechen. Hei muss een och op d'Pluralitéit setzen, d'Pluralitéit vun alle méigleche Choixen, an insistéieren drop, dass iwwerall do wou stierweskrank Leit, also Patienten en fin de vie sinn, optimal Soins palliatifs musse funktionéieren. Dat gëtt et zum Beispill mat spezialiséierten a multidisziplinären Equipen, déi an alle grouse Spideeler zur Verfügung solle stoen.

D'Commission spéciale „Ethique“ ass der Meinung, dass de Bienfondé an d'Noutwendegkeet vun der bénévoler Aarbecht mussen unerkannt ginn an nach weider encouragéiert an ënnerstëtzt ginn. Esou ware Membere vun der Kommissioun, ech géing soen eng Majoritéit vu Memberen, der Meinung, dass de Stat kënnt d'Fräe vun der Formatioun en charge huelen an de Collaborateuren eng Indemnitéit verséieren ënnert der Form zum Beispill vun engem Forfait de déplacement oder hinnen e Congé familial octroyéieren. Ech hu gesot: Eng Majoritéit vun de Memberen.

Dat Wuert, a mir waren eis däers bewosst, huet gréisser finanziell Inzidenzen. Dofir fuerdere mer och d'Regierung an enger Motioun op, dëse Problem ze studéieren an dat am Kader vun engem Plan national de financement.

Wéi a wou soll d'Palliativmedezin dispenséiert ginn? An der Kommissioun hu mer festgestallt, dass et och bei de Professionnelle vun der Santé Meinungsverschiddenheete gëtt wat d'Strukturen ugeet. Ouni wëllen de Spezialisten Instruktiounen ze ginn, hu mir gemengt, dass hei eng grouss Flexibilitéit am Fonctionnement bestoe muss. Och ware mer der Meinung, dass d'Palliativfleeg doheem misst verstärkt ginn, mä hei muss awer de familiäre Kader stabil sinn, soss funktionéiert dat net.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deem Sënn hunn ech hei eng Motioun ze déposéieren, déi vum Här Weiler a vu mir ënnerschriwwen ass a wou och nach aner Fraktiounen sech kënnen dorunner bedeelegen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant les discussions ayant eu lieu au sein de la Commission spéciale d'Ethique en vue du débat d'orientation sur la médecine palliative, l'acharnement thérapeutique et l'euthanasie;

considérant l'article 37 de la loi du 28 août 1998 stipulant que chaque patient a accès aux soins préventifs, curatifs et palliatifs que demande son état de santé;

considérant que l'acceptation de soins palliatifs et l'accompagnement du malade en fin de vie ont connu, au cours des dernières années, une évolution certaine au Luxembourg;

considérant cependant qu'il existe actuellement encore des déficiences d'infrastructure en médecine palliative et des insuffisances concernant l'organisation et le financement des soins palliatifs dans les milieux hospitaliers;

estimant que chaque malade en fin de vie a le droit de bénéficier d'une prise en charge psychologique et médico-sociale adaptée et continue;

estimant que pour atteindre ce but il est indispensable que tous les intervenants dans l'administration des soins palliatifs, médecins, infirmiers, personnel soignant ainsi que les bénévoles, bénéficient d'une formation adéquate et continue;

invite le Gouvernement

à créer le cadre juridique pour que le recours aux soins palliatifs et le traitement de la douleur soient reconnus comme un droit de chaque patient,

à prendre les mesures nécessaires et à mettre en œuvre un programme national en matière de soins palliatifs en tenant compte des besoins des patients en fin de vie et l'encadrant soit en milieu hospitalier, soit en milieu ambulatoire, et à explorer les voies possibles de financement de ce programme national,

à prendre des initiatives en vue d'assurer la formation adéquate et continue incluant un suivi psychologique des médecins et du per-

sonnel soignant, d'inclure dans ces initiatives la formation des médecins en traitement de la douleur et d'envisager l'introduction d'une formation en soins palliatifs dans la formation initiale du personnel soignant,

à examiner les possibilités de prise en charge des frais de formation des collaborateurs bénévoles au sein des associations actives en matière de soins palliatifs et d'accompagnement des mourants,

à veiller à l'application des dispositions inscrites dans la loi du 28 août sur les établissements hospitaliers, spécialement de l'article 24 sur la création d'un comité d'éthique hospitalier.

(s.) Jean-Paul Rippinger, Gast Gibéryen, Marie-Josée Meyers-Frank, Marco Schroell, Lucien Weiler.

Da kéime mer zum zweete Volet. Dat ass dee vun Acharnement thérapeutique. An enger franséischer Charte iwwer Palliativfleeg gëtt et iwwert den Acharnement thérapeutique folgend Definition: „C'est l'attitude qui consiste à poursuivre une thérapeutique lourde à visée curative, qui n'aurait comme objet que de prolonger la vie, sans tenir compte de sa qualité, alors qu'il n'existe aucun espoir raisonnable d'obtenir une amélioration de l'état du malade“.

Den Acharnement thérapeutique gëtt a verschiddene legislativen Texter behandelt, sief et de Code de déontologie médicale oder och d'Gesetz vum 28. August 1998 iwwert d'Etablissements hospitaliers. Et besteet ouni Zweifel e grouse Konsens géint den Acharnement thérapeutique. Dës Praxis gëtt rejetéiert vun deene meeschte Kranken, dem Corps médical, wéi awer och vun der ziviler Gesellschaft. Et gëtt awer och Fäll wou et zu ethe-sche Problemer komme kann. D'Famill wëllt zum Beispill, dass mat engem sougenannte schweieren Traitement weider gefuer gëtt, oder den Dokter benotzt aus juristesche Grënn, oder wéinst dem Principe de précaution, léiwer méi eng defensiv Medezin. Dës Grenz-fäll kënnen nëmmen duerch eng kloer an adequat Informatioun évitéiert ginn. Ausserdeem, fir all Reproche aus dem Wee ze goen, en Traitement géif aus sozialen oder ökonomeschen oder och vläicht esouguer finanzielle Grënn gestoppt ginn, ass d'Ethikskommissioun der Meinung, dass et onbedéngt néideg ass, den éischten Interesséierten, an zwar de Kranke selwer, an den Décisionsprozess mat anzebannen.

Niewent de Comités d'éthique, déi an de Klinicke bestoe sollen, ass do ouni Zweifel en Dokument, dat d'Dispositions de fin de vie vun enger Persoun festhält, e wichtegt Instrument. An dësem Dokument, och nach dacks Testament de fin de vie oder Testament biologique genannt, huet all Persoun d'Méiglechkeet déi Soinen an dat Traitement ze akzeptéieren oder ze refuséieren, dëst an der Eventualitéit, dass si am Endstadium vun enger Krankheet oder duerch en Accident net méi amstand wier sech auszedrécken oder selwer Décisionsen ze huelen. Esou en Dokument kann een als Wëllensakt ugesinn. All eis Gesprächspartner ware vun der Wichtigkeet an dem Bienfondé vun esou engem Dokument iwwerzeegt.

Här President, an der Ethikskommissioun hu mer virgezunn den Term „disposition de fin de vie“ zréckzebehalen. Mir wëllen net, dass et zu der Verwiesselung kënnt mat dem klasseschen Testament. All Membere vun der Ethikskommissioun ware sech eens, dass déi fundamental Prinzipi vum der Autonomie an der Autodétermination vun der Persoun duerch esou en

Dokument respektéiert ginn. Dëst Dokument, oder dës Pièce ass net nëmmen eng Hëllef, e Guide fir den Dokter, mä ass och e wichtegt Kommunikatiounsmëttel tëschent der betroffener Persoun an hirem Entourage, tëschent dem Patient an dem Fleegepersonal.

Et ass sécher net einfach sech Gedanken iwwer seng Liewensdauer a säi Liewenssinn ze maachen. Mir sinn dofir der Meinung, dass een d'Redaktioun vun esou engem Dokument kengem kann opzwéngen, dass et jiddferengem iwwerlooss bleiwe muss esou een Dokument selwer opzesetzen.

Et ass an eisen Aen evident, dass dës Dispositiounen zu all Moment widderruff oder geännert kënnen ginn. D'Spezialkommissioun Ethik ass der Meinung, dass d'Modalitéiten iwwert den Dépôt an d'Accessibilitéit vun den Dispositions de fin de vie musse regléiert ginn an dass d'Confidentialitéit vun dësem Dokument assuréiert soll sinn. Et muss also eng Plaz definéiert gi fir den Dépôt vun dësen Dokumenter. Dëst kënnt den Notär als Officier public sinn, oder e Service beim Ministère de la Santé.

Här President, a mengem Rapport hunn ech ënnerstrach an ech wëllt hei nach eng Kéier betounen, dass keen Dokter ka gezwonge ginn de Wëlle vun engem Patient, deen hien an enger Disposition de fin de vie festgehalten huet, ze respektéieren, wann dës Wëllen a Kontradiktioun mat senger Ethik ass, dat heescht mat dem Dokter senger Ethik.

Et ass nu sécher, dass wann een dëst Dokument opsetzt, ee muss amstand sinn dat ze maachen, an zwar en toute connaissance de cause. Dofir ware mer der Meinung, dass all dement Persoun, grad esou wéi Mannerjähreger solle vun dëser Méiglechkeet ausgeschloss sinn.

Wat elo déi legal Unerkennung vun engem Testament de vie, dat esou Dispositiounen enthält, ugeet, war d'Kommissioun der Meinung, dass e Caractère d'authenticité muss bestoen, dëst éischstens duerch d'Interventioun vun engem Officier public, oder engem Ministère, an zweetens duerch d'Gesetz vum 28. August 1998 iwwert d'Etablissements hospitaliers, dat a sengem Artikel 40 Folgendes festhält: «Le patient a le droit de refuser ou d'accepter toute intervention diagnostique ou thérapeutique, sans préjudice des dispositions de l'article 7 ... de la loi du 4 août 1992 relatif à la protection de la jeunesse.»

Fir d'Kommissioun mussen d'Dispositions de fin de vie als eng Verlängerung vun dësem Recht ugesi ginn. Sou en Dokument ass en äusserst wäertvollt Mëttel fir all Persoun déi sech am leschte Stadium vun hirem Liewe befënnt, hirem Wëllen Ausdruck ze ginn. Dës Dispositiounen kënnen awer ni den Dialog als essentiell Element an enger Relatioun tëschent engem Patient, dem Dokter, dem Fleegepersonal an der Famill ersetzen. Mä et ass awer sécher ee wäertvolle Repère fir d'Famill an de Frëndeskreies, wa si an engem schwierege Moment déchirant Entscheedungen mussen huelen.

An och wat dës Sujet an dës Volet ubelaangt, Här President, déposéieren ech eng Motioun, déi och vum Här Weiler a vu mir ënnerschriwwen ass, wou mer verlaangen, dass den Testament de vie an déi Lëtzebuurger Législatioun agesat gëtt; an et ass nach Plaz drop wann aner Fraktiounen sech do wëllen uschlëssen.

Motion 2

La Chambre des Députés,

considérant que la loi du 28 août 1998 sur les établissements hospitaliers consacre le principe des droits et des devoirs des malades et accorde une grande importance au principe de l'autodétermination du patient tout en consolidant son droit de décision;

considérant que les situations de fin de vie, où le malade est dans l'incapacité d'exprimer sa volonté, sont fréquentes;

estimant utile et nécessaire de prévoir des procédures permettant à toute personne malade de faire connaître, valoir et respecter sa volonté;

convaincue donc de la nécessité de créer un cadre garantissant l'autonomie du patient et de son consentement éclairé;

estimant qu'un document tel un „testament de vie“ représente un moyen précieux pour une personne en fin de vie d'exprimer ses dernières volontés;

invite le Gouvernement

à introduire dans notre législation le „testament de vie“, consistant dans un document contenant les dispositions de fin de vie de son auteur, par lesquelles celui-ci exprime sa volonté concernant les circonstances de sa fin de vie, et qui guident le médecin dans ses choix de traitement.

(s.) Jean-Paul Rippinger, Gast Gibéryen, Marie-Josée Meyers-Frank, Marco Schroell, Lucien Weiler.

Da kommen ech schonns, Här President, un deen drëtten Aspekt, deen drëtte Volet vun eisen Aarbechten, an dat ass dee vun der Euthanasie. De Problem Euthanasie war ouni Zweifel - an dat huet ee schonn an den Diskussiounen 1999 gesinn -, dee schwiergeesten an dee sensibelsten ze diskutéieren, dëst a Considératioun vu sengen etheschen, moraleschen, deontologeschen, juristeschen a politeschen Implikatiounen.

Wa mir hei iwwer Euthanasie schwätzen, da baséiere mir eis op d'Definitioun déi am Rapport iwwert d'Debatt vun 1999 festgehalde ginn ass, nämlech nëmmen d'Euthanasie volontaire oder active. An do ass et wichteg nach eng Kéier doriwwer ze referéieren, wat dann 1999 u Conclusiounen an dem Dossier Euthanasie festgehalde ginn ass.

Dräi méiglech Positiounen goufen deemools zréckbehalen. Éischstens, d'Euthanasie ass a bleift punnissable no eise Code pénal, also et ännert een näischt un der aktueller Situatioun. Zweetens, et kann een d'Euthanasie dépénaliséieren, also de positiven Akt vun der Euthanasie stroffräi maachen. An drëttens, déi juristesche Notioun am Droit pénal vun der Cause d'excuse oder der Cause de justification eran ze bréngen.

Ech muss lech soen, op Grond vun deene Considératiounen a vun deenen Débats d'orientation 1999, wollt ech awer als President an och als Rapporteur vun där Kommissioun op deem Gebitt weiderkommen - net dass mer an deem aktuelle vide juridique géinge bleiwen - an ech hu versicht e Konsens ze sichen, fir eben deen aktuelle Vide juridique ze combléieren. An eisen Diskussiounen si mir zur Kenntniss komm, dass et indiqüiert ka sinn, den Doud vun enger stierwender Persoun ze beschleunegen, dëst andeems ee bestëmmt intensiv Therapien ënnerléisst, oder andeems een hir staark Medikamenter géint d'Péng a Calmanté gëtt.

Iwwert de Refus vum Acharnement thérapeutique ze diskutéieren, ouni d'Problematik vun der Euthanasie ze envisagéieren, ass weineg realistesch. D'Grenz tëschent deem sougenannten Arrêt thérapeutique an engem Traitement fir de Confort vum Patient ze assuréieren, dee sech als „euthanasiant“ erweist, ass äusserst schmuel.

Mä op d'Fro „Un acte euthanasique peut-il être qualifié d'acte moralement et éthiquement acceptable?“ sinn an der Kommissioun - an dat war och selvstverständlech - Divergenzen ervirkomm, déi ech als „irréductible“ also oniwwerbréckbar bezeechne kann. Fir verschid-

de Membere vun der Ethikskommissioun ass d'Euthanasie active op moraleschem Plang an deene Fäll justifizéiert, wou et eng medezinesch Situatioun ouni Auswee gëtt, wou e grousst Leide besteet, a wou d'Recht vun all Mënsch op Autonomie net a Fro gestallt gëtt. Fir aner Membere bleift d'Euthanasie e moralesch inakzeptabelen Akt, dee géint den onantastbare Wäert vum Liewe geet.

All Memberen hunn hir Verbonnenheet mat den dräi fundamentale Valeure vun eiser Ethik zum Ausdrock bruecht: déi mënschlech Dignitéit, de Respekt vum Liewen an d'Autonomie vun der Persoun. D'Differenzen articuléiere sech ëm d'Primautéit déi déi verschidde Membere moralesche Valeure ginn, déi eng par rapport zu deenen aneren. Als President vun der Kommissioun hunn ech du sämtleche Memberen e Questionnaire zougestallt, e Questionnaire dee véier Froe beinhaltet huet, a wou d'Fraktiounen drop konnten äntwerten, ebe well mer wollten an dem Dossier virukommen.

Déi éischt Fro war folgend: Ass d'Ethikskommissioun der Meenung, dass een an déi Lëtzebuerger Législatioun d'Dispositiounen vun der Proposition de loi Err an Huss soll abréngen? Do war eng ganz grouss Majoritéit fir dat net ze maachen.

Déi zweet Fro, déi huet sech ëm d'Dépénalisatioun vun der Euthanasie active gehandelt, respektiv d'Euthanasie volontaire, andeem dass ee sech inspiréiert hätt an den Dispositiounen vum Gesetz vum 15. November 1978 relatif à l'information sexuelle, à la prévention de l'avortement clandestin et la réglementation de l'interruption de grossesse. Do hu mer och gesinn, dass mer iwwert dee Punkt keng Majoritéit an der Kommissioun kéinte kréien.

Déi drëtt Fro, déi ënneragedeelt war, huet iwwert den Testament de vie gehandelt: Sidd Dir d'accord fir an d'Législatioun déi Disposition de fin de vie anzeféieren, andeem dass een den Dokter freet fir dass en op all Acharnement thérapeutique renoncéiert? Dat war ënnert dem Punkt A an ënnert dem Punkt B, ob dann de Patient d'accord ass, dass den Dokter ebe géng d'Euthanasie prodigéieren. Op déi Ennerandeelung A hu mer eng large Majoritéit kritt, an op déi aner, déi zweet Fro, net.

An da koom déi véiert Fro, dee véierte Punkt vum Questionnaire: Solle mer légiféréieren? Ech kann lech nëmme soen, déi eng Fraktiounen hu schrëftlech geäntwert, déi aner mëndlech, an et ass och net u mir, fir elo hei als Rapporteur dat hei ze soen, wat se eis geschriwwen hu respektiv gesot hunn - ech mengen all Fraktioun kënn heihinner a seet dat selwer wat se zu deene Punkten ze soen huet -, an et ass och net u mir als President vun der Kommissioun, fir dat ze kommentéieren.

An der Conclusioun sinn d'Äntwerten op dese Questionnaire an awer och den Avis vun den Doktere considéiert ginn, well en definitive däréif ee jo awer net vergiessen dass deejäinegen, deen den Akt muss vollzéien, jo awer den Dokter ass. Den Dokteren hir Implikatioun an deser Problematik ass jo dofir net méi ze beweisen. Dofir war et enger Majoritéit vun de Membere vun der Kommissioun wichteg, den Avis vun den Dokteren a Considération ze zéien. A senge verschiddene Prise-de-positionen huet de Corps médical ëmmer erëm op d'Entwécklung an de Finanzement vun der Palliativmedizin insistéiert. Fir si ass d'Dépénalisatioun, d'Stroffräiheet also vun der Abstention thérapeutique an de Refus vum Acharnement thérapeutique absolut ze recommandéieren. Och si hu sech en faveur vum Dokument «Dispositions de fin de vie» ausgedréckt, dëst fir d'Autonomie vum Patient an een opgeklärte Consentement ze ënnerstëtzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen also zur Conclusioun. D'Spezialkommissioun widderhëlt dass an deem Débat jiddferee fräi muss sinn, déi gestallte Froen no sengen eegenen etheschen a moralesche Prinzipien anzeschätzen an eng Äntwert dorober ze ginn. A Considération vun den Diversitéiten an den Divergenzen an den Iwwerzeegungen an an den Appréciatiounen ass d'Spezialkommissioun Ethik zur Conclusioun komm - ech hunn et virdrun ugedeit -, dass ee Konsens iwwert d'Proposition de loi N°4909 sur le droit de mourir en dignité net méiglech ass.

D'Kommissioun ënnersträicht d'Recht vun all Patient, palliativ Fleeg ze froen an ze kréien. Et ass absolut primordial all noutwendeg Moosnamen ze huelen, fir dass et zu enger Entwécklung an dem Finanzement vun der Palliativmedizin kënn. Dëst an de Klinicken oder och an aneren Etablissements, wou doudkrank Leit gefleegt ginn, an och eben doheem. Och ass et elementar, dass et zu enger adequater Formatioun vum medezinesche Personal kënn. D'Kommissioun refuséiert all Acharnement thérapeutique an hirer Majoritéit, an ass der Meenung, dass et zu enger Dépénalisatioun vun der Abstention thérapeutique muss kommen.

Well eis Gesellschaft d'Pflicht huet, d'Autonomie vum Patient a säi Recht op Autodétermination ze garantéieren ass eng Majoritéit vun der Kommissioun der Meenung, dass eng legal Basis fir en Dokument „Dispositions de fin de vie“ geschafe muss ginn. Well d'Euthanasie active mam Gewëssen a mat der ethescher Opfaassung vun all Eenzelnem ze dinn huet, huet d'Kommissioun keng eenheetlech Positioun an deser Fro konnten dégagéieren.

Ech muss also soen, dass en définitive mer awer an de Majoritéitspartei versicht hunn zu engem Konsens ze kommen, dee sech dann ausdréckt an enger anerer Motioun, an där leschter Motioun, Här President, déi ech lech iwwerreechen, a wou et drëm geet ze légiféréieren an dem Sënn vun enger Dépénalisatioun vun der Abstention thérapeutique.

Motion 3

La Chambre des Députés,

rappelant la priorité absolue que la Chambre accorde au développement de la médecine, à la recherche dans ce domaine et aux soins palliatifs à prodiguer à tout malade en fin de vie;

considérant que les débats de la Commission spéciale «Ethique» ont porté sur l'ensemble des questions liées à une fin de vie dans la dignité, et ont englobé les soins palliatifs, l'abstention thérapeutique et l'euthanasie;

considérant que l'euthanasie, consistant en un acte positif concret entraînant directement la mort, reste un problème de conscience pour chaque individu selon ses conceptions éthiques et morales; qu'en outre, d'après notre droit pénal actuellement en vigueur l'euthanasie est punissable;

considérant d'autre part que l'abstention thérapeutique consiste en la renonciation à tout acte médical dépourvu d'effet curatif et n'ayant plus comme but que de prolonger artificiellement la vie d'une personne sans pouvoir remédier à un mal incurable;

se prononçant dès lors contre toute forme d'acharnement thérapeutique;

invite le Gouvernement

à légiférer dans le sens d'une dépénalisation de l'abstention thérapeutique telle que proposée dans l'avis de l'Association des Médecins et Médecins-Dentistes du 18 juin 2002.

(s.) Jean-Paul Rippinger, Gast Gibéryen, Marie-Josée Meyers-

Frank, Marco Schroell, Lucien Weiler.

Compte tenu vum Fait, dass an der Kommissioun déi eng Leit der Meenung waren, mir géingen net wäit genuch goen um Gebitt vun der Euthanasie an d'Euthanasie active erlaben; compte tenu vum Fait, dass awer genausou vill Leit aus der Oppositioun zu deem Sujet net wollten esou wäit goen, war et eigentlech awer opportun, géng ech soen, e Mëttelwee ze fannen.

De Mëttelwee hunn dann eben d'Majoritéitspartei fonnt, andeem se als Document de travail an als Document de base vun deem, wat se elo an de Motiounen ausgedréckt hunn, d'Konklusiounen geholl hu vum Avis vun den Dokteren. Och d'Doktere sinn net all enger Meenung. Och do gëtt et eng Majoritéit, déi där enger Meenung ass, an eng Minoritéit, déi där anerer Meenung ass.

Op jidde Fall wëll ech all menge Kollege merci soe fir hir wäertvoll Kollaboratioun an der Kommissioun, wou jo awer schliesslech ganz interessant Diskussiounen stattfonnt hunn, ech géng soen abseits vun alle politesche Considérationen a Polemiken, wat ganz wichteg ass. Ech géng soen, den allerleschte Konsens, dee mer an der Ethikskommissioun majoritär erreecht hunn ass - n'en déplaise à quiconque - a mengen Aen trotz allem e grouse Fortschrétt, an näischt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wäert eis an Zukunft ofhalen dese Fortschrétt weider auszubauen. Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als éischte Riedner ass den Här Patrick Santer agedroen. Den Här Santer huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Patrick Santer (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir debattéieren haut iwwer en Themekomplex, dee wéi kaum en anere sensibel ass. Sensibel net, well e sech an enger Logik vun enger Auseinandersetzung tëschent Parteien aschreift, grad dat soll en net, mä sensibel, well d'Fro vum Liewen a vum Doud, ëm déi et an der Thematik vun der Stierfbegleitung geet, jiddferengem ganz perséinlech no geet. Mir hunn et hei mat engem Sujet ze dinn, wou et keng Parteidisziplin gëtt. Et gëtt just perséinlech Meenungen an Iwwerzeegungen, et gëtt Gewëssenentscheeder, déi jiddferee fir sech selwer huele muss.

Et ass net fir d'éischt dass d'Chamber sech mat deser Thematik befaasst, a grad wéi bei eiser leschter Debat 1999 gesi mir och des kéier nees, dass d'Iwwerzeegungen, déi artikuliert ginn, sech net un den Trennlinnen tëschent de Parteien orientéieren. Ech sinn doriwier zimlech zefridden, well dat a mengen Aen dem Eescht vum Sujet Rechnung dréit. Mat e puer Ausnahmen huet nämlech keen hei am Haus versicht aus der Stierfbegleitung e Politikum ze maachen, wat sech fir parteipolitesch Polemik soll eegnen. Mat Gewëssensfroe mécht ee kee Wahlkampf.

Stierfbegleitung ass keen ideologesche Sujet. Si léisst sech net am Clivage tëschent riets a lénks, tëschent progressiv a konservativ aspären. Et gëtt kee fortschrëttlechen Doud. Et gëtt kee reaktionären Doud. Et kann eleng e wierdegen Doud ginn op deen all Mënsch e Recht huet.

Här President, eng vun de Charakteristike vun der Stierfbegleitungsdebat ass d'Schwieregkeet vum Émgang mat de Begrëffer. Wat zum Beispill genee Euthanasie ass muss gekläert ginn ier een driwwer diskutéiert an ier ee Son-dagen dozou organiséiert. Wann

zum Beispill eng grouss Majoritéit sech schéngt der Euthanasie géigeniwwer positiv ze artikuléieren, da muss een d'Fro stelle wat dann des Leit mat Euthanasie gemengt hunn. Wa mer iwwer Palliativmedizin an Acharnement thérapeutique schwätzen, da musse mer wësse wou dat eent ufänkt a wou dat anert ophält. Da mussen d'Ennerscheeder zwëschent den Notiounen kloer sinn an da muss déi gesamt Tragweid vun deenen eenzelne Wiederer bekannt sinn. Ouni dat féiere mer eng Debat op Käschte vun den intimen Ängscht vun de Leit.

Wa verschiddeentlech aus dem politesche Raum haart no aktiver Stierfhëllef geruff gëtt, an deem Ruff schléisst sech da Bierger am Kader vu Sondagen un, da sinn ech perséinlech dovunner iwwerzeegt dass et enger grousser Zuel vu Befroten net kloer ass wéi am politesche Milieu iwwert dese Sujet diskutéiert gëtt.

D'Leit hunn Ängscht virun engem qualvollen Doud mat vill Péng. Ech och. Si fäerten eventuell just nach vun enger Maschinn um Liewe gehalten ze ginn, un engem Liewe wat fir si iwwerhaupt keent méi ass, well si et iwwerhaupt net méi matkréien. An da gëtt esou gemaach wéi wann d'Euthanasie - d'Stierfhëllef am eigentleche Sënn vum Wuert - dat eenzegt Mëttel wier, wat ënnert allen Émstänn e wierdegen Doud geif erméiglechen. Déi fréier däitsch Justizministerin Herta Däubler-Gmelin huet emol gesot, fir si géif et eng kloer Trennlinn tëschent dem Akzeptablen an dem Inakzeptable ginn. Si huet gesot si géif sech Hëllef beim Stierwe wënschen, awer nimools Hëllef fir ze stierwen. Dat ass eng Konzeptioun, déi ech deelen, a mat mir vill Kollegen heibannen, an net nëmme op de Bänke vu menger Fraktioun.

Wat dëst konkret bedeit huet d'Ethikskommissioun an de Konklusiounen vun hirem Rapport festgehalten, dee sech un deser Konzeptioun orientéiert. D'Majoritéit vun de Membere vun der Ethikskommissioun ass zur Iwwerzeegung gelaangt, dass eng Positioun misst fonnt ginn, déi engersäits e wierdegen Doud als Recht vun all Mënsch festhält a sech anerersäits enk un dat ulehnt, wat d'Dokteren an hiren Avisen zu deem Thema gesot hunn. Schliesslech ass et de Corps médical, deen net nëmme konstant mat konkrete Fäll konfrontéiert ass, wou e Mënsch amgaangen ass ze stierwen an e bis zum Enn begleet, mä et sinn och d'Dokteren, déi d'Verantwortung droen a se mussen op sech huele fir dat, wat se mat engem Patient maachen, deem therapeutesch a kurativ net méi ze hëllefen ass. Sech iwwert d'Meenung vun den Dokteren ewechzesetzen hätt Konsequenze gehat, déi der Saach an erhiewlechem Mooss geschuet hätt.

Éischstens regelt ee keng Virgäng am medezinesche Beräich géint d'Medeziner. An zweetens kann een e Berufsstand, deen a sengem Amtseed - an ech verweisen hei op den Artikel 45 vum Code de déontologie médicale - sech dozou verpflicht nimools e Mënsch doud ze maachen, net an d'Lag versetzen dat quasi opgrond vun engem Gesetz awer mussen ze maachen.

Déi immens Retizienz vu ganz groussen Deeler vum Corps médical an Holland fir Euthanasie ze praktizéiere beleet dat op androcksvoll Manéier. Nëmme eng ganz kleng Minoritéit vu Medeziner huet sech do fanne gelooss fir aktiv Stierfhëllef ze administréieren. Et geet mer beileiwen net dorëm des Leit ze veruerteelen. Wa mer vu Gewëssensfroe schwätzen, dann hu mer d'Gewësse vun alle Mënschen ze respektéieren, selbstverständlech och dat vu Leit déi no Stierfhëllef froen a vun deenen déi se ginn. Mä dorausser kann ee keng allgemeng gültig a verpflichtend Regel ofleeden. Schliesslech besoen d'Texter vun der europäescher an internationaler medezine-

scher Deontologie eigentlech alles, wat mer an deem Zesummenhang brauchen.

D'Organisation mondiale de la Santé huet an engem Rapport vun 1990 dat heite geschriwwen: „Avec l'apparition de méthodes modernes de soins palliatifs, la légalisation de l'euthanasie volontaire n'est pas nécessaire. Maintenant qu'il existe une solution possible au problème de la mort dans la souffrance, il est préférable de concentrer ses efforts sur la mise en application des programmes de soins palliatifs plutôt que d'exercer des pressions pour légaliser l'euthanasie.“

Och huet 1987 de Weltärzteband dat heite geschriwwen: „Das Leben eines Menschen vorsetzlich zu beenden, selbst auf eigenen Wunsch des Patienten oder naher Verwandter, ist unethisch. Dies hindert jedoch den Arzt nicht die Wünsche des Patienten zu respektieren, den natürlichen Sterbeprozess in der letzten Krankheitsphase seinen Lauf nehmen zu lassen.“

Dës Texter riichte sech géint den Acharnement thérapeutique, fuerderen d'Erhaltung vun enger maximaler Liewensqualitéit fir stierwend Patienten a lehnen déi aktiv Stierfhëllef als Contraire zum hippokrateschen Eed of. Dëst geschitt net zoufälleg. Och de Corps médical ass sech selbstverständlech de Mëssbrauchméiglecheeten vun engem weider goenden Aktionsradius bewosst. Wat vun deenen engen zwar nach kéint als Akt vu Gnod, deen op wierklecher Compassioun berout an engem explizite Patientewunsch entsprécht, praktizéiert ginn, dat kéint vun aneren ze fréi mat de falsche Mëttelen an ouni explizite Patientewunsch administréiert ginn. D'Kontrollméiglecheeten sinn hei begrenzt, et sief dann dass een e komplexen administrative schwéiere Mechanismus opstellt, wat och net an deem Fall ubruecht wär.

D'Medeziner wëssen ëm de Mëssbrauchrisiko bei aktiver Stierfhëllef, an d'Politiker sollte sech an deser kriddeleger Matière net all ze wäit vun deem entfernen, wat d'Doktere selwer fir richtig fannen. D'Kommissioun huet an hirer Majoritéit eng Léisung préconiséiert, an déi ass am Rapport, deen de Kolleeg Jean-Paul Rippinger presentéiert huet - a fir deem säi Rapport ech him merci soen -, festgehalten, déi der eigentlecher Suerg vun de Leit begéint. Dës Suerg ass e wierdegen Doud ouni Péng kënnen ze erwaarden, drop e Recht ze hunn an dat Recht och kënnen anzefuerderen.

Dofir hu mer d'Konklusiounen vun der Kommissioun ronderëm dräi Achsen orientéiert. Et sinn dëst dräi Achsen, déi et erlabe genee deenen Ängschten ze begéinen, déi vill Leit am Zesummenhang mat engem Doud duerch schwéier Krankheet oder Accident hunn.

Mir hunn eis éischstens dofir ausgeschwat, den Usproch op palliativ medezinesch Betreung ze generaliséieren. Ech ginn drop net weider an, well meng Fraktiounskolleegin, d'Madame Marie-Josée Meyers-Frank, dat herno am Detail wäert maachen. Schliesslech ass d'palliativ Betreung vun engem kranke Mënsch eng komplex Ugeleeënheet, déi sech net mat der Administratioun vu Morphinum erschöpft. Tatsaach ass awer, dass se drop ofziilt ee Liewensenn ouni Péng ze erméiglechen, e fundamentale Rechtsusproch vun engem Patient deen et net méiglech ass ze heelen an deem säi Stiefprozess ageleet ass. Tëschtent Euthanasie a Palliativmedizin leie Welten.

Zweetens hu mer eis kloer an daitlech géint den Acharnement thérapeutique ausgeschat. Hie soll formell dépénaliséiert ginn. Dat ass zwar scho wäitgoend zënter dem Spidolsgesetz vun 1998 geschitt, mä mir wëllen eng weider Klärung vun der Stroffräistellung vun den Dokteren, déi zu engem bestëmmte Moment decidéieren, op mede-

zinesch Akten zugonschte vun engem onheelbarkranke Mënsch ze verzichten. Well genee dat ass de Refus vum Acharnement thérapeutique. Et geet drëms fir ze verhënnere, dass reng liewensverlängernd Mëttel agesat gi wa keng Aussicht op Heelung oder Besserung vum Zoustand vun engem Patient méi besteet. Wann den Doud bevirsteet, wann de Stierfprozess vun engem Mënsch amgaangen ass, si mir dofir dës Prozess säin natierleche Verlaf huelen ze loosse. Mir sinn dogéint dass e Liewen, wat sech just nach op e puer vegetativ Funktiounen begrenzt an iwwert deen Zoustand net méi wäert ewechkommen, kënschtlech verlängert gëtt.

An der Vergaangenheet ass am Besuch op d'Oflehnung vum Acharnement thérapeutique och vu passiver Euthanasie geschwat ginn. D'Kommissioun huet dës Begrëff net méi opgegraff, well en der Problematik net gerecht gëtt. Mir wëllen trennen tëschent stierwe loosse an zum Stierwe bréngen. All Akt, duerch dee just den natierleche Stierfprozess a sengem Verlaf gewäerde gelooss gëtt, soll am heitegen Zoustand vun der Debatte net als Euthanasie gezechent ginn. Dës Begrëff soll sech eleng op Akte bezieen, déi eng Hëllef fir ze stierwen duerstellen.

Den Acharnement thérapeutique huet vill Facetten, seng Oflehnung deementspreechend och. Et geet virun allem ëm de Verzicht op all medezinesch Akten, déi keng kurativ Bedeitung méi hunn. Et gëtt Situatiounen an deene keen Akt méi e kurativen Effekt kann hunn, an et gëtt solcher an deenen eenzel Démarché vun der Medezin näischt Kuratives méi kënnen als Wierkung entfalten. Je nodeem ëm wat et genau geet, wéi sech ee Krankheitsbild genee duerstellt, wéi et prezis ëm e Mënsch bestallt ass, bedeit d'Oflehnung vum therapeutischen Acharnement net datselwecht. Et kann eemol de Verzicht op bestëmmten Zousatzmedikamenten sinn, eng aner Kéier zum Beispill d'Ofschalte vun enger Härzlongemaschinn.

An all dës Fall awer geet et ëm datselwecht. Et geet drëms, engem Patient keng Traitementen méi zouzemmenden, déi net méi hëllefen. Et geet drëms e Mënsch, deen um Stierwe läit, stierwen ze loosse. Et geet, wéi ech scho virdrun zitëiert hunn, ëm eng Hëllef beim Stierwen, eng Hëllef déi dora besteet e Liewen net kënschtlech iwwer seng natierleche Span eraus ze verlängeren.

An dann, Här President, hu mer d'Stierwestestament zréckbehalen, wat et ënner verschiddene Begrëffer gëtt, och deem vun der Disposition de fin de vie. Dëst Instrument ass wichteg fir d'Artikulation vum Wonsch vun engem Patient hisichtlech senger Behandlung a fir de Respekt vun deem Wonsch. Mat Disposition de fin de vie schafe mer e Guidage, eng Orientéierung fir d'Dokteren, déi e Mënsch zum Enn vu sengem Liewe betrei. An esou engem Dokument leet e Mënsch duer, wat e sech am Fall vun de Fall erwartet. E formuléiert seng Erwaardungen un d'Medezin an u säin eegent perséinlecht Umfeld, dat sengem Wonsch grad esou soll entsprieche wéi déi behandelnd Dokteren.

Et ass e wichtegt Instrument fir d'Hierstellung vun enger grousser Patientenautonomie. Mä des Autonomie huet Grenzen. Si hält do op, wou mer kee Recht op Stierwen aféieren, wat a contrario vum Recht op Liewen ofgeleet wier. Dëst ass eng Décision, déi all Land muss selwer huelen. Den europäesche Menschenrechtsgerichtshaff huet an der Affär Pretty festgehalten, dass ee Recht op stierwen net international kéint a contrario vum Recht op Liewen ofgeleet ginn, dat déi europäesch Menschenrechtskonvention an hirem Artikel 2 consacrëiert. Domadder huet dëst Gericht, deem seng moralesch Autoritéit vu kengem an Zweifel gezu ka

ginn, kloer duergeluecht, dass et keng prinzipiell, keng international oder keng europäesch verpflichtend Rechtsnorm ka ginn, déi een aus dem Recht op Liewe ka konstruieren.

D'Majoritéit vun der Ethikskommission war der Iwwerzeugung, dass een dem europäesche Menschenrechtsgerichtshaff och fir eis intern Gesetzgebung sollt nogoen. Dofir schafe mer kee Recht op Stierwen, mä mer schafe séier wuel e Recht op ee wierdegen Doud. Dozou dréit och d'aféierung vun der Disposition de fin de vie wesentlech bäi.

Här President, d'Kommissioun ass net méi wäit gaangen, well se der Meinung war an hire Majoritéit, dass e wierklecht Recht op Stierwen, an eng domat verbonnen Dépenalisierung vun der Euthanasie, d'Dieren zum Mëssbrauch ze wäit géif opstoussen. Mir waren der Usicht dass mer net wéisste wou mer genee géifen hkommen, wa mer d'Euthanasie am eigentleche Sënn vum Wuert géifen erlaben. Mir haten d'Befierchtung dass Situatiounen géifen Entstoen, an deenen engem Mënsch kéint eng medezinesch optimal Betreuung versot bleiwen, well ze fréi un aktiv Stierfhëllef géif geduecht ginn. Mir wollte verhënnere dass e Mënsch muss Angscht hunn, wann en no engem Accident oder wéinst schwéierier Krankheet géif an e Spidol ageliwwert ginn, Angscht dass net säi Liewen, mä säin Doud do kéint prioritär viséiert ginn.

A mir wollte virun allem de Bedenke vum Collège médical wéi och vun der AMMD Rechnung droen, déi sech alle béid géint d'Euthanasie ausgeschwat hunn, an zwar aus Grënn déi ech elo scho genannt hunn an déi mat der Perspektiv vun Abüe grad esou vill ze dinn hu wéi mat der Tatsaach dass nëmme ganz wéineg Doktere sech an der Lag geséichen, wëllentlech a wëssentlech, den Doud vun engem Patient erbäizeféieren, an dat op etheschem an deontologeschem Standpunkt rechtfertegen ze kënnen. Also den Doud net ganz einfach anrieden ze loosse, mä bewosst duerch eng bestëmmten Handlung erbäizeféieren. Esou enger Perspektiv hu mer eis widderst, zesumme mat den Dokteren, a mir sinn dovun iwwerzeegt dass des Démarche déi richtig ass. Dat huet eenzeg an eleng mat Respekt virum mënschleche Liewen ze doen a mat Respekt virun der Haltung vum Corps médical, dee jo schliesslech direkt vun deem concernéiert ass, wat mer hei décidieren.

Här President, a mengen Aen an an deene vun de Kollegee vun menger Fraktioun entsprieche d'Konklusiounen vun der Kommission exakt deem, wat eng grouss Majoritéit vun de Leit am Land hei wëllen. Si entsprieche etheschen Iwwerleeungen, déi mam Respekt vum Liewen ze dinn hunn, a si sinn op ee wierdegen Doud als Recht vun all Mënsch ausgeriicht.

D'Liewen ass ze grouss fir jidderee vun eis. Den Doud och. Wann d'Liewen op een Enn geet a sech dem Doud nähert, dann ass dat e Virgang an deen e eenzelne Mënsch net soll agräifen. Net hie selwer an och net déi déi en a senger leschte Momenter begleeten. Dat ass d'Konzeption, déi d'Kommission festgehalten huet, an déi soll an e Gesetz ageschriwwen ginn, fir dass se Verbindlechkeet kritt. Mir sinn der Iwwerzeugung dass mer esou dat richtig maachen, a mir erwaarden eis datt d'Konklusiounen vun der Ethikskommission an hirem richtige Licht opgeholl ginn, als Garantie vun engem Doud an Dignitéit.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. D'Wuert huet den Här Bodry.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Abrëll 2001 huet d'sozialistesch Fraktioun gefrot, dass eist Parlament sech sollt op en Neits mat der Fro vun der begleedender Stierfhëllef beschäftegen. Si huet dat deemools schréfflech verlaangt, nodeem nei Elementer agebratt sinn, haaptsächlech doercher dass an Holland een neit Gesetz a Kraaft getratt ass an och an der Belsch sengerzäit eng nei legislativ Initiative um Punkt war ze aboutéieren.

Mir hu gefrot dass déi zoustänneg Ethikskommission an der Chamber soll op en Neits, wéi hir Virgängerin dat Enn den 90er Jore gemaach huet, sech mat där doter Fro beschäftegen, fir dass mer kënnen eng öffentlech an eng politesch Debatte iwwert déi dote komplex Fro hei zu Lëtzebuerg féieren.

Mir hunn dat och gemaach well mer festgestallt hunn, dass déi Debatte, déi mer am Mäerz 1999, also praktesch genau viru véier Jore an deem Parlament haten, eigentlech zu Lëtzebuerg ouni praktesch Auswierkunge bliwwen sinn, an dat obwuel d'Chamber a ganz enken Ofstëmmunge senger Zäit, ëmmerhin an enger Resolution, hir eege Meinung zum Ausdrock bruecht huet am Punkt vum Testament de vie, an awer an dräi Motiounen, wou se sech also un d'Regierung gewannt huet, der Regierung besonnesch am Beräich vun der Palliativmedezin e ganz kloren Opdrag ginn huet.

Mir waren also der Meinung, dass esouwuel opgrond vun deem wat sech an der Belsch an an Holland an deene leschte Jore gemaach huet op legislativem Plang, wéi och op deem Naischtgeschéien hei zu Lëtzebuerg, et wichteg wär, dass eng Parlamentsdebatte zu deem Thema kënn gefouert ginn. Dat ass haut de Fall, nodeem dräi Wochen no eiser Demande och de Premierminister hei am Numm vun der Regierung deklaréiert huet, déi Debatte sollt nach eng Kéier gefouert ginn, war et also och méiglech dass mer an der zoustänneger Parlamentskommission iwwer laang Hëringen, iwwert Debatten, déi mer intern gefouert hunn, da konnten elo schlussendlech zu dëser Debatte hei kommen, wou ech och hoffen dass dat soll eng Debatte net ouni Konklusiounen sinn, mä dass mer definitiv hei eng kloer Richtung uginne, wou des Chamber mengt, dass deen Dossier soll sech an nächster Zäit entwéckelen.

Leider muss ee feststellen, dass d'Regierungsofkommes, wat am Summer 1999 tëschent der CSV an der DP getraff ginn ass, eigentlech esou eng Entwécklung zu engem groussen Deel hypothekéiert. Well vu vieren eng ëmstridde Fro, mä awer eng wesentlech Fro, déi vun der Dépenalisierung vun der aktiver Euthanasie vu vieren ausgeklammert ginn ass, well déi zwou Parteien senger Zäit gesot hunn, esou eppes wäert et an dëser Mandatsperiod bei eis net ginn.

Et ass also eigentlech nëmme eng Deeldebatt déi kann offe stoffen, wann d'Koalitionsparteie bei hiren Meinung vum Summer 1999 bleiwen. Mir sinn och der Meinung, dass eng aner Ausso an deem Koalitionsprogramm eis kaum weider bréngt, well do nëmme dra steet dass weider soll studéiert ginn ob d'Législatioun iwwert den Acharnement thérapeutique, respektiv den Défait d'acharnement thérapeutique géif duergoe fir eng Strofffräiheet vun den Dokteren an alle Fall ze gewährleisten. Et sollt awer, ausser engem kloeren Niet zur aktiver Euthanasie, am Fong weider studéiert ginn op anere Froen. Dat huet iwweregens d'Chamber och schonn 1999 gesot gehat. Do si mer also net vill weider.

Ech hale fest: Déi Ausso, déi de Premier gemaach huet, an déi eigentlech eis misst awer haut erlaben iwwer all Froen fräi ze diskutéieren, ouni a priori an ouni virgefaaste Meinungen um Niveau vun eenzelne Parteien oder d'Koalition vu Parteien. Hien huet deemools gesot, d'Debatt iwwert den Doud an iwwert d'Stierwen ass ni eriwier. Mir wëllen aus dëser Debatte haut wierklech eng zweet Etapp maachen an deem Reflexiounsprozess, deen Enn den 90er Joren an dëser Chamber ugaangen ass, a wou mer wëllen d'Garantie hunn, dass mer awer schlussendlech um Enn vun den Diskussiounen haut den Owend net op d'äerselwechter Plaz landen, wou mer schonn am Mäerz 1999 an dësem Parlament waren.

An ech fäerten dass, wa mer net iwwert dat erausgi wat d'Koalitionsparteien, ënnerstëtzt vum ADR, als Konklusiounen an hirem Rapport festgehalten hunn, da si mer zimlech genau op där Plaz wou mer viru véier Jore stoungen, an ech kann net erkenne wou doranner an iergendengem Sënn e Fortschritt an eise Reflexiounsprozess kënn ausgemaach ginn.

Fir eis Partei ass d'Fro vun der Stierfbegleitung, vun der Stierfhëllef eng politesch Fro am noble Sënn vum Wuert, eng politesch Fro mat staarken, etheschen Aspekter. Et ass also keng Spillwies fir parteipolitescht Geplänkels an och net net fir Ofrechnung tëschent Parteien. Mir sollte wierklech, wéi vill Parteien dat ëmmer erëm betount hunn, hei d'Gewëssensentscheidung vum eenzelnen Deputéierten, d'Gewëssensfräiheet vum Deputéierten an esou enger ethescher Fro, spille loosse, an den Debatten an herno och bei der Ofstëmmung. Dat hunn d'Parteien deklaréiert gehat am Virfeld vun dëser Diskussioun.

Ech sinn allerdéngs e bëssen traureg feststellen, dass se an der Tëschenzäit awer net ëmmer no deem dote Prinzip gehandelt hunn, nom Prinzip vun der Entscheedungsfreiheet an der Gewëssensfräiheet vum eenzelnen Deputéierten. Wäer dat nämlech de Fall, dann d'äerf een net, wéi besonnesch d'Demokratesch Partei dat gemaach huet, sech andauernd op de Koalitionsaccord berufen, fir net esou wäit ze goe wéi een eigentlech selwer vläicht wëllt goen. E politeschen Accord tëschent Parteien, och tëschent Regierungsparteien, kann ni iwwert dem Gewësse vum eenzelnen Deputéierten stoen. Wann d'Gewësse spillt, dann d'äerf keng aner Froen spillen. Da kann een net e Koalitionsofkommes als iewesch Gesetz uruffen, fir eigentlech aus där Gewëssensfro eraus ze kommen.

Ech hoffen dass mer wierklech hei eng fräi Diskussioun kréien an dass och all Deputéierte sech fräi entscheet, egal wat am Summer 1999 tëschent den Delegatiounen vun CSV an DP ausgehandelt ginn ass.

Ech muss och soen, wann een d'Gewëssensfräiheet an de Vierdergrond stellt, de Sérieux vun den Debatten an de Vierdergrond stellt, da passt et net gutt an d'Bild, wéi dat sech d'Koalitionsparteie geleeht hu virun e puer Wochen, dass öffentlech via Pressebriefing vum Premier, respektiv Communiqué vum der Demokratescher Partei, doriwwer gestridde gëtt, wien dann d'politesch Verantwortung an deem dote Dossier huet. Dat ass wierklech eng zweetrangeg Fro, do si mer wierklech am klengkaréierten, parteipoliteschen Geplänkels, wat mer hei net brauchen a wat ech och hoffen dass mer haut net wäerte féieren.

Ech wäert probéieren, zesumme mat menger Fraktiounskolleege, der Madame Err, an dësen Debatte fir d'ëischt e Bilan ze zéien vun deem wat zënter Mäerz 1999 politesch hei zu Lëtzebuerg op deem dote Plang geschitt ass, fir d'prinzipiell Haltung vun eiser Partei duer-

zeleeën, wou och bei eis an der Fraktioun besonnesch et Nuancé ginn an der Positioun vun deem engem a vun deem aneren. Dat hu mer ni ofgestriden, dat hu mer esouguer schréfflech der Chamberskommission matgedeelt. An da schliesslech probéieren, wéi kënnen d'Konklusiounen an dëser Orientéierungsdebatte sinn, déi wierklech der Regierung och géifen eng Orientéierung ginn, well se géifen d'Meenungsbild majoritär vun dëser Chamber erëmpigelen op deene wichtigste Punkten.

E puer Wuert zum Bilan, e Bilan deen ee muss gesinn am Licht vun deene Motiounen haaptsächlech, well déi hu sech jo un d'Regierung direkt gericht, déi am Mäerz 1999 getraff gi sinn, wou zum Beispill gefuerdert ginn ass, dass en nationale Plang fir d'Palliativmedezin sollt opgestallt ginn, wou gefuerdert ginn ass, dass d'Regierung misst alles maache fir d'Formation continue vun den Dokteren a vum Fleegepersonal am Beräich vun de Soins palliatifs an d'Wee ze leeden.

Et ass fir mech de Constat vun engem relativen Echec, wann ech elo muss liesen, dass an där Motioun, déi den Här Rippinger am Numm vun der DP a vun der CSV deponéiert huet, genau déiselwecht Fuerderungen erëm eng Kéier opgegraff ginn a praktesch mat d'äerselwechter Formulierung nach eng Kéier un d'Regierung gestallt ginn. Dat ass fir mech de beschte Bewäis, dass net vill passéiert ass an deene leschte véier Jore, soss misst een net nach eng Kéier d'Regierung opfuere den nationale Plang opstellen. Deen nationale Plang besteet bis dato net, soss bräicht d'Koalition hir eege Regierung net nach eng Kéier extra dozou opzufuerden.

Hei ass also an deem dote Punkt wéineg, wann net näischt passéiert am Laf vun deene leschte Joren, obwuel deemools d'Motioun eestëmmeg vu sämtleche Fraktiounen ugeholl ginn ass, also sécherlech och bindend war fir déi nei Regierung. Dës Bilan ass also ernüchternd. En ass enttäuschend. Op jidde Fall beweist en, dass e grouse Gruef besteet tëschent deene politesche Prétentiounen, déi an d'Vitrine gestallt ginn, an de konkrete Realisatiounen um Terrain, och wann do net eleng d'Responsabilitéit bei der Regierung läit. Ech kommen nach am Detail op déi dote Punkten zréck.

Well eis Kommissionsaarbechten hunn eppes un d'Licht bruecht, dat ass dass net nëmme d'Motiounen net respektéiert ginn - dat ass leider Gottes näischt Neits hei zu Lëtzebuerg -, mä dass esouguer d'Gesetz net voll respektéiert ginn. Esou gesäit zum Beispill d'Gesetz iwwert d'Etablissements hospitaliers vum August 1998 vir, dass a sämtleche Spideeler, entweder eenzel oder zesummen, sollen Ethikscomitée bestoen, déi eng wichteg Funktioun hunn, grad an der Berodung vun de Leit, vun de Famillje vun de Patienten, déi mat enger schwieriger Situation konfrontéiert sinn; eng wichteg Neierung vun deem Gesetz vun 1998.

Mir hu misse feststellen, dass fënnf Jore no der Mise en vigueur vun deem Gesetz déi meeschten Etablissements hei zu Lëtzebuerg déi Ethikscomitée nach net emol op d'Bee gesat hunn. Wéi mer nogefrot hunn, wat se da géife schaffen, war betretenes Schweigen. Si missten nofroen. Et wousst emol kee wat se reell géife schaffen, ob se iwwerhaupt géife schaffen, an et ass, mengen ech, nëmme opgrond vun deenen Aarbechten, déi hei an der Chamber gemaach si ginn, wou op eemol gesot ginn ass, Enn 2002, sämtlech Spideeler hunn dann elo en Ethikscomitée. Ob se schaffen, dat wësse mer haut nach net.

Et muss een also feststellen, dass do grave Lacunë sinn, an et ass fir eis och ganz kloer, dass do muss eppes geschéien. Dat gëllt och fir

d'Struktur fir d'palliativ Soinë selwer, wou mer och wäit vun enger idealer Situatioun ewech sinn. Mir hunn eigentlech nëmmen dräi Spideeler, d'städtescht Spidol vun Esch, de Centre hospitalier an Ettelbréck, déi iwwer Strukture verfügen, déi deen Numm verdénge wat Palliativmedezin a Palliativsoinen ugeet.

Mir sinn eis awer alleguerten eens gewiescht, dass dat bei wäitem net duer geet, an et war och wéineg Bewegung an deene leschte Joren op deem dote Plang ze verzechen. Et ass also selbstverständlech dass eis Spideeler - si sinn an alleréischter Stell mol gefuerdert - op deem dote Plang mussen aktiv ginn, wat hir Strukture fir d'Palliativmedezin ugeet, wat och d'Ethikskomitéen ugeet, an all aner Obligationen, déi si iwwer Gesetz kritt hunn.

Et ass selbstverständlech och esou, dass eng Responsabilitéit bei de Krankekeese läit, déi zum Deel jo och mat de Spideeler verhandele wat d'Finanzéierung vun deenen dote Servicer ugeet. An och do muss een dofir suergen, dass de Kader klappt, wou déi Verhandlunge gekouert ginn, fir dass esou Unitéiten, esou Servicer, déi bluttnoutwendeg sinn, net doduerjer ofgewiergt ginn, dass se zu engem groussen Deel eleng vun de Spideeler finanziéiert musse ginn an net e Remboursement iwwert d'Krankekeese kënn. An natierlech och Verantwortung vun der Regierung, a spezifesch dem Gesondheitsministère, déi dofir musse suergen dass d'Gesetzter am Gesondheitswiese respektéiert ginn, dee muss Incitatione gi fir dass mer do viru kommen, an deen d'politesch Verantwortung fir dee ganzen Dossier dréit.

Mir stellen also fest, dass eng Rei vu Lacunen, déi schonn 1999 an der Chamber dénoncéiert gi sinn, och praktesch am selwechte Mooss haut nach eng kéier kënnen dénoncéiert ginn, och wat d'Ausbildung vun den Dokteren an deem dote Beräich ugeet oder wat d'Ausbildung vum Personal ugeet. Do mussen obligatoresch Course virgeschloe ginn, do muss Formation continue gemaach ginn an do kenne mer net méi laang waarden.

Ech wëll och hei, wéi d'Virgänger dat gemaach hunn, eng besonnesch Unerkennung maachen, am Numm vun eiser Fraktioun, fir déi éierenamtlech Tätigkeet, déi besonnesch am Beräich vun der Stierfbegleitung hei zu Lëtzebuerg stattfënnt, vun deene ville Fräiwëllegen déi sech do eigentlech fir hir Matmënschen engagéieren. Dat ass fir mech en Exempel vu gelieferter Solidaritéit um Déngscht um Matmënsch, deen eng offiziell Unerkennung verdéngt. An ech verweisen do op déi sozialistesche Virschléi, déi mer allgemeng gemaach hu fir d'Promotion vum Bénévolat, mat der sozialer Ofsécherung, mam Congé associatif, mat Formationsbäihëlfen, wou leider nëmmen e Brochdeel, haaptsächlech d'Agence du bénévolat, vun dëser Regierung zréck behale ginn ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir eis Partei steet an där ganzer Fro do de Mënsch, de Patient am Mëttelpunkt vun eisen Iwwerleeungen. Spezifesch hei den doudkranke Mënsch, dee konfrontéiert ass mat senger Krankheet, mat senger Péng, mat sengem kierperlechen a geeschleche Verfall, mat sengen Ängschten och sécherlech, mat sengem Wunsch och weider ze liewen, weider ze liewen ouni Péng, gutt betreit, ëmgi vu senger Famill a vu senger Frënn.

Dat ass eng Idealvirstellung, déi jiddfereen huet, fir sech an och fir déi Leit déi e gären huet, déi awer leider net ëmmer d'Realitéit ass. An dofir brauche mer eng flächendeckend Stierfbegleitung. Mir brauchen d'Betreiung, d'Fleeg vum Patient, besonnesch am Endstadium vu senger Krankheet. Mir wëssen awer och, dass bei allem

Ausbau vun der Palliativmedezin net alles ze bewierken ass an dass et och haut Fäll ginn, Gott sei Dank nëmmen eng Minoritéit, wou d'Palliativmedezin entweder nach net sou agesat gëtt wéi se et misst sinn oder och net kann alles bewierken. Dat gëtt et, et ginn och haut nach zu Lëtzebuerg Leit déi mat enger gewëssener Péng eleng, no engem groussen Verfallprozess, musse stierwen.

An et ginn déi Leit, an och vläicht anerer, déi fir sech décidéiert hunn, konfrontéiert mat enger fataler Krankheet, dass se net méi wëllen esou weider liewen, dass si net wëllen nokucken, matmaachen, wéi se no an no ofhuelen, kierperlech, geeschteg, an dass se wëllen, nach kloer am Kapp, am Besëtz vun hire meeschte Kräften, eben aus dem Liewen ausscheeden, well dat wat si matmaache fir si d'Negatioun ass vun all deem wat fir si eigentlech d'Liewen duerstellt.

D'Recht also op e mënschewierdeg Stierwen, d'Recht op d'Selbstbestimmung bis zum Doud, vläicht souguer grad an der leschter Phas virum Doud, dat si fir eis fundamental Rechter vum Einzelnen, sief gesot, e fraie Choix hunn, wéi een eigentlech aus dem Liewe wëllt scheeden, wann ee mat enger fataler Krankheet konfrontéiert ass a mat all deem wat dorunner hânt.

Ech wëll och drun erënneren, dass de Selbstmord an eisem Rechtssystem keen Delikt ass, mag dat aus reliéisen Ursachen e Feeler sinn, mä et ass fir eis an eisem Rechtssystem keen Delikt. A firwat soll een eigentlech deem eenzelne säi Wunsch verwieren an enger absolut inextricabler Situatioun, ouni Auswee also, doudkrank, sengem Liewen dezent wëllen en Enn ze bereeden oder en Enn vu sengem Liewen erbäizeféieren?

Et ginn natierlech haut an de Rechter, an dat fir jiddfereen, ganz kriddeleg Grenzfall, ganz kriddeleg Hypotheesen an, egal wéi mer léigiféieren, bleiwen ëmmer Grenzfall bestoen. Dat ass natierlech besonnesch an deem Fall, wou de Kranke selwer net méi à mème ass fraie Wëllen ze äusseren. An deem dote Fall muss ee sech also Prozedure ginn, et muss ee Regele festhale wéi dee Wëlle ka fonnt ginn, selbstverständlech an engem Zesummespill vun Dokter a Patient, insofern dat nach an deem dote Fall méiglech ass.

Famill, Bekannten, Vertrauenspersonen, dat ass alles a ganz komplex Zesummespill, a jiddfereen deen eng kéier bei sech an der Famill mat esou enger Situatioun konfrontéiert ass, dee weess ongeféier wéi dat dote sech haut mécht. Mä hie weess awer och dass dat, wat sech an eenzelne Fäll mécht, wann een d'Texter ganz restriktiv interpretéiert, eigentlech net conforme zu eisem Gesetz ass an eigentlech kéint vum Strofrecht hier verfollegt ginn.

An dofir mengen ech, dass een also op där enger Säit d'Recht op d'Selbstbestimmung vum Einzelnen huet, op där anerer Säit awer och d'Recht vum Dokter fir eng gewësse Rechtssécherheet bei senger Aarbecht ze hunn, déi e mécht. Seng Haaptmissioun ass, an dat stellt keen a Fro, fir Liewen ze erhalen, fir Liewen ze retten. Dat kann net anescht sinn an dat muss och sou bleiwen. Mä doniewent awer stelle sech an der Aarbecht vum Dokter ganz komplizéiert Situatiounen, ganz haart Situatiounen, wou hien am Gespréich mam Patient, am Gespréich mat der Famill, och op aner Mëttelen zréckgräift.

D'Beispill ass scho genannt ginn, wou zum Beispill op Schmerzmëttelen zréckgegraff gëtt a mam Eropsetze vun den Dosis schlussendlech dann och praktesch de Krankheetsprozess beschleunegt gëtt an da schlussendlech zum Doud vum Patient féiert. D'Schmerzmittele ginn eropgesat, ënnert der klorer Erkenntnis dass

dat bannent enger relativ kuerzer Zäit wäert zum Doud vum Patient féieren. Dat gëtt bei Kriibskranke gemaach, et gëtt och an anere Fäll duerchgezunn, no Récksprouch mat der Famill a mam Patient, wann dat nach méiglech ass.

Ech mengen dovunner soll ee schwätzen. Mir sinn hei, mengen ech, fir ouni Tabuen un déi dote Froen erunzegoen, an et ass fir mech relativ kloer, dass déi dote Fäll, déi net d'Regel sinn, mä déi et awer gëtt - ech menge jiddferee weess plus au moins dovunner -, par rapport zu eise Strofgesetzer eigentlech haut strofbar sinn. An dat kann ënner Non-assistance à personne en danger falen, dat kann ënnert den Empoisonnement falen, et kann à la rigueur souguer ënnert de Meurtre falen.

Et ass also fir mech ganz kloer, dass aus Iwwerleeunge fir de Patient, aus Iwwerleeunge fir d'Rechtssécherheet vum Dokter bei senger Aarbecht, muss léigiféiert ginn. Mir kënnen déi Situatioun, déi mer elo hei zënter Jorzéngte kennen, net weider bestoe loosse.

Eng Méiglechkeet fir viru ze kommen - an eis Partei schwätzt sech fir eng Dépénalisation vun der Euthanasie volontaire aus, also vum Patient gewënschten Euthanasie - kéint déi sinn, iwwert de Wee vun enger Justification pénale ze fueren. Dat muss net deen eenzege Wee sinn. Aner Weeër sinn och schonn an der Vergaangenheet opgezeechent ginn. D'Justification pénale, wou mer et eigentlech mat enger Dépénalisation ze dinn hunn, well déi Texter soen: „il n'y a pas d'infraction si“, wann, an deem heite Fall den Dokter, ënnert engem gewëssenen Drock gehandelt huet oder duerch d'Gesetz autoriséiert ass an engem gewëssene Fall ze handelen. Et ass also eng Form vun Dépénalisation, déi iwwert de Wee vun enger Justification pénale duerchgefuer gëtt.

Et bleift, dass mer hei mussen handelen. Mir mussen handelen och wat d'Wëllensbekundung vum Patient ugeet, mä dat hat déi viregt Chamber scho gesot. An enger ganz enker Ofstëmmung huet se sech deemools fir den Testament de vie ausgeschwat an - an dat schéngt mer awer wesentlech ze sinn an dat feelt an der Motioun vun der Regierungskoalitioun - och fir eng zentral Stell, wou déi Testamenter do kënnen nogefrot ginn, esou wéi mer dat bei normalen Testamenter hunn. Dat kann an der Direction de la Santé sinn. Dat kann am Enregistrement sinn.

Fir eis ass et awer och wichteg, dass déi Testamenter do natierlech zu all Moment kënnen ofgeännert ginn - dat schéngt mer selbstverständlech ze sinn -, mä awer och inhaltlech net däärfte beschränkt sinn. Et schéngt mer ganz kloer ze sinn, dass do muss eng Fräiheet sinn an dass dat Testament da fir den Dokter a fir d'Famill eng Indikatioun duerstellt, wéi se sech an deem spezifische Fall do verhale sollen.

Ech kommen zum Schluss, andeem ech soen dass mer als sozialistesche Fraktioun, zesumme mat deene Gréngen, hei en Text wäerte presentéieren, eng Resolutioun, well mer mengen dass hei d'Gewëssensfräiheet vum Deputéierte spille soll, an net e Glaubensbekenntnis par rapport zu enger Koalitioun oder zu enger Regierung. Mir sollten eis als Chamber hei drop festleeë wat majoritär d'Meenung vun der Chamber zu deene wesentleche Punkten ass, sief dat d'Palliativmedezin, sief dat d'Stierftestament, mä awer och d'Euthanasie volontaire, wou mer, mengen ech, ganz kloer soen, dass do muss eng Dépénalisation kommen, wat iwwregens - do muss ech dem Här Rippinger widder-

spriechen - eng majoritär Positioun an der Kommissioun war.

Op déi Froen, op déi geäntwert gi sinn, war bei enger vun de Froen eng kloer Majoritéit do. Dat war déi: Sidd Der fir eng Dépénalisation vun der Euthanasie volontaire? Do huet d'DP Jo gesot, d'LSAP huet Jo gesot an Déi Gréng hu Jo gesot. Et ass also falsch et hei esou duerzestellen, wéi wann do keng Majoritéit gewiescht wier. Et war vläicht net déi Majoritéit, déi des Koalitioun wollt, mä et war eng Majoritéit do, an eigentlech misste mer haut déiselwecht Majoritéit op deem dote Punkt kréien, wa wierklech jiddfereen hei esou ofstëmmt wéi hie bei sech denkt.

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Marco Schroell agetroen. Den Här Schroell huet d'Wuert.

■ **M. Marco Schroell (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Debatt zu Lëtzebuerg iwwert d'Réglementatioun vun der Stierfhëllef dauert elo scho méi wéi zéng Joer an ass besonnesch intensiv an deene leschte véier Joer ginn, no engem éischten Débat d'orientation hei an der Chamber 1999...

■ **Une voix.**- Dat war scho virdrun.

■ **M. Marco Schroell (DP).**- ...an nodeem Holland am Joer 2001 an d'Belsch 2002 um legislative Plang an dëser Matière aktiv gi sinn. Et ass erfreelech, dass déi Motiounen a Resolutiounen, déi deemools vun der Chamber adoptéiert goufen, elo endlech zeideg si fir an eis Gesetzgebung opgeholl ze ginn, esou wéi dat aus dem excellenten Rapport vum Jean-Paul Rippinger, dem President vun der Ethikskommissioun, ervirgeet.

Wat d'Médecine palliative ugeet, widderhuelen ech wat ech scho bei deene leschte Budgetsdebatte gesot hunn: Den Accès zu de Soins palliatifs ass haut e Recht fir all Persoun vu jiddfer Alter, déi stierweskrank ass, sief dat duerch Kriibs, eng degenerativ Nervekrankheet, Aids, eng Häerz- oder Niereninsuffizienz an esou weider.

Wann ech franséisch Zifferen extrapoléieren, da bräichten all Joer zu Lëtzebuerg 1.500 bis 2.000 Leit eng Hëllef um Enn vun hirem Liewen. Franséisch Enquête weisen, dass 10% vun den hospitaliséierte Patientene vun de Soins palliatifs profitéiere kéinten. D'Spidolsgesetz vun 1998 erwähnt expressis verbis d'Recht op eng palliativ Fleeg, mä ech soen näischt Neies wann ech behaupten, dass d'Moyenen de Moment ongenügend sinn.

Um Niveau vun de Spideeler misst eng gewëssen Zuel vu Better fir Soins palliatifs dédiéiert sinn an des Better missten ausserhalb zu der Zuel vun den Akutbetter gefouert ginn. Dat ass de Moment eenzeg an eleng am Escher Spidol de Fall. Bei der Personaldotatioun muss d'UCM dem aussergewöhnlechen Nursing vun dese Patientene Rechnung droen. D'Spideeler a Frankräich an an der Belsch hunn e spezifische Budget fir d'Equipes soignantes vun de Soins palliatifs.

Mä mir sollen net nëmmen un d'Spideeler denken. Den Accompannement de fin de vie soll och doheem méiglech sinn, wann d'Leit dat gären hätten. Dat ass leider de Moment kaum méiglech, well déi néideg Strukturen an de Finanzement net do sinn. D'Réseauen, déi sech ëm d'Soins à domicile këmmen, géife gären hei asprangen, mä déi heiteg Strukturen erlaben et net. D'Interface mat de Spezialisten an de Spideeler ass net formaliséiert a leeft nëmmen am Kader vum Bénévolat.

D'Fleegversécherung ass net géeeegent fir d'Soins palliatifs ze iwwerhuele weinst hirer laangwiere-

ger Procédure d'évaluation an hirem Optrag, dee méi op eng chronesch Dépendance opgebaut ass, woubai d'Soins palliatifs bekanntlecherweis e puer Deeg bis e puer Wochen nëmmen daueren.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

D'UCM op hirer Säit fiert mat Nomenklaturen, déi net fir de multidisziplinäresche Charakter vun de Soins palliatifs géeeegent sinn. Dofir gëtt villersäits e Forfait palliatif gefrot, esou wéi dat och a Frankräich an an der Belsch de Fall ass. Ech mengen dat ass deen eenzege Moyaen fir hei weiderzekommen, a mir musse weiderkommen, well net jiddferee wëllt an d'Spidol stierwe goen oder an en Hospice, a well eng palliativ Behandlung doheem och de Budget vun der Krankekeess vill wéineger belaascht wéi am Spidol, an net zulescht well an der Debatt iwwert d'Euthanasie ëmmer erëm déi ongenügend Offer vun de Soins palliatifs ugeprangert gëtt.

Här President, et besteet e grouss Konsens hei am Haus géint den Acharnement thérapeutique. Den Iwwergang vun der kurativer Behandlung zur palliativer, dat heescht symptomatescher Behandlung, soll an Zukunft esou regléiert ginn, dass d'Dokteren net méi kënne weinst Non-assistance à personne en danger ugeklot ginn. Fir awer sécher ze stellen, dass deen Iwwergang aus medezineschen an etheschen, an net aus sozio-ekonomesche Grënn geschitt, soll de Patient selwer eventuell iwwer eng Disposition de fin de vie seng Meenung geäussert hunn. A défaut kann de Comité d'éthique hospitalier, deen am Spidolsgesetz vun 1998 instituéiert gouf an an ëmmer méi Spideeler fonctionnéiert, eng Entscheedungshëllef duerstellen.

Et gouf vill gestriden an der Kommissioun, ob des Dispositions de fin de vie eng Reconnaissance légale misste kréien. Op jidde Fall gëtt esou en Dokument ganz wäertvoll Informatiounen un de Dokter, un d'Famill an un de Frëndeskrees, wann déi betreffend Persoun net méi fäeg ass am Dialog seng Meenung ze äusseren.

Här President, wa mer hei an der Chamber also iwwert d'Soins palliatifs, iwwert de Refus de l'acharnement thérapeutique an iwwert d'Dispositions de fin de vie eis eens sinn, da bleift - a wéi wär et och anescht méiglech - de Problem vun der Euthanasie a vun der Aide au suicide dat delikat Thema wou jiddferee mat sengem eegene Gewësse muss fäerdeg ginn.

De Rapport vun der Ethikskommissioun weist drop hin, dass ethesch gesinn dräi fundamental Wäerter sech hei opposéieren, an zwar de Respekt virum Liewen, déi individuell Autonomie an Autodétermination vum Patient an net zulescht seng Dignité humaine, dat heescht seng mënschlech Würd.

Ech respektéieren all déi Leit, déi prinzipiell d'Liewen als helleg an inviolabel betruechten. Mat villen anere mengen ech awer, dass d'Dignitéit vum Liewe mindestens esou eng Valeur duerstellt wéi d'Liewe selwer. All Mënsch muss d'Recht hunn op e mënschewierdegen Doud, dat heescht ouni iwwerdriwwe physesche, psychesche oder moralesche Péng oder Leed ze stierwen. Ass dat net de Fall, da muss deen Einzelnen d'Recht hunn op Autodétermination, dat heescht selwer bestëmmen ze kënnen weini dass et duer geet. Ech sinn der Meenung, dass a gewësse Fäll eng Persoun soll gehollef kréien ze stierwen, sief et duerch eng Aide au suicide oder duerch eng aktiv Euthanasie, esou wéi dat jo schonn haut praktizéiert gëtt. Leider nëmmen nach am Geheimen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. Marco Schroell (DP).**- Här President, ech si mam

François de Closet d'accord, wann hie seet d'Euthanasie wier keng politesch Entscheedung, mä eng Noutwendegkeet, déi sech aus der moderner Medezin ergëtt. Virun 100 Joer huet den Dokter d'Stierfzëmmer verlooss fir dem Paschtouer d'Feld ze iwwerloossen. Haut gëtt am Spidol esou laang wéi méiglech gestuerwen, wochelaang, méintelaang.

D'Palliativmedezin kann an deene meeschte Fäll hëllefen, awer net ëmmer. Et gëtt Leit, déi mat hirer Astellung zum Liewen an zum Doud, zur Dignitéit an hirem Bedürfnis op Autonomie, net vill mat Palliativfleeg kënnen ufänken.

Haut geet et drëm, ziviliséiert an demokratesch mam Liewensenn ëmzegoen. Déi Dokteren, déi haut schonn engem Patient hëllefen ze stierwen, maachen dat meesch-tens aus Compassioun, aus Nächsteléift. An déi Patienten hate Chance, dass se deen Dokter op hirer Säit haten, an dat obschonns deen Akt stroferechtlech engem Mord nach ëmmer gläichgestallt gëtt. Dës heemlech Euthanasiepraxis enthält awer e Risiko vun Dérapage, deen, menger Meenung no, më grouss ass, wéi dee vun enger gesetzlecher Regelung, esou wéi dat an Holland an an der Belsch de Fall ass.

Et also falsch ze mengen, dass eng gesetzlech Regelung d'Euthanasie géif aféieren. Et geet vill méi drëm ënner gewësse Bedingungen den Akt stroffräi ze maachen. D'Argument, dass eng Dépénalisierung vun der Euthanasie zu engem Dérapage, zu enger Dérive, wéi dat am leschte Weltkrich ënnert den Nazien de Fall war, kënn't féieren, ass, menger Meenung no, net begrënnt, ënnert der Bedingung dass mer vun der Euthanasie volontaire ausginn. D'Nazien hate 70.000 geeschteg krank Mënschen als „lebensunwert Gestalten“ ëmbruecht. Ech mengen, mir schwätzen haut vun eppes ganz anescht. Mir schwätze vu Leit déi onheelbar krank sinn, déi wéi hunn, déi hir Existenz als onwürdeg ëmfannen an déi ausdrécklech froe fir erléist ze ginn.

Besonnesch interessant fir mech aus beruflecher Siicht ass d'Referenz vun den Euthanasiegeegner vis-à-vis vun der Déontologie médicale, vis-à-vis vun der Relation mat dem Dokter an dem Patient, a vis-à-vis vun der sozialer Perception vum Dokteschberuff.

De Corps médical ass, wéi déi aner Gesellschaft och, an dëser Problematik gespléckt. Den Dokter kann a senger Berufsausübung keen aneren Objektif hu wéi den Intérêt vu sengem Patient ze verrieden, dee sech him jo uvertraut. Hei gëtt den Hippokrates ëmmer erëm beméit, woubäi ech awer ze bedenke ginn, dass et zu Hippokrates-Zäite keng Reanimation a keng Soins intensifs gouf. Ech weess net, ob ee mat engem jordauseden ale Kodex haut nach eng modern Medezin ka maachen.

An da besteet déi Angscht, dass eng Réglementation vun der Euthanasie d'Relation de confiance tëscht Patient an Dokter kéint ënnermaueren. Ech menge just de Contraire ass de Fall. Stierfhëllef ass ee Corollaire vun der moderner Medezin. Stierfhëllef an Hëllef zum Suicide sollen als en demokratescht Recht ugesi ginn, dat jiddfer Bierger zougänglech gemaach gëtt, an zwar duerch gesetzgeberech Moossnamen am Sënn vun der Stroffräiheet, allerdings ënner kloer definéierte Viraussetzungen.

Här President, ech wëll zum Schluss nach op ee Cas particulier hiweisen, vun deem bis elo wéineg geschwat gëtt, deen awer trotzdem zu dëser Debatt gehéiert.

Néonatalogie ass e Fach vun der Pédiatrie, dat sech ëm krank Neigebueren an haaptsächlech ëm fréigebuere Kanner këmmert. Dës Disziplin huet an deene leschten 30 Joer immens Fortschréttler gemaach, sou dass et haut méiglech

ass extrem fréigebueren an onräif Kanner duerch eng intensiv Behandlung um Liewen ze halen, ënnert dem groussen Risiko allerdings, dass et schonn an deenen éischten Deeg zu Schiedegungen, nottamment um Gehier, ka kommen.

All déi Kanner kréien haut eng Chance bei der Gebuert a ginn intensiv behandelt fir um Liewen ze bleiwen. Mä an deene Fäll, wou et am Laf vun der Behandlung zu esou enger Komplikation kéim, déi mat enger katastrophaler Iwwerliewensqualitéit, dat heescht mat engem schwéieren Handicap verbonne wier, stellt sech den Elteren an der Equipe soignante deen ethesch Problem vum Acharnement thérapeutique, respektiv vun der aktiver Euthanasie.

De françaische Comité consultatif national d'éthique pour les sciences de la vie et de la santé huet sech viru kuerzem mat dëser Problematik ausernee gesat an huet och an esou Fäll eng aktiv Stierfhëllef als ethesch défendabel erkläert.

Här President, all Mënsch ass haut d'accord dass et, ethesch gesinn, Situatiounen gëtt wou d'Euthanasie défendabel ass. Eis Nopeschlänner Holland an d'Belsch hunn de Schrëtt gemaach an hunn doraus och gesetzlech Konsequenze gezogen.

A wéi enger Form d'Euthanasie an d'Aide au suicide och hei am Land stroffräi gemaach kéinte ginn, bleift ze diskutéieren. Et musse Kritäre kloer definéiert ginn, wéi zum Beispill den ausdrécklechen a widderhuelte Wonsch vum Patient, mëndlech oder schrëftlech iwwert d'Disposition de fin de vie, grad esou wéi d'Zouzéie vu mindestens engem zweete Medeziner, deen déi onheelbar Krankheet an de Wonsch vum Patient bestätege muss. Ze vill bürokratesch Schikaneen allerdings, esou wéi se an der Proposition de loi Err-Huss proposéiert ginn, sollten awer évitéiert ginn. Am Fong sinn ech awer mat dëser Proposition d'accord.

Här President, ofschléissend hoffen ech, dass an nächster Zukunft déi Lëtzebuurger Gesellschaft an hir Politiker dës wichteg gesellschaftlech Reforme mat Courage an Toleranz am Intérêt vun eise Matbierger wäerten ugoen.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Schroell. Den nächsten Orateur ass den Här Gibéryen.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, ech wëll als éischt dem Rapporteur, dem Kolleg Jean-Paul Ripinger, merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport, ee Rapport deen opgrond vum komplizéierte Sujet an den Divergenzen an de Vuen net esou einfach war fir ze redigéieren.

D'Diskussionen an der Kommission ware sachlech, interessant an hu gewise wéi komplex d'Matière ass, an dass ee gutt beroden ass virsiichteg an där Matière virzegoen. Et ass net fir d'éischt an och net fir d'lescht, mat Sécherheet, dass mer hei an der Chamber iwwert dësen delikate Sujet vun der Euthanasie wäerte schwätzen.

Wann een de Rapport vun der Ethikskommission liest, dee mer hei virleien hunn, da kann ech, nodeems mer an eiser Fraktioun doriwwer diskutéiert hunn, mat rouegem Gewësse soen, dass den ADR prinzipiell mat de Konklusiounen vun dësem Rapport kann averstane sinn. Wat zwar opfällt ass d'Tatsaach, dass dës Rapport sech net vill vun deem vum März 1999 ënnerscheet. Dat ka sinn, well mer an där kuerzer Zäit zënter 1999 net onbedéngt zu neie Konklusiounen konnte kommen. Dat kann awer och sinn, dass mer eis an där komplexer a ganz sensibler Matière vun der Euthanasie am Krees dréinen an dass d'Euthanasie nun emol keen Thema ass, mat

deem ee kann a soll Parteipolitik maachen.

Genee dat schéngen awer verschidde Leit heibannen, zumindest indirekt, ze maachen. Ënnert dem Virwand d'Leed vun de Leit, déi um Stierwe leien, wëllen ze lindere, gëtt hei oft d'Euthanasie bal als Allheilmittel propagéiert. Ech komme spéider nach eng kéier dorop zrëck.

Dëse Sujet ass awer beileiwen ze eescht fir Parteipolitik domat ze maachen. Dat kënn't eleng do-duerch zum Ausdrock, dass et fir vill Leit eng Gewëssensfro iwwer ethesch a moralesch Usiichten ass an an där Fro vun der Euthanasie all Deputéierten dofir seng eege Meenung zum Ausdrock bréngt. D'Partei kënn't just eng allgemeng Richtlinn virleeën. Deem jee-weilegen Deputéierte bleibt et iwwerlooss dëser Richtung zouzestëmme oder awer anerer Meenung ze sinn. Esou ass et zumindest an eiser Fraktioun.

Als Member vun der Ethikskommission kënn't et mir zou fir d'Position vum ADR, déi majoritär gedroe gëtt, an dëser Fro virzeleeën. Mir sinn eis allguer bewosst heibannen, dass d'Stierwe vun engem Mënsch net ëmmer plötzlech an ouni Péng viru sech geet, mä dass hannert dem Stierwen och oft e grousst Leed ka stoen an dass d'Stierwe mat engem laange Leide ka verbonne sinn. Et ass also net verwonnerlech, dass, wann een esou e Mënsch sech selwer iwwerléisst an him net déi néideg Hëllef, esouwuel um Niveau vun der Péng wéi och um Niveau vun der séileger Betreierung, zoukomme léisst, dës Mënsch a senger Verzweiflung ka bis zum Selbstmord iwwergeen, wann en dat nach am Stand ass ze maachen.

Eis ganz Gesellschaft steet an all deene Froen, déi mat Doud a mat Stierwen zesummenhänken, an enger grousser Verantwortung. Ganz oft ass awer och d'Diskussion an d'Information fir de Bierger ze vill iwwerflächlech a simplistescht duergestallt, esou dass Froen, déi de Kär vum Problem beréieren, net oft a voller Sachkenntnis behandelt ginn. Leider ass awer och jorzéngtelaang net vill op dësem Gebitt ënnerrholl ginn. An eiser moderner Medezin huet de Mënsch laang Zäit net vill gezielt. D'medezinesch Fortschréttler hunn dem Mënsch net nëmme gedéngt, mä och heiansdo geschuet. Maschinnen eleng maachen e Mënsch och net ëmmer méi gesond, wann dës Persoun um stierwe läit.

D'Tatsaach, dass d'Palliativmedezin hei zu Lëtzebuerg nëmme wéineg entwéckelt ass, an dass an deene meeschte Spideeler et nach keng Ethiksomitéé gëtt, obschon dëst vum Gesetz virgeschriwwen gëtt, beleet dësen Émstand, dass nach vill Nohuelbedarf besteet.

De Rapport vun der Ethikskommission ass ganz kloer op dësem Punkt. Mir sinn eis also och alleguer eens heibannen, dass de Mënsch a senger leschter Rees am Liewe begleet, gefleegt a virun allem gehollef muss kréien. Iwwert d'Aart a Weis, wéi dat ze geschéien huet, ginn d'Meenungen heibannen ausernee, och wa mer vum Prinzip hier all d'Noutwendegkeet vun der Hëllef agesinn.

An der ganzer Debatt dierfe mer awer net vergiessen, dass et hei net nëmme ëm déi simplistescht Fro geet fir iwwer e Gesetzestext ofzestëmme. Et geet net nëmme ëm e reng legislativen Text. An dëser Debatt geet et ëm d'Grondprinzipie vun eiser Gesellschaft, dem Fundament vun der Gesellschaft, an ee vun dëse Grondprinzipien ass de Schutz vum Liewen.

Bis elo war de Prinzip vum Schutz vum Liewen en Tabuthema, an dat zu Recht. Eis ganz Gesellschaft

ass ënner anerem op dës Grondleeënde Prinzipien opgebaut. Esou mussen d'Dokteren en Eed leeschten, dee se verflucht Liewen ze erhalen an alles dofir ze maachen. En anert Beispill ass de Prinzip „de porter assistance à personne en danger“, wat ënner anerem zum Beispill bedeit, dass een enger Persoun, déi sech d'Liewe wëllt huelen, vun hirem Akt muss ofhalen. Erkenne mer dës Prinzip net méi un, bedeit dat, dass een all Persoun, déi sech d'Liewe wëllt huelen, gewäerde léisst, mam Argument dass dat jo de Wëlle vun där betreffender Persoun ass. Dat werft all déi Prinzipien, déi bis elo gegoll hunn, iwwert de Koup.

Dat wat bis elo also guer net zur Diskussion stoung, gëtt elo duerch déi politesch Debatt iwwert d'Euthanasie a Fro gestallt. Mir warne virun esou engem Schrëtt, wou d'Auswierkungen op eis Gesellschaft elo nach net ofzeschätze sinn. Hei gëtt eng Debatt iwwert d'Wäerter an eiser Gesellschaft lancéiert, déi an där doter Form net sënnvoll ass. Mä fuere mer der Rei no.

Wann ech virdru vun engem breete Konsens geschwat hunn, dee mer heibannen an enger ganzer Rei vu Froen hunn, da betrëfft dat sécherlech och eng vun deenen éischte Froen, déi sech am Zesummenhank mam Stierwe stellt, nämlech dem Acharnement thérapeutique. Den Acharnement thérapeutique ass am Fong eng Manéier, déi eréischt mam medezinesche Fortschrétt opgetaucht ass. Wa fréier d'Doktere frau ware fir e kranke Mënsch einegermoossen a während enger kuerzer Zäit weider um Liewen ze erhalen, esou huet déi modern Medezin mat all hiren Apparaturen a Medikamenter dozou geféiert, dass Mënschen, déi fréier net eng Minutt oder e puer Minutten iwwerliefert hätten, elo nach Wochen, Méint, jo esouguer Jore kënn't weider liewen. A ganz ville Fäll ass dat e wonnerbaart Resultat, an dat huet och wesentlech zu enger genereller, méi héijer Liewenserwaardung bäigedroen.

Leider gouf et an der Vergaangenheet a gëtt et och haut nach eng kleng Zuel vu Fäll, wou zwar de Mënsch um Liewe gehale gëtt, mä wou den Zoustand vun dësem Patient d'Bezeechnung Liewen eigentlech net méi rechtfäerdeg. Dobäi schwätze mer emol net onbedéngt iwwert d'Liewensqualitéit, déi jo ëmmer eng subjektiv Appréciation ass, mä mir schwätzen hei vun engem aussichtslosen Zoustand vun engem Patient, wou keng Hoffnung méi op Besserung besteet, a sief et mat nach esou engem groussen Opwand vu medezineschen Hëllefsmittelen, a wou dem Dokter seng sënnvoll oder sënnslos Versich, hei nach eng Besserung erbäizeféieren, vu vira veruerteilt sinn.

Wann en Dokter hei seng Grenzen net erkennt, an de Patient praktesch nëmme nach als Versuchskandidat betruecht fir nei Methoden oder Medikamenter ze testen, da si mer am Acharnement thérapeutique. De Code de déontologie vun den Doktere verbitt den Dokteren iwwregens dësen Acharnement thérapeutique. Dat ass also e Punkt, wou et hei an der Chamber keng Divergenze gëtt. Jiddereen heibannen ass géint esou eng Praxis, an et ass elo un der Chamber dofir ze suergen, dass en Dokter, deen dem Acharnement thérapeutique net zoustëmmt, de Réck fräigehale kritt an dass verhënnert gëtt, dass e juristesche Poursuiten ausgesat gëtt.

Et versteet sech vum selwen, dass och weiderhin all Dokter fir seng Feeler responsabel bleibt an zur Verantwortung gezu muss ginn. Dem ADR seng Position an dëser Fro ass also méi wéi kloer: Neen zum Acharnement thérapeutique. Fir dass dat och an der Praxis ka funktionéieren, ass et absolut noutwendig, fir dass et an all Spidol eng Commission d'éthique gëtt, déi der Famill an dem Dokter bero-

dend zur Säit steet, wann et Onklorheeten a Bezuch op den Acharnement thérapeutique gëtt.

Dës Position an déi dozou gehéiert Fuerderung no enger Commission d'éthique an all Spidol ass net nei. Schon am März 1999 hu mer hei an der Chamber genee déi nämlecht Aussoe quiesch duerch all Parteien héieren, an trotzdem hu mer an der Ethikskommission musse feststellen, dass zënter 1999 an där Fro bal näischt geschitt ass. Dat ass einfach net ze verstoen. Hei ass d'Regierung gefuerdert, an den zoustännege Minister muss endlech de Wonsch vum Parlament respektéieren.

Natierlech begrësse mir, dass d'Partei sech elo alleguer eens si wat den Acharnement thérapeutique betrëfft, esou dass mer hoffentlech an dräi oder véier Joer dës Punkt net nach eng kéier mussen heibannen debattéieren.

De Wonsch no der Euthanasie, oder och nach aktiv Stierfhëllef genannt, ass e Wonsch deen net bei all Patient entsteet. Mä wann en entsteet, da ganz oft well déi herkömmlech Medezin versot huet. Dat heescht, dass de Patient net dee richtegen Traitement kritt fir zum Beispill keng Péng ze hunn, oder awer well de Patient a sengem Leed a mat senger Angscht eleng gelooss gëtt. Dat anonymt Stierwen an de moderne Spideeler ass sécherlech eng vun de schéine Begleiterscheinnunge vun der moderner Medezin. De Wonsch fir d'Liewen esou laang wéi méiglech ze erhalen stoung laang Zäit iwwert dem Wonsch fir gutt ze liewen. Fir dësem Mëssel en Enn ze maachen ass dofir virun enger gewëssener Zäit d'Palliativmedezin entstanden. Dës Spezialisatioun vun der Medezin ass extra dowéinst entstanen, fir de Patient an der leschter Phas vu senger Krankheet bis zu sengem Doud ze begleeten. Bei dëser Form vun der Medezin steet net méi d'Heelen un éischter Plaz, mä de Wonsch dem Patient nach e Maximum u Liewensqualitéit ze erméiglechen. Dozou gehéiert natierlech och dass de Patient keng Péng huet an dass e séilesche Bäistand kritt.

Bei all de Parteien hei an der Chamber besteet de Wonsch dës Palliativmedezin hei zu Lëtzebuerg weider auszebauen, woubäi ausbauen am Fong de falschen Ausdrock ass, vu que dass se bis elo praktesch net besteet, mat Ausnahme zu Esch, am Centre Hospitalier an zu Ettelbréck. Se muss als éischt emol flächendeckend opgebaut ginn, an zwar an alle Spideeler, awer doriwwer eraus och d'Méiglechkeet schafen, fir dass op Wonsch d'Palliativmedezin och doheem ugebuede muss kënneginn.

Dobäi geet et awer net nëmme duer fir mat vill Geld iwwerall an de Spideeler Palliativmedezinstatiounen anzeriichten. D'Formation vun den Doktere muss eng Ausbildung a palliativer Medezin bëinhalten. Bis elo war dat hei zu Lëtzebuerg keng Kondition. Dass dat immens wichteg ass, huet och Frankräich viru kuerzem erkannt, an dofir eng Ausbildung a palliativer Medezin zu enger vun de Konditiounen gemaach, fir kënnen als Dokter zougelooss ze ginn. An och an Däitschland si se de Moment amgaangen iwwert dës Wee ze debattéieren. Et kann net verschwiege ginn, dass fir d'Palliativmedezin grouss Zommen investéiert musse ginn. Fir näischt ass eng qualitativ héichwäerteg Medezin nun emol net ze kréien. Mir hu jo soss fir allerlee vill Suen, dann dierft dat hei also och net eng Fro vun de Finanzen sinn, wann et heescht jidderengem e mënschewierdeg Liewensenn ze garantéieren.

D'Erfahrungen an aneren europäesche Länner hu gewisen, dass, wann eng breet palliativ Medezin ugebuede gëtt, de Wonsch no Euthanasie op e Minimum reduzéiert

ass. Et ass do wou mer zum Kär vun der Debatt kommen, jo et gëtt Fall an deenen och d'Palliativmedezin net hëlleft, oder zumindest net genuch hëlleft, fir dem betraffene Patient a senger grousser Nout ze hëllegen.

Op dëser Tribün wäert sécherlech nach den een oder aneren an dramatesche Biller versichen e Bild vun deem engen oder anere Stierweskranken ze zeechnen, deen zum Beispill a sengem eegene Schläim erstéckt. Mat sou Eenzel-schicksaler soll dann heibannen an dobause bei de Leit den Androck entstoën, datt hei nëmmen nach Euthanasie kann hëllegen, sou wéi wa mer et mat engem Hausdéier ze dinn hätte wat mer aschléifere loosse, fir datt dat aarmt Déier net méi leide muss.

D'Euthanasie ass souzesoen en Akt vun der Baarmhärzegheet. Ech kann a wëll hei net verschweigen, datt et där Fall gëtt, mä dorauer automatesch d'Noutwendegheet vun der Euthanasie ofzeleeden ass falsch a gräift ze kuerz. Genée wéi ee ka Beispiller fanne vu Leit wou d'Palliativmedezin net konnt hëllegen, sou losse sech och Beispiller fanne vu Patienten déi de Wonsch no Stierfhëllef an enger aussichtsloser Situatioun geäussert hunn an dunn dach nach eng kéier d'kéier kritt hunn. Dat eleng beweist dass Eenzel-schicksaler, a siefe se nach esou dramatesch, hei an dëser Debatt näischt verluer hunn.

Wéi war et da bis elo? Sinn dann esou Patientie wierklech an eise Spideeler - erlaabt mer den Ausdrock, Här President - krépéiere gelooss ginn, oder war et bis elo net éischter esou, datt den Dokter hei seng Responsabilitéit iwwerholl huet an dem Patient déi Behandlung zoukomme gelooss huet, déi an där Situatioun déi richtig war, och mam Risiko datt de Patient vläicht e puer Stonnen oder Deeg méi fréi gestuerwen ass?

Mä am Géigesaz zum Akt vun der aktiver Stierfhëllef, also dem Akt wou den Dokter bei engem Mënsch bewosst den Doud erbaiféiert, handelt et sech heibai ëm en Akt wou versicht gëtt dem Patient zum Beispill d'Péng ze huelen, an net en Akt fir en ëmzebréngen.

D'Dokteren, an ech mengen och d'Patienten, si bis elo gutt mat dem System gefuer, an et ass dofir fir mech onverständlech firwat ëmmer erëm hei eng Debatt iwwert d'Euthanasie muss gefouert ginn.

Déi ganz Diskussioun ass u sech net néideg. D'Avisé vun der AMMD an dem Collège médical schwätzen do eng ganz kloer Sprooch. Si soen Neen zu der Euthanasie an zum Bäibehale vun der augenblécklecher Situatioun. An d'Avisé vun den Doktere sinn an deem Zesammenhang wichteg, net nëmme well se eng kloer Sprooch schwätzen, mä och well et d'Stëmm vum gesonde Mënsche-verstand ass.

Mir sinn eis erëm eng kéier alleguer eens heibannen, datt, och wann d'Méiglechkeet vun der Euthanasie besténg, en Dokter net gezwonge kënnt gi fir géint säi Gewëssen d'Euthanasie ze praktizéieren. Dat schéngt mer eng Selbstverständlechkeet ze sinn. Den Dokter ass do fir Liewen ze retten, net fir Liewen ze huelen. Sou gesinn d'Dokteren hire Beruff selwer, an ech mengen datt muss een och esou respektéieren. Wann also d'Dokteren net bereet sinn esou en Akt duerchzeféieren, da gesinn ech souwisou grouss Schwierigkeete fir datt d'Euthanasie iwwerhaupt e Sënn kënnt maachen, an ech kann nach esou vill Argumenten sichen déi fir d'Euthanasie schwätzen.

Am Fong vun der Saach ass et eppes wat zu eise gesellschaftleche Wäerter a Contradictione steet. De Schutz vum Liewen daerf net duerch d'Aféiere vun der Euthanasie ënnerhielegt ginn. Natierlech

wier et ze einfach, d'Fro vun der Euthanasie just opgrond vun der Haltung vun den Dokteren ze beäntweren. D'Fro ass och net déi: Engem Stierwenden hëllegen oder net? Wéi ech elo grad gesot hunn, ass och schonns an der Vergaangenheet dem Patient gehollef ginn, am Extremfall, kéint ee souguer soen, ass dat engem Akt vun der passiver Euthanasie bal gläichkomm.

Doriwwer hunn awer ni grouss Diskussiounen bestanen. Et huet souzesoen zu der Praxis gehéiert, datt den Dokter gehollef huet, sou wäit wéi hie konnt. Mä, vun dëser Praxis hin zu der aktiver Euthanasie ass awer ee Gruef deen net esou einfach iwwerschratt daerf ginn. Och d'Doktere wëllen dat, wéi gesot, net.

Fir den ADR ass jo schonns zënter 1999 kloer, datt, wann een d'Grondprinzipie vun eiser Gesellschaft net wëll iwwert de Koup geheien, et keng Öffnung zu der Euthanasie daerf ginn. Den ADR kann also net mat enger Gesetzgebung averstane sinn déi d'Euthanasie hei zu Lëtzebuerg erméiglecht. De Stat huet déi Aufgab Liewen ze schützen an huet net de Pouvoir fir enger Persoun d'Recht ze gi fir iwwer Liewen an Doud vun enger anerer Persoun ze befannen. Wie mengt dat wier an eiser Gesellschaft méiglech, deen iert. Wa mir d'Palliativmedezin hei zu Lëtzebuerg weider ausbauen an den Dokteren e Spillraum loosse, dee se bis elo haten, dann dierften all méiglech Problemfäll, déi sech kënne stellen, zur Zefriddenheet vun all Patient geleist ginn.

Zum Schluss nach e Wuert zu der Disposition de fin de vie. Et besteet heibannen an der Chamber och praktesch eng Iwwereneestëmmung iwwert de Prinzip, esou eng Disposition de fin de vie hei zu Lëtzebuerg an eis Gesetzgebung anzeféieren.

Et ass vill an intensiv doriwwer diskutéiert ginn, wat an esou Dispositionen dra stoe kënnt. Am Prinzip ass et fir eis kloer, datt een alles kann draschreiwën, y inclus de Wonsch no Euthanasie. Et ass awer genée esou kloer, datt de Wonsch vum Eenzelnen nëmmen do kann erfëllt ginn, wou d'Gesetz et erlaabt oder net verbitt.

Den Testament de fin de vie ass sécherlech nëtzlech fir déi Relation Patient-Dokter ze verbesseren. Besonnesch an der Situatioun, wou de Patient net méi bei Bewosstseinn ass, kënnen esou Dispositionen de fin de vie dem Dokter ganz nëtzlech Indikationen iwwert dem Patient seng Wënsch ginn. A wat fir enger Form dësen Testament de vie praktesch ka realiséiert ginn, wou en enregistriert gëtt a wéi dacks e muss erneiert oder anuléiert ka ginn, schéngt mer an deem Stadium vun der Diskussioun nach net esou wesentlech.

Wichteg ass, dass mer e Konsens iwwert dës Fro fannen, an als ADR schwätze mer eis och dofir kloer fir sou en Testament de fin de vie aus.

Här President, ofschléissend wëll ech dann nach bemierken, dass mer als ADR déi dräi deponéiert Motiounen vun de Majoritéitsparteien och ënnerschriwwen hunn an och deementspriedend mat ënnerstëtze wäerten.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. Als nächste Riedner ass den Här Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

■ **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert d'Recht op d'Stierwen, dat mënschewierdeg misst sinn, gëtt zënter 1989 hei zu Lëtzebuerg an organisierter Form diskutéiert, wou de leider verstuerwenen Dokter Henri Clees, mat anere Leit zesummen, d'Association pour le droit de mourir en dignité gegrënnt hat, eng Association déi ënner anerem als Zil hat

an nach huet, d'Selbstbestëmmung vum Mënsch, grad och an dësen dramatesche Momenter, ze realiséieren an dofir ganz kloer och fir d'Dépénaliséierung vun der sougenannter aktiver Euthanasie ënert enger Rei vu Bedingungen agetratt ass an och weiderhin antrëtt.

E puer Méint duerno hat sech eng zweet Organisation gegrënnt ënert dem Numm OMEGA 90, déi sech awer just fir d'Entwécklung hei am Land vun der Palliativmedezin, dat heescht vun der sougenannter Stierfbegleitung, wollt asetzen. Béid Organisationen aus dem sougenannten Zivilberäich waren a si bis haut äusserst aktiv fir fir dës positiv Zilsetzungen anzestrieden.

Leider muss een haut, 14 Joer no 1989, feststellen, datt sech hei am Land um Gebitt vun der Palliativmedezin nach bai wäitem net genuch beweegt huet an um Terrain vun der Dépénaliséierung vun der Euthanasie nach praktesch näischt. An dat am Ennerscheed zu eise Benelux-Partner Holland an der Belsch, wou couragéiert politesch Majoritéite viru kuerzem per Gesetz eng staark Ouverture a Saachen Dépénaliséierung vun der Euthanasie gemaach hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, iwwert dës Sujet hat ech schonn d'Geleeënheet 1996 fir am Kader vun enger Interpellatioun, déi ech 1994 ugefrot hat, eis méi allgemeng Haltung zu all dësen Themen hei op der Tribün duerzeleeën. Schon deemools, 1996, also viru siwe Joer, ware mir agetruede géint den Acharnement thérapeutique fir d'Entwécklung vun der Schmerztherapie a vun der Palliativmedezin, fir d'gesetzlech Verankerung vun engem Stierftestament, dee jo elo soll Disposition de fin de vie genannt ginn, a mir haten eis schonn deemools och kloer ausgeswat en faveur vun enger wierklecher Selbstbestëmmung fir eng wierklech Autodétermination vum Mënsch, vu jidder Mënsch, fir an objektiven auswegslosen oder subjektiv als aussichtslos empfundene Situatiounen op eng Euthanasie oder eventuell op e Suicide assisté kënnen zréckzegräifen.

Mir konnten eis deemools 1996 mat eise Fuerderungen no enger Dépénaliséierung vun der Euthanasie net duerchsetzen. Déi deemoleg CSV-LSAP-Regierung war dergéint an huet virun allem d'Argument an d'Welt gefouert, elo - dat war deemools 1996 - misst prioritär a massiv den Ausbau vun der Palliativmedezin als Alternativ zu der Euthanasie gefördert ginn.

Ëmmerhi konnt sech 1996 drop géeneegt ginn, fir eng parlamentaresch Ethikskommission an d'Liewen ze ruffen, déi all Aspekter sollt analyséieren an dann an engem Débat d'orientation hir Konklusionen sollt zéien an op den Mësch vun dëser Chamber leeën. No ville Consultatiounen an Avisen ass dat du schliesslech am Fréijoer 1999 geschitt, also ronn zwee, dräi Méint virun de leschte Chamberswahlen.

Erëm eng kéier ware sech, dräi Joer no 1996, all Parteien eens iwwert de Refus vum Acharnement thérapeutique an iwwert d'Dringlechkeet fir d'Schmerztherapie massiv ze entwéckelen an d'Palliativmedezin op deene verschiddenen Niveaue, hospitalier an ex-hospitalier, ze förderen.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Et war souguer eng Resolutioun majoritär ugehall ginn en faveur vun der legaler Verankerung vun engem Testament de vie, deen, ähnlech wéi den dänesche Modell, offiziell beim Ministère vun der Santé sollt enregistriert musse ginn.

Erëm eng kéier huet eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie 1999 keng Mehrheet fonnt, virun allem well d'CSV geschlossen dergéint gestëmmt huet an anerer sou kuerz virun de Wahlen, wahrscheinlech aus opportunistesche Grënn, ze vill onkloer ware fir an dëser Fro wëlle Faarf ze bekennen.

Wat waren an dësen Diskussiounen vun 1996 a vun 1999 d'Haaptargumenter géint eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie? Argumenter, déi haaptsächlech - ech soen haaptsächlech, net exklusiv - vu kathoulesch orientéierten Organisationsen a vun der CSV geäussert goufen an haut och nach geäussert ginn.

Et war d'Argument, Euthanasie wier Mord. Et war d'Argument vun der sougenanntener Pente glissante, dat heescht der Behauptung, no enger Dépénaliséierung vun der Euthanasie géif d'Gefor bestoen, datt de Schutz vum Liewen net méi garantéiert wier an et dann zu ganz villen Abüe géif kommen. Et war och d'Argument dass, wann d'Palliativmedezin bis richtig entwéckelt wier, da wier d'Euthanasie iwwerflësseg, well et da keng Dementen no Euthanasie méi géife ginn. Schliesslech gouf vu monche Palliativmedeziner selwer behaupt dass, wann d'Euthanasie bis legaliséiert wier, da géif et vu Säite vun de Politiker manner Bereitschaft gi fir d'Palliativmedezin nach weider auszubauen. Eng Argumentatioun där sech natierlech eng Partie vu Leit, politesch gesinn, ganz gär ugeschloss hunn, Leit déi deemools géint d'Dépénaliséierung vun der Euthanasie agetruede sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert am zweeten Deel vu menger Ried méi am Detail op dës Géigenargumenter agoen a versiche se ze entkräften. Erlaabt mer fir d'éischt nach kuerz op d'Suite vun der politescher Entwécklung an deem Dossier anzegoen, well et handelt sech ëm eng politesch Entwécklung. Et ass hei an der Chamber driwwer diskutéiert gi vu Parteien, déi hir Meenunge geäussert hunn. Et ass also net eleng eng individuell Diskussioun vun eenzelnen Deputéierten. Et ass eng politesch Diskussioun, déi mer hei féieren.

Nodeem 1999 eng CSV-DP-Regierung zu Stane komm ass, war eis natierlech kloer datt sech do vum selwen näischt a Saachen Dépénalisatioun vun der Euthanasie géif maachen. D'DP, als liberal Partei, déi dach eigentlech déi individuell Mënscherechter a Fräiheete misst verteidegen, dës DP war leider domat d'accord gewiescht fir am CSV-DP-Regierungsprogramm jiddfer Dépénaliséierung vun der Euthanasie auszuschléissen. Eng Saach, déi u sech scho blamabel ass fir eng liberal Partei, an och am Widdersproch steet zum Beispill zu de belsche Liberalen, déi ganz aktiv matgeholfen hu fir dat neit belscht Gesetz auszuschaffen an ze beschléissen; idem an Holland.

■ **M. Lucien Weiler (CSV).** - Dir sidd och am Widdersproch mat den däitsche Gréngen. Duerfir sidd Dir schlecht placéiert fir hei der DP virzeweere si wär am Widdersproch mat de belsche Liberalen.

■ **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - Dir kënnt mir roueg soe wat den däitsche Gréngen hir Haltung ass. Ech hu fir deenen hir Haltung zumindest eng kleng Iddi Verständnis, Här Weiler, well ëmmerhi war Däitschland dat Land wou de Begrëff Euthanasie vum Hitler op esou eng mëssbräichlech Aart a Weis gebraucht ginn ass, andeems hie Milliounen Leit ëm den Eck bruecht huet, wat awer näischt mat Euthanasie ze dinn hat.

(Interruption)

Duerfir ass Däitschland dat Land wahrscheinlech, wou et vun alle politesche Kräften am schwéiersten ass iwwerhaupt iwwert d'Euthanasie schwätzen ze kënnen.

(Interruption)

■ **M. Lucien Weiler (CSV).** - Den Här Huss ass an d'Belsch gereest.

(Hilarité)

Da wäert een awer sécher nach froe kënne wat déi Däitsch soen.

(Interruption)

■ **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - ...eisen Nopeschlänner, Här Weiler, wou ëmmerhin an deene leschten zwee Joer Gesetzer gemaach gi sinn am Sënn vun enger Dépénaliséierung vun der Euthanasie a wou déi Liberal maßgeblech mat dru bedeelegt waren.

Wéi eis dunn, Dir Dammen an Dir Hären, kloer war, datt vun dëser Regierung kee wesentleche Fortschritt géng ausgoen, si mer als Gréng dru gaange fir selwer eng Proposition de loi auszuschaffen, fir d'Euthanasie an de Suicide assisté ënner enger Rei vu prezise Bedingungen ze dépénaliséieren a fir gläichzäiteg eng Propos iwwer en Testament de fin de vie ze maachen.

Well an den 90er Joren awer och vun der Madame Lydie Err vun der LSAP ganz positiv Initiativen a Richtung Euthanasie ënnerholl gi waren, ware mer natierlech absolut zefridden doriwwer, datt si direkt bereet war parteiwwergräifend esou eng Proposition de loi mat auszuschaffen, déi mer du gemeinsam ausgeschafft hunn an och gemeinsam hei an der Chamber déposéiert hunn. Eng Proposition de loi, déi natierlech eng Er-ausfuerderung vun de Regierungs-parteien duergestallt huet an déi zënterhier op villen Niveaue kontradiktoreesch diskutéiert gouf. Ënner anerem natierlech och an der parlamentarescher Ethikskommission, déi hir Aarbecht zu deemem Sujet erëm opgehall hat.

Dir Dammen an Dir Hären, en äusserst positive Schrëtt a Saachen Dépénaliséierung vun der Euthanasie war viru ronn zwee Joer dat Gesetz wat dat hollännescht Parlament mat grousser Mehrheet beschloss huet a wat weltwäit zu Diskussiounen geféiert huet.

Zu Lëtzebuerg huet dës hollännesch Entwécklung, déi ronn e Joer méi spéit vun eise belschen Noperen iwwer eng ähnlech Gesetzgebung suivéiert ginn ass, vill positiv Kommentaren an eiser Press an an eiser Bevölkerung ervirgeruff. Souguer eisen CSV-Premierminister, den Här Juncker, ass net derlaanscht komm fir während senger Deklaratioun iwwert den Etat de la Nation vum 3. Mee 2001 op déi hollännesch Gesetzgebung anzegoen, wou hie gesot huet: „bei där net alles falsch wär“, a wou hien du gemengt huet et misst een d'Diskussioun, ech zitieren: „ouni Scheiklappen, ouni ideologesch Barriären an ouni virgefaasste Meinungen erëm eng kéier relancéieren“.

Wien dem Här Juncker deen Dag nogelasschert hat, dee konnt eventuell mengen et wier him eventuell dach gelongen, déi al a konservativ CSV op engem wesentleche Punkt vun der Gesellschaftspolitik ze moderniséieren a se dozou ze brénge fir iwwer hiren dogmatische Schiet ze sprangen. Esou méi e modernen Image vun der CSV ze vermëttelen, dat war ouni Zweifel d'Intentioun vun eise Premier.

Vill Leit waren an engem positive Sënn verblüfft, mä déi schéin Illusioun war schonn e puer Deeg duerno geplatzt, wéi den Här Fraktiounspresident vun der CSV, den Här Lucien Weiler, am Numm vu senger Partei deklaréiert huet, dass et mat der CSV ni eng Dépénaliséierung vun der aktiver Euthanasie géif ginn. E gewëssen Här Schiltz, Generalsekretär vun der CSV, huet e puer Méint duerno am Numm vun der CSV déi grad esou penibel wéi schäbig Behauptung an d'Welt gesat, eng Dépénaliséierung vun der Eu-

thanasie wier am Fong näischt aneschters wéi, ech zitieren: „Ei-ne Lizenz zum Töten.“

Dir Dammen an Dir Hären, et war dat an eisen Ae scho praktesch eng Zoumuddung fir de Befürworter vun der Dépénaliséierung, dat heescht vun enger fräiwëlleg ugefroter Euthanasie an dramateschen an an aussichtslose Situationen, ze ënnerstelle si wëllten einfach esou, vläicht aus Spaass, en totale Fräibrëif ausstelle fir Leit kënnen ëm den Eck ze bréngen. Esou Aussoe sinn enger grousser traditioneller Partei absolut onwierdeg, an ech hoffen datt mer esou polemesch Déifschléi ënnert d'Gürtellinn net nach eng Kéier hei müssen ze héiere kréien.

An der zoustänneger Ethikskommission ass, Dir Dammen an Dir Hären, insgesamt ganz sachlech iwwert déi gesamt Problematik geschwat ginn. A well den honorablen Här Rippinger als Rapporteur den Déroulement vun den Entrevues an eisen Diskussiounen a sengem Rapport am Detail hei duergeluecht huet, wëll ech dorober verzichten dat hei nach eng Kéier ze widderhuelen. Ech wëllt just am Telegrammstil e puer Punkten do erausgräifen, déi mer erwähnenswert schéngen, woubäi ech nach eng Kéier méi genau op den Testament de vie an op d'Dépénaliséierung vun der Euthanasie wëll agoen; zu deenen anere Punkten aus dem Rapport am Telegrammstil.

Mir sinn als Gréng evidenterweis d'accord mam Wonsch vun den Dokteren, datt si net solle kënne penal verfolge ginn, wann se e sënnslosen Acharnement thérapeutique refusieren. Als Gréng bedauere mer et ganz staark, datt trotz de Bestëmmunge vum 98er Gesetz iwwert d'Spideeler nach ëmmer net an allen Haiser Ethikkomitéen op eng seriö Aart a Weis funktionnéieren. Do muss also dringend nogebessert ginn.

Als Gréng hu mer mat Interesse a mat Bedauern, souguer mat groussem Bedauern, zur Kenntnis huele missen, datt no Aussoe vum Collège médical anscheinend ëmmerhin tëschent 40 a 60% vu Schwéierstkranken nach ëmmer net op eng seriö palliativ Schmerztherapie zréckgräife kënnen, wat no iwwer 13 Joer Diskussioun iwwert d'Noutwendegkeet vun der Palliativmedezin an eisen Aen en eenzege Skandal duerstellt. Mir froen duerfir och an deem traurege Kontext all déi parteipolitesch Supporteren heibanne vun der Palliativmedezin, déi d'Recht op Euthanasie oflehnen, déi awer hei am Land an deene vergaangene 15 Joer d'Budgets- an d'Finanzpolitik vun der Regierung beherrscht hunn, firwat dann haut nach ëmmer, trotz all hire feierlechen Deklarationen, d'Palliativmedezin nach ëmmer esou onzefriddestellend organisiert ass.

■ Une voix.- Très bien.

■ M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Vläicht sollt sech an deem Kontext d'CSV owes emol heiansdo méi oft genau an de Spigel kucken, da géif et, fir mat der Bibel ze schwätzen, esou munch Balken an den eegenen CSV-Aen ze entdecken ginn.

Ee Saz just zu der Fro vun der Ausbildung oder Weiterbildung vun den Dokteren an dem Fleegepersonal a Saache Palliativmedezin, wou nach munches ze maache bleift. Op d'mannst fir den Aspekt Schmerztherapie misst an eisen Ae jiddefalls eng Obligation geschafe ginn. Eng Saach, déi iwwregens onofhängeg vun dese Froen hei och soss bei aneren Traitementer an de Spideeler de Kranken an eisen Ae vun Notze wier.

Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng gesinn d'Palliativmedezin an d'Euthanasie net als Géigesaz, mä complémentaire am Intérêt vun de Patienten. Mir sinn duerfir der Meinung, datt jiddfer Mënsch, fräi

no senge philosopheschen Entscheedungen, déi et an enger pluralistescher Gesellschaft gëtt, d'Recht muss hunn en Testament de vie oder Dispositions de fin de vie ze verfaassen, andeem hie seng respektiv Wënsch duerleet. An deem Testament soll hien eng ganz Rei vu Saache kënnen zu Pa-beier bréngen, zum Beispill iwwert den Don d'organes oder iwwert de Mode de sépulture. Och bei der zentraler Fro vum Stierwe muss hien d'Fräiheet hunn - dat heescht de libre choix hunn - sech ze entscheiden, entweder fir eng maximal intensiv Weiderbehandlung un de Schläich bis zum Schluss, oder awer géint e sougenannten Acharnement thérapeutique.

Fir eng komplett Prise en charge palliative, dat heescht medezinesch Schmerztherapie a Stierfbegleitung duerch e Psycholog, Paschtouer oder forméiert Laien, oder zum Beispill nëmme fir eng medezinesch Schmerztherapie ouni palliativ Stierfbegleitung, well et jo och Leit gëtt déi zwar d'Schmerztherapie selbstverständlech wënschen, mä aus perséinlechen oder philosophesche Grënn awer net eng palliativ Stierfbegleitung wënschen a léiwer a Rou gelooss ginn.

De Mënsch muss a sengem Stierftestament och d'Recht hunn, ënner senge reng perséinleche Konditionen, esou wäit dat mat gesetzleche Rahmbedingunge vereinbar ass, ze froen, datt eng aktiv Euthanasie bei him virgeholl soll ginn.

Op des Diskussioun solle mer jo nach eng Kéier an de kommende Méint zréckkommen, ech wëllt awer gläich hei betounen, datt fir déi Gréng esou Dispositions de fin de vie nëmme wierklech sënnvoll sinn - an do gëtt et jo Ennerscheeder, d'CSV seet, dat dierft nëmmen indicativ sinn, do si mir anerer Meinung -, wa se och verbindlech sinn a wann de Patient kann dovun ausgoen, datt an der Realitéit sengem Wonsch herno och wierklech Rechnung gedroe gëtt, wann net vum haaptbetroffenen Dokter, deen de Fall am Grapp huet, well deen eventuell philosophesch Bedenken huet, dann awer vun engem anere Medeziner, deen da misst ugefrot ginn.

A propos Medeziner. Et ass gewost, datt déi organiséiert Medezin, hei de Collège médical, sech an Avisé meeschtens hannert de sougenannten Eed vum Hippokrates verstoppt an d'Euthanasie en tant que telle offiziell oflehnt. Den honorablen Här Schroell huet dozou jo schonn interessant Saache gesot.

Et ass awer grad esou gewost, an zwar an alle Länner an och hei zu Lëtzebuerg, datt d'Euthanasie heemlech, hannert de Kulisse méi wéi eng Kéier praktizéiert gëtt - dat ass nämlech d'Realitéit - an an de Grozonen hannert de Kulisse weess een emol net ob d'Euthanasie, déi jo ëmmer nëmmen eng fräiwëlleg ugefroten däerf sinn, a Wierklechkeet ëmmer esou fräiwëlleg ass oder war.

Jiddefalls, Dir Dammen an Dir Hären, ginn et och ënnerschiddlech Meinungen zur Euthanasie bei den Dokteren, och bei de Lëtzebuerger Dokteren, wou muncheree sech schonn öffentlech en faveur vun enger Dépénaliséierung vun der Euthanasie ausgeschat huet. An eisem Nopeschland, der Belsch, déi dat bekanntlech jo d'lescht Joer gemaach huet, hate sech am Virfeld vun der Législation ëmmerhin iwwer 2.500 Dokteren, Medezinwëssenschaftler a Rektore vun Universitëtsservicer, inklusiv vu belsche Palliativservicer op Universitëten, eindeutig fir eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie ënnert gewësse Konditionen ausgeschwat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn dat Dokument hei vun deene 2.500 belsche Medeziner, déi sech an enger Pétitioun dofir ausgeschwat hunn datt et misst

zu enger Dépénaliséierung vun der Euthanasie kommen. Ech liesen nëmmen de leschte kuerzen Abschnitt vun hirer Begrënnung aus dem éischten Appel vu Januar bis Mee 2000 vir, wou déi éischt Dokteren ënnerschriwwen hunn: „En prévoyant la dépénalisation des seules euthanasies demandées et en respectant l'autonomie de décision du médecin, cette proposition de loi protège aussi ceux, patients comme médecins, qui ne désiraient pas y avoir recours, mais elle assure à ceux qui vivent la dernière période de l'existence et qui souhaitent ne plus subir les modalités aveugles de la mort, la possibilité de recevoir l'aide nécessaire pour faire de l'ultime moment de leur vie un dernier acte de liberté.“

Dat ass de leschten Abschnitt vun engem Appel vun 2.500 belschen Dokteren aus der Wallonie, vu Bréissel an och aus Flandern, déi dee flammenden Appel gemaach hu fir zu enger Dépénaliséierung vun der Euthanasie ze kommen, inklusiv d'Palliativmedeziner an inklusiv souguer Leeder vu Palliativstationen vun Universitëtskliniken.

Dir Dammen an Dir Hären, mat dëser Problematik vun der Dépénaliséierung vun der Euthanasie, och am Kontext mat engem Stierftestament, fir dee Moment wou ee sech net méi selwer kann ausdrécken, oder an deenen anere Fall, esou si mer hei an der Chamber genau bei deem Punkt wou eisen Haaptdis-sens läit, well mir als Gréng an och aner politesch Faarwen - den Här Bodry huet dat jo hei scho gesot, och den Här Schroell huet, wuel a sengem perséinlechen Numm, awer ëmmerhi gesot - fir eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie antrieden, während d'CSV an hire riets konservativen oder riets populisteschen Unhängsel aus ideologesche Grënn do dergéint sinn.

(Interruption)

Dem ADR an och dem Här Mehlen wëllt ech soen, datt et eben net nëmmen ëm perséinlech Responsabilitéit geet, datt mer hei schonn zënter zéng Joer eng Diskussioun féiere wou musse voté geholl ginn, dat muss natierlech vun eenzelnen Deputéierte gemaach ginn, mä do sinn d'Parteien och gebieden eng Meinung dozou ze hunn. Déi Gréng hunn eng Meinung, d'Sozialisten hunn eng Meinung, et sinn och anerer déi eng Meinung hunn, et ass net eleng eng individuell Entscheidung vun eenzelnen Deputéierten. Souwisou sinn ech der Meinung, datt och emol d'Bevölkerung misst gefrot ginn, an den ADR ass dach déi Partei, déi bei villen anere Geleeënheeten hei ëmmer erëm gesot huet, da kommt mir froen emol d'Bevölkerung, kommt mir maachen e Referendum.

(Interruption)

Här Mehlen, ech kann lech awer soen, wann Der e wéineg d'Sondagë liest, déi an dëser Fro gemaach gi sinn an deene leschten zwee, dräi Joer, ob dat an Däitschland, an Holland oder am kathoulesche Pole war, oder soss a Länner, hutt Der iwwerall an deene Sondagen - an déi Sondagë ware ganz prezis formuléiert - Mehrheete gehat. A Polen esouguer vu 65% a bis zu 88% an Holland. Dat war net eng eenzeg Fro, do stong och Palliativmedezin. All déi Saache stongen do. Mä et stong och do, wann dat net géif hëllefen, ob se dann der Meinung wieren, an da sinn déi Majoritéiten erauskomm, vun deene ech hei geschwat hunn. Do fir kann ech och net mam Här Santer vun der CSV d'accord sinn, deen a mengen Aen op eng llicht arrogant Aart a Weis,...

(Interruption)

...ech widderhuelen, op eng llicht arrogant Aart a Weis hei gemengt

huet, d'Leit, déi a Sondagen derfir gestëmmt hätten, déi hätten iwwerhaupt net gewost iwwer wat se do ofgestëmmt hätten.

Ech hunn d'Sondagë gekuckt an hirer Formulierung. Do war ganz prezis formuléiert woufir d'Leit sollte sinn. Maacht net wéi wann d'Leit ze domm wiere fir den Ennerscheid tëschent Palliativmedezin an Euthanasie ze kennen.

■ M. Patrick Santer (CSV).- Dat hunn ech ni gesot, Här Huss.

■ M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Zu de Géigenargumenter elo konkret, déi Der ufëiert.

(Interruption)

D'Froststellung war ganz prezis. Ech weisen lech dat ganz gär, Här Mehlen.

■ M. Aly Jaerling (ADR).- Ech kréien ëmmer méi d'Flemm fir ze stierwen.

■ M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Zu de Géigenargumenter, déi vun der kathoulescher Säit haaptsächlech hei ubruecht ginn.

Éischters: D'Euthanasie wier Mord a misst dofir verbuede bleiwen.

(Interruption)

Eis Äntwert, ganz kuerz: Dës Definition vun Mord ass eng reng abstrakt Definition an ass absolut zweifelhaft, well jo de Betroffene selwer, an hien eleng, a bei voller Conscience, ëmmer erëm duerno freet, heiansdo duerno biedelt, endlech dierfen erléist ze ginn.

Bei engem wierkleche Mord ass et bekanntlech dach esou, datt een total géint säi Wëlle brutal aus dem Liewe gerappt gëtt. Et kann een net déi zwou Saachen esou einfach matenee verbannen.

Zweetens: Beim Argument géint eng Dépénaliséierung gëtt gesot, dass no enger Dépénaliséierung et zu villen Abüe géing kommen, wou also och eventuell géint de Wëlle vum Kranke géif eng Euthanasie agesat ginn. Et gëtt dann natierlech och mam Gespenst vun enger berühmter Dérive gewénkt.

Eis Äntwert drop: Abüe gëtt et haaptsächlech wa Saache gemaach ginn an et besteet keng komplett Transparenz, dat heescht wa Saache gemaach ginn hannert de Kulissen. An Euthanasie, Dir Dammen an Dir Hären, déi gëtt haut an alle Länner praktizéiert, awer heemlech, hannert de Kulissen, an do sinn d'Gefore vun Abüe bekanntlech ëmmer méi grouss wéi do wou kloer Konditionen an déi beschtméiglechst Transparenz iwwert eng Gesetzgebung virherrschen.

D'Madame Err an ech hunn iwwregens an eiser Proposition de loi - op déi mer méi spéit am Joer wäerten nach eng Kéier kënnen zréckkommen - iwwert eng Commission d'évaluation et de contrôle esou staark Barriären agebaut, datt Abüen doduerch praktesch ausgeschlossen wieren. Elo gi mer op deem Punkt kritiséiert, dat wier ze vill bürokratesch. Mä mir hunn dat gemaach ganz einfach, well mer zéng Joer laang d'Diskussioun héieren hunn iwwert déi Abüen, déi géife kommen, wann et zu enger Dépénaliséierung géif kommen. Mat där heiter Gesetzgebung kéint et net zu engem Abus kommen, well all Demande muss ugefrot ginn. Wann et awer zu enger géif kommen, da wier et awer eng déi vun engem Dokter géif heemlech praktizéiert ginn.

(Interruptions)

Nach e kuerzt Wuert zu dëser Fro vun den Abüen. An eisem Nopeschland der Belsch ginn d'Expären dovunner aus, datt mat hirer neier Gesetzgebung warscheinlech manner Euthanasie an och manner Abüe wäerten an deenen nächste Jore virkommen, ganz einfach well do elo ganz kloer gesetzlech Regelunge virherrschen an do d'Doktere virun hirer Verant-

wortung stinn, déi Regele müssen anzehalen.

Beim Wuert „Abüen“ denken ech iwwregens och éischter un Abüe beim Acharnement thérapeutique, deen haut nach leider zimlech verbreet ass, an ech denken dobäi och un esou munch patriarchalesch motivéiert Risiken an der Palliativmedezin, wou de Risque mol grouss kënn sinn, datt de Patient dem Dokter seng Meinung opgeschwat géif kréien, wat an esou eenzel Fäll da kënn mat Acharnement palliatif gläichgesat ginn.

Am Ausland gëtt ganz intensiv iwwert de Begrëff „acharnement palliatif“ geschwat. Fir datt kee Mëssverständnis opkënn: Mir ënnerstëtzen als Gréng zu Lëtzebuerg all Efforten, a mir menge si hätte längst misse gemaach gi fir d'Palliativmedezin hei ze verstärken.

En anert Argument, wat ëmmer erëm gebraucht gëtt géint eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie, dat ass folgend: Wann d'Palliativmedezin optimal entweckelt wier, da géife sech d'Fäll vun Demandé vun Euthanasie op relativ rar Fäll beschränken, an dofir bräicht een dann eigentlech keng Dépénaliséierung ze maachen.

Ofgesinn dovunner, dass mer nach e gutt Stéck vun enger optimaler Palliativmedezin ewech sinn, mä esouguer bei enger optimal ausgebauter Palliativmedezin bleiwen ëmmer nach genuch Fäll, déi iwwert d'Palliativmedezin net ze léise sinn, noweisbar net ze léise sinn. Et dierften no eegenen Aussoen aus internationale Kreesser vun der Palliativmedezin ëmmerhin 3 bis 4% sinn. Aner Medezinexpäre schwätze vu bis zu 10% vu Fäll wou entweder d'Schmerztherapie versot huet, oder awer déi Fäll wou et iwwerhaupt net ëm kierperlech Péng geet, mä ëm eng séilesch, psychesch Péng, déi heiansdo nach vill méi onerdreiglech ka sinn, zum Beispill a Fäll vu schlëmmen neurodegenerativen Erkrankungen, wéi zum Beispill d'Sclérose latérale amyotrophique, fir nëmmen eng ze nennen, wou et vill méi ëm Verzweiwelung vis-à-vis vun der kierperlecher Dégradation oder ëm d'Angscht virum Erstécke während der Nuecht geet, oder zum Beispill bei munchen Aarte vu Kriibs wou de Betroffenen am Endstadium sech total a sengem Selbstbild vum Mëschewaert getraff fillt a sech selwer net méi kann erdoen. Doniewent, Dir Dammen an Dir Hären, ginn et nach aner Fäll wou d'Schmerztherapie an d'Palliativmedezin hëlleflos sinn a wou de Wonsch no Euthanasie absolut verständlech ass.

Ech wëll ee Fall just erausgräifen, deen elo aktuell ass a Frankräich, de Fall vun engem 21-jährege jonke Käre, deen no engem Autosaccident elo schon zënter 2 ? Joer querschnëttsgelähmt an engem Spidol an engem Bett läit, an en ass net nëmme querschnëttsgelähmt, mä dee Jong ass och nach blann dobäi an dee Jong huet, well en elo schonn 2 ? Joer do läit a well en dat net méi erdréit, e Brëf schreiwe gelooss un den Här Chirac, datt e gären aktiv Euthanasie hätt. An de Problem ass, dass seng Mamm am Interview geussert huet, si hätt vollt Verständnis fir hire Jong, well dat wier jo keng Léisung méi, si kënn verstehen dass en dat net méi als Liebensperspektiv géif gesinn. Dat ass also en eenzelnen dramatesche Fall, mä där ginn et der nach.

Wou ech gären hätt, dass dann och fir déi Leit Léisunge musse getraff ginn, an all deene Leit, déi soen dat wieren nëmme rar Fäll, soen ech: Dat si vläicht rar Fäll, mä dat si Fäll, an och deene Leit muss gehollef ginn.

Elo gëtt vun de Géigner vun der Dépénaliséierung gesot, et wieren nëmmen e puer Prozent. Ob 3 oder 8% vun de Fäll oder 10%, op dausend Fäll wieren dat 30 oder 80 Fäll. 3 oder 8% wier et vu schlëmmen Fäll. Dat wiere bei dausend be-

traffene Leit 30 bis 80 Fäll. A wat ass dat dann iwwerhaapt fir en Argument? Gëtt net och nach eppes hei am Land, a berechtigterweis, glécklecherweis, gemaach fir Kanner mat Spina bifida? Dat sinn dach och nëmme rar Fäll. Gëtt net eppes gemaach fir Kanner déi Leukämie hunn? Dat sinn och nëmme ganz rar Fäll. Gëtt net eppes gemaach fir Kanner déi ganz rar l'erfrankheeten hunn? Fir all déi Leit gëtt och eppes gemaach, mä do gëtt net d'Argument vun de kleng Prozentuele geholl, just an der Euthanasie gëtt gesot, et sinn nëmme e puer Prozent an dofir brauche mer fir déi näischt ze maachen. Mir sinn der Meenung, dass jiddfer Mënsch datselwecht Recht muss hunn an dass och fir déi Leit eppes muss gemaach ginn, an dofir bleiwe mir dobäi dass mer fir eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie sinn, an all déi aner Leit déi dergéint si bleiwen eng Äntwert op dës kruzial Fro, op dës Haaptfro schëlleg.

Dir Dammen an Dir Hären, bis elo konnt keent vun den Argumenter géint eng Dépénaliséierung vun der Euthansie eis iwwerzeegen. Mir bleiwen en faveur dovun, mä eist Haaptargument, Dir Dammen an Dir Hären, onofhängeg dovun ob een elo ideologesch gesinn dofir oder dergéint ass, ass folgendes.

Mir liewen hei zu Lëtzebuerg an enger pluralistescher Gesellschaft, wou d'Meenungen och an dëser Fro eben ausernee ginn. An do kann een dach net, wéi et den Här Juncker esou einfach gesot huet, higoen a soen, jidderee muss do eben tolerant sinn an ee muss deem anere seng Meenung respektéieren. Dat kléngt natierlech ganz gutt. Et ass just awer net esou einfach. Mir Gréng respektéieren déi philosophesch, ideologesch oder reliéis motivéiert Meenung vun all deene Leit, ob dat elo d'CSV ass oder kathoulesch Organisatiounen, oder och nach anerer. Mä d'Realitéit ass awer, Dir Dammen an Dir Hären, well dat bestehend Gesetz d'Euthanasie verbitt an ënner Strof stellt, dass déi Leit, an et sinn der ganz vill, déi fir d'Méiglechkeet vun der Euthanasie antrieden, an hirer Meenung, an hirem Recht net respektéiert ginn. An dofir ass et haut esou, dass een Deel vun der politescher Klass deenen anere Leit hiert d'Recht op Autonomie, op Selbstbestimmung a Wierklechkeet guer net accordéiert. Am Géigendeel, een Deel vun der Classe politique, haaptsächlech d'CSV, seet deem aneren Deel ganz kloer wat en därë a wat en net därë, an dat an esou mënschlech brisante Froe wéi déi vum Stierwen, wou mer hei driwwer schwätzen.

Wou ass do de libre choix? Wou ass dann do d'Autonomie vun där CSV, vun där Der ëmmer erëm schwätzt? Dir accordéiert deene Leit dach net d'Autonomie. Dat ass an dat bleift fir eis inakzeptabel. Mir bleiwen als Gréng fir e wierkleche libre choix vu jidderengem an dëser Fro, an dat heescht dass ee sech kann entscheiden. Wann ee wëllt bis zum Schluss Acharnement thérapeutique maachen, dat ass seng Fräiheet. A wann een e komplette Palliativprogramm mat Schmerztherapie, mat Begleitung, mat engem Paschtouer, mat engem Psycholog an ech weess net wat nach alles, da soll en dat gewäert kréien, da soll e Recht hunn. A wann ee just eng Schmerztherapie wëllt ouni palliativ, da soll een dat och kënnen. Mä wien awer d'Recht wëllt hunn ze soen, elo geet et mer duer, meng Situatioun ass esou verzweifelt, dee soll och musse kënnen drop Recht hunn, an dat Recht gëtt vun lech net accordéiert, an do läit den Haaptpunkt dovun.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. An dëser Debatt ass et ganz kloer, ech hat virdru gesot, dass vun der CSV-DP-Regierung, aus eiser Vue, dat war eis kloer virun e puer Joer, kee Fortschrétt géif kommen. Dat hânt

haaptsächlech un der CSV an dëser Regierungskoalitioun. Dat ass gewosst, well vun der Demokratescher Partei hu mer héieren an der Kommissioun, dat huet den Här Rippinger als Fraktiounschef do e puermol deklaréiert, dass hir Meenung vun hiren Deputéierten an hirer Fraktioun zum allergréissten Deel déi wier, dass ee misst kënnen an eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie goen, an do geet et net drëm ob een elo driwwer streit, ob elo d'Proposition de loi Huss déi beschä ass oder net. Ech si bereet iwwer all Modalitéiten aus där Proposition de loi ze diskutéieren.

Ech hunn och guer näischt dergéint, wann elo aner Parteie wëllen eng aner Proposition de loi maachen, déi e weéne anescht moduléiert ass, mat e weéne anere Bestëmmungen, sous condition dass et zu enger Dépénaliséierung vun der Euthanasie kënn, an ech hätt gär, dat wier dat minst - den Här Bodry huet zu Recht hei drop higewisen, dass mer heiansdo op der Plaz trëppelen, dass mer net virukommen an deem Beräich -, dass mer zumindest haut - wann ech et ka verstoen dass Demokratesch Partei net kann an enger Koalitioun mat der CSV eng Motioun akzeptéieren un d'Regierung fir d'Euthanasie ze dépénaliséieren, well se eben an där Koalitioun ass a si ass dat esou agaangen -, mä mindestens wat een hei kënn maachen, besonnesch wa gesot gëtt, dass dat hei eng Fro misst si wou jiddereen an der Fraktioun kënn maache wat e wëllt, dat heescht sengem Gewëssen no, besonnesch wann dat gëllt, da misst et mindestens méiglech sinn haut op dëser Plaz e kleng Schrëtt no vir ze kommen an dass jiddfer Deputéierten hei en âme et conscience seet, wat d'Chamber mengt, wat d'Chamber haut seet, och wann et net méi an enger Motioun un d'Regierung muss exekutéiert ginn, mä mindestens an enger Resolution misst dës Chamber kënnen Faarf bekennen, dass se fir eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie, niewent all deenen anere Saachen, ass, déi an Äre Motiounen dra stinn a wou mer fir d'Palliativmedezin alles kënnen ënnerstëtzen. Kee Problem. Mä mir misste mindestens hei an enger Resolution kënnen deklaréieren, dass mer fir eng Dépénaliséierung vun der Euthanasie antrieden. Dofir hu mir eng Resolution, zesumme mam Kolleeg Bodry a mat der Madame Err verfaasst, déi einfach just soll banal hei soen, niewent all deenen anere Saachen, mir sinn en faveur d'une dépénalisation de l'euthanasie volontaire.

Mir hunn dobäi geschriwwen, hantert engem Komma, „éventuellement“, dat war just fir eng Pist unzeginn. Mä dat kënn mer ewech loossen, sans problème, „éventuellement par le biais d'une excuse de justification légale“. Dat ass jo just ee Wee. Wann dorunner ee sech stéiert, si mer ganz gär bereet dat ewech ze loossen. Mir si bereet driwwer ze diskutéieren. Mir hätt just gär, dass dës Chamber endlech eng Kéier Faarf bekennt, quitte dass mer wierklech emol e Schrëtt no vir kommen an dëser ganzer Diskussioun, net dass mer an dräi, véier Joer erëm eng Kéier driwwer diskutéieren an erëm eng Kéier déiselwecht Positiounen hei hunn.

Résolution 1

La Chambre des Députés,

- considérant la reconnaissance universelle du droit de chaque être humain à une mort digne et humaine;

- considérant que l'appréciation de ce qui est digne et humain ne peut qu'être subjective et intimement personnelle et qu'une société pluraliste et démocratique se doit de respecter ces conceptions souvent divergentes;

- réitérant sa revendication concernant le développement de l'offre en matière de soins palliatifs et de traitements anti-douleur;

- considérant la reconnaissance scientifique des limites de la médecine palliative pour certaines maladies et certains malades;

- considérant le droit à l'autodétermination de chacun et chacune quand il s'agit des circonstances et conditions de sa propre fin de vie;

se prononce

- en faveur de toutes les mesures nécessaires pour développer l'offre sur le plan national en matière de médecine palliative de sorte à garantir l'accès de tous et de toutes aux soins palliatifs adéquats et aux traitements anti-douleurs modernes et performants;

- en faveur de la mise en place d'une formation continue des médecins et du personnel soignant en soins palliatifs;

- en faveur de l'introduction dans notre législation de „dispositions de fin de vie“, assurant le respect de la volonté du bénéficiaire de soins concernant sa fin de vie, et d'un système d'enregistrement centralisé de ces documents auprès d'une autorité publique;

- en faveur d'une dépénalisation de l'euthanasie volontaire, éventuellement par le biais d'un excuse ou justification légale.

(s.) Jean Huss, François Bausch, Alex Bodry, Lydie Err, Jeannot Krecké.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächst Riednerin ass d'Madame Marie-Josée Meyers agedroen. D'Wuert huet d'Madame Meyers.

Mme Marie-Josée Meyers-Frank (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech probéieren, no deenen heftegen Diskussiounen déi den Här Huss elo hat, erëm e bësse Rou an dat Haus hei eran ze kréien, well dat do war heftig. Ech schlësse mech de Bemierkunge vu mengem Fraktiounskolleg, dem Patrick Santer, un a wëll ganz kuerz d'Thema vun der aktiver Euthanasie opgräifen, ier ech mech op d'Palliativmedezin konzentréieren.

All Mënsch huet seng perséinlech Meenung an Usiicht zur aktiver Euthanasie. Als Infirmière hunn ech laang onheelbar krank Mënsche betreit a begleet, an ech ka behaupten dass an der Endphas vun Liewe weéne Leit den Doud fäerten, mä d'Stierwe mat Péng. Si hunn haaptsächlech Ängscht virun engem qualvollen Doud. Et kann net sinn, dass d'Äntwert op dës Suergen an Ängschten an enger eemoleger Spréiz oder engem Medikament läit. Esou eng fundamental Fro wéi déi vum Enn vum Liewe kann net mat radikalen an einfachen Usätz beäwert ginn. Doriwwereraus ass de Mëssbrauch bei aktiver Stierfhëllef net ze ënnerschätzen. An enger materieller Gesellschaft, wou d'Stierwe keng Plaz méi huet, déi et schwéier huet sech mat onheelbare Krankheeten, mat der Péng a mam Doud ausernee ze setzen, besteet e reelle Risiko, dass Drock ausgeübt gëtt, besonnesch bei eelernen, dementen an awer och bei schwéier behënnerte Leit.

Dat ass de Grond firwat och Doktere sech géint d'aktiv Stierfhëllef ausschätzen. Mëssbräich ginn et der iwwerall, mä wann een an ee Beräich geet wou Äbuen net därfe sinn, dann ass et dee vum Enn vum Liewen. Dobäi muss een och ervirhiewen, datt d'Attitüd vun deem onheelbar kranke Mënsch par rapport zu senger Krankheet an hir Konsequenzen an deenen allermeeschte Fäll gekennzeechent ass vun Zweifel, Relationsproblemer an oder depressive Phasen. Fir d'Dokteren a fir d'Fleegepersonal sinn esou Situatiounen extrem schwéier ze bewäerten, an dat ass

och e Grond firwat sech vill Doktere géint d'aktiv Stierfhëllef ausschätzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een déi aktiv Euthanasie mat engem méi mënschewierdegen Doud a Verbindung setzt, vergësst een, datt d'mënschlech Unitéit sech net op de Besëtzt vu verschiddene physeschen a psycheschen Attributer reduzéiert, de Wäert vun engem Mënsch moost sech net no sengem Notzen an der Gesellschaft, an et ignoréiert een och domadder all déi medezinesch Fortschréiter, déi an deene leschte Jorzéngten a puncto Schmerztherapie gemaach gi sinn.

Fir d'Weltgesondheetsorganisatioun - an ech deelen dës Approche - wäert sech dës Fro vun der aktiver Euthanasie mat der Entwécklung an dem Ausbau vun de Soins palliatifs net méi stellen. Et ass e Fait, an ech weisen op all déi méiglech Dokumenter vun der Weltgesondheetsorganisatioun zu dësem Thema, datt bei schwéier kranke Leit, déi an der Endphas vun hirem Liewe sinn an déi vum multidisziplinären Team encadréiert sinn, d'Nofro un aktiv Stierfhëllef keen Thema méi ass. Optimal encadréiert heescht, déi néideg physesch, psychologesch, spirituellt a sozial Hëllef ze kréien.

Dëst ass eng grouss Erausforderung un d'Dokteren, un d'Fleegepersonal, mä och un d'Famill. D'Palliativmedezin resüméiert sech nämlech net eleng op d'Schmerztherapie, et ass e vill méi komplex Konzept. Wann ee wéi de Collège médical oder den Dokterverband Neen zur aktiver Euthanasie seet, da muss mer awer kloer politesch Prioritéite setzen an d'Palliativmedezin schnellstens hei zu Lëtzebuerg ausbauen; wat jo scho säit 1999 gefuerdert gëtt. An do ass haaptsächlech d'Politik, sou wéi d'Acteuren um Terrain, dat heescht Dokteren, d'Fleegepersonal an och Associatiounen, déi sech ëm d'Soins à domicile spezialiséiert hunn, gefuerdert.

Den aktuellen Zoustand hei zu Lëtzebuerg ass bei wäitem net zefriddestellend. Et bestinn nach grouss Lacunen. Onheelbar krank Leit hu Recht op eng ugepasste Liewensqualität. Ech ginn an dësem Kontext ze bedenken, datt eis Noeschlänner an dësem Beräich eis e grouse Schratt virus sinn.

D'Palliativmedezin soll als een ëmfaassend Konzept gefuerdert ginn. Schmerztherapie a Schmerzbegeleitung muss landeswäit, souwuel an de Spideeler, an den Alters- an an de Fleegeheimer, awer och virun allem doheem, ugebuee ginn.

(Coups de cloche de la Présidence)

Et schéngt mer prioritär ze sinn, d'Soins palliatifs am extra-hospitalären an am ambulante Beräich per Gesetz ze verankeren, genau wéi dat de Fall fir d'Soins palliatifs am hospitaläre Milieu ass. Wann ee wëllt ee komplette Kader schaffen, geet et menger Meenung no net duer den Usproch un d'Soins palliatifs nëmme am Spidolsgesetz festzeleeën. D'Soins palliatifs am extra-hospitalären an am ambulante Beräich mussen dann och deementspriedend ausgebaut ginn.

Et ginn eng Rei vu Projeten déi realiséiert goufen, wéi zum Beispill d'Ariichte vun Equipes mobiles an e puer Spideeler. Awer nach ëmmer ze weéne, wann Der mech frot. Anerer si geplangt. Ech denken do un d'Ariichtung vun deem Centre d'accueil pour personnes en fin de vie. Ech begreissen dës Décisioun, well net all Patient d'Méiglechkeet huet doheem betreit ze ginn a vill Leit net hire leschte Liewensofschnétt an engem Spidol verbréngen wëllen. Dohier ass et wichteg, extra-hospitalär Unitéite virzegesinn. Si droe mat Sécherheet dozou bäi, de Stellerwäert vun de Soins palliatifs ze erhiewen, mä et ass nëmme een Deel vum Puzzle.

An dofir wollt ech och d'Regierung froen, wéi wäit se mat der Planung vun der Maison pour personnes en fin de vie wieren. D'Palliativmedezin an d'Soinen am ambulante Beräich mussen mer also mat Nodrock fuerderen. Et gi bis elo ganz weéne Servicer, déi eng ambulant Betreierung ubidden, sou datt d'Offer net dem Wunsch vun der grousser Majoritéit, ëmmerhi 75% vun de Leit no enger Ufro wënschen doheem ze stierwen, Rechnung gedroe gëtt. An dës Situatioun wäert sech net besseren, wann ee bedenkt datt d'Demande u Soins palliatifs an deenen nächste Joren a Jorzéngte mat der Alterung vun eiser Bevölkerung wäert zouhuelen. Et stierwen haut nach bal 80% vun eise Leit an der Klinik. Mir mussen dowéinst ganz kloer Akzenter setzen. Wann een d'Soins palliatifs à domicile ausbaut, kann ee vill Patienten doheem betreien an och domadder erëm Better an de Palliativunitéite fräi maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Ausbau vu Soins palliatifs geet net nëmme iwwert de Wee vun enger adequater Finanzéierung, mä ass fundamental an eng erausfordernd Prestatioun. Doranner falen d'Basissoinen, déi bis haut net vun de Krankeeseen rembourséiert ginn, wa se doheem ugebuede ginn a gréisstendeels vun de Patienten oder iwwert de Wee vun Eegemëttel a Spendegelder finanziéiert ginn.

D'Basissoinen, wéi zum Beispill d'kierperlech Hygiène, sinn immens wichteg a kënnen net nëmme vun der Famill eleng vum Patient verricht ginn. Zu de Palliativprestatiounen falen och all déi technesch Akte vun den Infirmiären, mä awer och Interventiounen a Servicer wéi d'psychologesch Ënnerstëtzung vum Patient a vu senger Famill.

D'Promotioun vun der Palliativmedezin setzt eng finanziell pluridisciplinaire Prise en charge virus.

Wat de Finanzéierungsmodus ugeet, kéint ee Forfaits palliatifs virgesinn. Et kéint een dës Forfait graduéieren, jee nodeems wéi schwéier den Zoustand vum Patient ass. Natierlech mussen dës Prestatiounen vum Dokter verschriwwen ginn. Ech mengen och, datt dat iwwert d'Krankeversécherung misst lafen an net iwwert d'Fleegeversécherung, eleng aus deem Grond well net jidderee vun der Fleegeversécherung profitéiert an den Evaluatiounssystem vun der Fleegeversécherung net enger Situation de fin de vie adaptéiert ass. De Fleegeversécherungssystem ka ganz einfach net an den akute Situatiounen vun engem Patient an der Endphas Rechnung droen.

Egal fir wéi e Finanzéierungsmodus sech d'Regierung entscheet, muss een d'Lücken téschent der Kranken- a Fleegeversécherung iwwerbrécken. D'Realisatioun vun de Soins-palliatifs-Unitéiten a verschiddene Spideeler werft d'Fro vun den Effektivitéit an de materiellen Ressourcen op. Méi Better gi gebraucht, méi Ressourcë sinn néideg fir d'Therapien ze finanzéieren, méi Personal dat eng spezifesch Formatioun an der Palliativmedezin huet, ass gefrot. An do dréckt de Schong.

Mat der Arichtung vu Strukturen an der Aféierung vun engem effiziente Finanzéierungssystem ass net alles gemaach. Wat déngen déi Strukturen, wa weder Dokteren nach Fleegepersonal an der Palliativmedezin forméiert sinn? Vill ze vill Leit mussen hautdësdays nach schrecklech Péng aushalen, obwuel et Thérapie ginn déi d'Péng souwäit wéi et geet neutraliséieren. Dësen Zoustand ass doropper zréck ze féieren, datt d'Palliativmedezin beim Corps médical net esou ausgepräegt ass wéi et misst sinn. Et ass also vun allergréisster Noutwendegkeet, datt de Soins palliatifs, am Kader vun der Formatioun vun den Dokteren an dem Fleegepersonal, souwuel um Ni-

veau vun der initialer Formatioun wéi och um Niveau vun der Formation continue, eng gréisser Bedeutung zoufält.

Ech si frou datt déi virlelend Motioun och op dese Problem ageet an d'Regierung opfuert Initiativen op deem Gebitt ze huelen, fir datt d'Palliativmedezin zu engem feste Bestanddeel vun der Formation vun den Dokteren an dem Fleegepersonal gëtt.

(Coups de cloche de la Présidence)

Eng weider Méiglechkeet d'Palliativmedezin ze fuerderen, wier och an mengen Aen e Léierstull an dëser Matière zu Lëtzebuerg ze schaffen, zum Beispill am Centre universitaire. Domadder kéint een net nëmmen den Dokteren d'Formation ubidden, mä carrément d'Dokteren an dëser Disziplin forméieren, sou datt mir hei zu Lëtzebuerg e Pool vu Spezialisten an der Palliativmedezin hätten, déi Konferenzen a Formatiounen am Ausland matdroe kéinten. Wat wier dat e Räichtum fir eist Lëtzebuerger Land!

An nach eng Suggestioun. Fir esou séier wéi méiglech weider ze kommen, ass et sennvoll ee Comité ze schaffen, deem déi verschidde Projeten, Initiativen a Services kéint koordinéieren. Mir géifen domadder sécherlech méi séier e Projet de loi op den Instanzewee kréien.

Wéi steet et eigentlech ëm de Projet de loi vun der Regierung wat d'Soins palliatifs fir de Moment ugeet? Dese Comité kéint sech aus Leit aus dem Familljen- a Gesundheitsministère, aus Vertrieeder vun Dokterverbänn an aneren Assosiationen zesummesetzen. Et kéint een och do vun de jorzéngtelaangen Erfahrung vum Personal vun der Palliativstation vum Esch profitéieren, esou wéi vun Omega 90.

Ech wéilt och kuerz op d'Dispositions de fin de vie agoen. Et ass wichteg, dass dës Dispositionen eng legal Basis kréien. Mir hunn an der Kommissioun laang iwwert dëse Punkt diskutéiert a mat ville Leit um Terrain Récksprooch dozou geholl, notament mat der Alzheimer Association. Si behaupten, dass d'Dispositions de fin de vie e wichtige Guidage fir d'Dokteren an d'Fleegepersonal ass am Kader vun dementen oder schwéierst kierperlech a séileg behënnerte Leit.

Ech begrëssen d'Tatsaach, dass mer an der Kommissioun op de Wee gi vun der Dépénalisatioun vum Acharnement thérapeutique. Ech hoffen, dass déi virlelend Motioun, déi d'Regierung opfuert d'Strofgesetz deementsprechend ze änneren, hei eng grouss Zustimmung fanne wäert.

Mat Nodrock wënschen ech mer, dass d'Regierung sech meng Iwwerleeungen, virun allem wat d'Palliativmedezin ugeet, zu Häerzen hält, well et steet villen um Spill. Et geet ëm eist Zivilitéitspotenzial. Wéi wäit si mir bereet eis fir eis onheelerbar krank Matbierger ze investéieren? Fir mech stellt sech d'Fro net. Et ass eis Pflicht déi ze begleeten, déi krank sinn, an optimal en charge ze huelen, an déi déi leiden a stierwen um beschte Wee ze begleeten.

Mir hunn haut d'Geleeënheet e Kader ze schaffen an deem d'Palliativmedezin ausgebaut ka ginn. Mir dierfen dës Geleeënheet net verpassen, well eent steet fest: Stierwe musse mir all, mä hoffentlech an Zukunft méi mënschewürdeg wéi bis elo. Duerfir musse mir virun allem viru kengem Effort zréckschrecken.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächst Riedherin ass d'Madame Lydie Err agedroen. D'Madame Err huet d'Wuert.

Mme Lydie Err (LSAP).- Kee Mënsch contestéiert dass et gutt ass, dass d'Medezin sech esou dévoppéiert huet wéi dat haut de Fall ass, mä och do eraus ergi sech Folgeproblemer, ënner anerem dee vun der Euthanasie. Och dat erkläert warscheinlech firwat déi Problematik vun der Stierfhëllef eréischt intensiv an deene leschte Jorzéngten diskutéiert gëtt. Fir de Problem vum Stierwen ze léise gëtt et keng technologesch, mä nëmmen eng ethesch Léisung. Wann ee vum Stierwe schwätzt wier et och besser vu Gestaltung vum Doud ze schwätzen, well d'Fro vum Doud u sech net ze léisen ass.

D'Stierwen ass esou eng individuell Saach wéi d'Liewen et ass. Duerfir ass et inakzeptabel engem d'Virstellungen op eng bestëmmte Manéier ze stierwen opzedrängen oder engem seng eege Virstellungen ze verwieren, déi zwar korrekt an den Ae vu deenen anere sinn, mä gläichzäiteg contraire zu de Vuë vum Stierwenden.

Dat, Dir Dammen an Dir Hären, ass a mengen Aen Tyrannei, ontolerant an inakzeptabel. Dat ass Besserwësserei vu Leit oder vun Institutionen, deenen hir Gewunnecht et ass anere Leit hir Ethik, hir Welt- an hir Wertanschauungen opzedrängen. Dat geet net, well fir säin eegent Liewen a säin eegenen Doud all Mënsch säin eegenen Expär oder seng Expertin ass. Och am Stierwen huet jiddfereen d'Recht sech selwer a sengen eegene Virstellungen trei ze bleiwen. Den Doud ass vläicht déi eenzeg Gerechtegkeet am Liewen, well virum Doud si jiddefalls an der Theorie d'Leit all gläich, obschonn et och hei nach Ennerscheeder gëtt.

Et ass kloer - an et ass schonn ugeschwat ginn -, dass et Leit ginn déi wësse wéi sech unzeleeën ass fir ouni Péng ze stierwen, sech selwer hëllef kënnen, respektiv Leit kennen op déi se sech verlooosse kënnen fir gehollef ze kréie wa si um Enn vun hirem Liewen ukomm sinn. An da ginn et all déi aner, déi net déi Chance hunn déi Kenntnisser selwer ze hunn, oder Leit ze kennen déi se hunn, an déi drop ugewise sinn esou ze stierwe wéi aner Leit fir si selwer et gutt fannen. Dat ass a mengen Aen net an der Rei.

Zënter 1995, säit där eischter Orientéierungsdebat zur Euthanasie, gëtt an der Chamber zu Lëtzebuerg vill geschwat a vill geschriwwen iwwert dat Thema, ouni dass ee bis haut awer kann een eenzege konkrete Fortschritt verzechnen. Mir haten d'Orientéierungsdebat. Mir haten eng Interpellatioun 1999 mat enger notabler Ausnahm, wou och Regierungsmembere sech deemools hunn dierfen à titre personnel ausdrécken. Mir hunn duerno e Gesetz kritt iwwert d'Droits et devoirs du patient. Mir hunn Ethikskommissionen um Pabeier agefouert, déi et an der Praxis net gëtt an déi nach manner an der Praxis schaffen. Mir hu Motiounen gestëmmt. Mir hu Wahlprogramme geschriwwen. Mir hu Koalitiounsprogrammer gelies.

A propos Koalitiounsprogramm ass et vläicht derwäert ervirzeesträichen, dass ee sech normalerweis géif erwaarden dass an engem Koalitiounsprogramm dat steet wat ee wëlles huet ze maachen, an net dat wat een net wëlles huet ze maachen. Och dat ass sécherlech keen Zoufall. Dat ass fir mech souguer symptomatesch a skandaléis, well an esou enger wichtiger ethescher a gesellschaftspolitesch relevanter Fro d'Regierung de Majoritéitsdeputéierten domadder probéiert d'Hänn ze bannen.

Dat ass géint all Prinzipie vum normale Fonctionnement vun enger parlamentarescher Monarchie, déi d'Prétentioun jiddefalls huet demokratiesch ze funktionéieren. Dat ass um Niveau vun den Iddien eng Diktatur vun den Iddie vu Konservativen, wann net vun der kathoulescher Kierch iwwert d'Politik. Dat ass Parteidisziplin oder Regierungsverantwortung iwwer eegen

an individuell politesch Verantwortung gestallt. Ob esou eng Prozedur kann opgoen, an enger Fro déi iwwert d'Stierwe geet, sief dohinner gestallt.

D'Recht ze Stierwen - de Patrick Santer huet dat hei viru mir uklänge gelooss - ass kee Mënscherecht dat ee kann ofleede vum Artikel 2 vun der europäescher Mënscherechtskonventioun. Wat hien awer net gesot huet a wat ech ënnersträiche wëll, ass dass deeselechten Artikel 2, deem d'Recht op d'Liewen aschreift, keen Empêchement ass op nationalem Plang eng Gesetzgebung ze maachen, déi eng deelweis Dépénaliséierung ënner gewëssene Konditiounen vun der Euthanasie géif virgesinn, well - dat ass och ganz kloer an engem Arrêt gesot - den Droit à la vie aus dem Artikel 2 net heescht dass all Stat d'Obligatioun hätt d'Liewe vu senger Bierger a Biergerinnen ze schützen géint de Wëlle vun hinne selwer.

Et ass also esou, dass mir als politesch Verantwortlech heibannen duerchaus de Choix hunn esou eng Gesetzgebung ze maachen, virausgesat mir hätten alleguerten de Courage, trotz Koalitiounsprogramm, op de Wee vun eisen eegenen Iwwerzeegungen ze goen.

Ech wëll vläicht ganz kuerz soen dass, wa mer esou eng Gesetzgebung hätten déi an de Sënn geet vun därer, déi ech mam Jean Huss proposéiert hunn, da géif dat natierlech mar net heeschen, dass iergendeen, deem Euthanasie, Stierfhëllef fir sech selwer net wëllt, déi kéint imposéiert kréien. D'Liberté de religion heescht jo och net, dass jiddfereen forcéiert gëtt eng Relioun ze hunn oder eng Relioun ze praktizéieren, an d'Recht sech ze scheeden obligéiert och kee Mënsch ausernee ze goen.

D'selwecht wier et wa mer e Gesetz hätten, wat d'Stierfhëllef ënner gewësse Konditiounen stroffräi géif maache fir déi Leit, déi et haut praktizéieren, déi et ouni et ze soe praktizéieren, déi net poursuiviéiert ginn an domadder am Fonng ganz kloer maachen, dass et zu Lëtzebuerg op deem Punkt wéi op aneren en Auserneeklafe gëtt zwëschen engem Gesetz an enger Praxis.

Den Dokter Schroell huet hei uklänge gelooss - an hien ass gutt placéiert fir ze wësse vu wat hie schwätzt -, dass och zu Lëtzebuerg an de Kliniken oder dohem Stierfhëllef praktizéiert gëtt, à huit clos souzesoen, ouni Transparenz, ouni Pursuiten, ouni Kontroll, dat heescht op eng Aart a Weis déi et eleng dem eegene Gutdünke vun den Dokteren iwwerléisst Stierfhëllef ze praktizéieren oder net.

Dat, Dir Dammen an Dir Hären, ass fir mech de spréngende Punkt. Et kann net sinn dass d'Décsion, ob oder ob keng Stierfhëllef geleescht gëtt, vun deem ofhänkt dee se ka ginn, an net vun deem ofhänkt dee se ka reklaméieren. Et kann net sinn dass eppes guttgeheescht gëtt, wat an der Praxis wéi haut leeft, ouni dass kloergestallt ass dass déi Stierfhëllef, déi praktizéiert gëtt, effektiv och gefrot ginn ass a sech enger Gesetzgebung opposéiert, déi ganz kloer géif Konditiounen setzen ënnert deenen eng Stroffräiheet vun der Euthanasie kënn envisagéiert ginn, mä ze soen: Dat kënn mer net maachen, dat gëtt ze vill Dériven.

Dérivé ginn et haut, Dir Dammen a Dir Hären, wou an de Kliniken eppes praktizéiert gëtt, wat absolut ontransparent ass. Duerfir ass et och kloer, dass d'Oppositioun, déi mer vun de professionelle Milieue kennen, ëmmer vun do kënn, well do déi Handlungsfräiheet komplett ageschränkt gëtt, well Kontrollen a Konditiounen agefouert ginn a well et kloer ass dass, wa mer e Gesetz

hätten, da géifen et och Pursuité ginn, wann déi Konditiounen vun der Stee net géife respektéiert ginn.

Dat sinn, Dir Dammen an Dir Hären, déi Ursaachen déi deelweis erklären, dass et eng ganz staark Oppositioun gëtt zu der Wëllensfräiheet zur Stierfhëllef duerch de Patient selwer amplatz vum Dokter. Dat ass inakzeptabel an ech mengen, dass all Demokratie misst drop befass si fir d'Praxis an hirem Land mam Gesetz an Aklang ze bréngen. Wa mer wëssen, dass dat de Moment net de Fall ass, da wiere mer gutt beroden op de Wee vun enger Gesetzgebung ze goen. Wa mer dat wëlle maachen, misste mer awer virun allem kloerstelle vu wat mer schwätzen.

Wat ass eigentlech Euthanasie? All Mënsch schwätzt driwwer, mä et ass awer vläicht derwäert fir et eng Kéier ze definéieren.

Euthanasie oder Stierfhëllef ass, wann een engem aneren hëllef ze stierwen. Esou wäit ass all Mënsch d'accord, mä fir mech ass de Schluss vun der Definitioun relevant, wou gesot gëtt „ausschliesslech op Demande vun deem, deem amgaang ass ze stierwen“. Dat mécht ganz kloer, dass déi Euthanasie, vun där mir schwätzen, déi ass déi exklusiv eng volontaire Euthanasie ass an an där hirem Décisiounsprozess keng Plaz ass fir d'Matsproocherecht vu Famill, vu Frënn, vum Dokter an och net vum medezinesche Personal. Et ass en exklusiv perséinlechen Ausdrock vum Wonsch no enger Hëllef fir ze stierwen um Enn vun engem Liewen.

An dann ass och vläicht interessant ze wëssen, dass eng Enquête gemaach ginn ass - an Australien, mengen ech, war et -, fir ze kucke wat et bedeit Stierfhëllef ze hunn am Kader vun engem Gesetz. Do ass notament an Australien erauskomm - wou et e Gesetz iwwer Stierfhëllef gëtt -, dass déi Zäit déi d'Liewe verkierzt gëtt mat engem Gesetz an der Moyenne 14 Deeg ass. Et ass also kloer, dass och mat engem Gesetz muer net d'Krankekeesen enorm géifen entlaascht ginn. Et geet net ëm eng Saach vu Couët, et geet ëm eng Saach vu Gesetzlechkeet, vu fräiem Wëlle vun Stierwenden an et geet virun allem ëm Respekt virum Doud, engem Doud no den eegene Virstellunge vu jiddferengem.

Passiv oder aktiv Euthanasie ass hei ugeschwat ginn. Ech hat zwar net wëlles driwwer ze schwätzen, mä et geet erëm net.

(Interruption)

Passiv Euthanasie, esou wéi se hei ugeschwat gëtt, do gëtt ni preziséiert dass och déi passiv Euthanasie, wann et se da géif ginn, wat ech contestéieren, nëmmen da kënn akzeptabel si wa se och volontaire wier. Or mengen all déi Leit, déi vu passiver Euthanasie schwätzen, domadder d'Verofreechung vu staarke Medikamenter, vun deenen ee weess dass se warscheinlech den Doud erbaiféieren. Do gëtt ni gesot, dass och déi Zort vun Euthanasie nëmmen mam agestanene Wëlle vun dem Stierwende kënn verofreecht ginn.

Or ass dat, Dir Dammen an Dir Hären, a mengen Aen, eng weider Ursaach fir ze soen, dass déi Praxis vun haut inakzeptabel ass an dass et wierklech vill méi kloer a vill besser ass wa mer e Gesetz hunn, wat kloer ënnert gewëssene Konditiounen Euthanasie erlaabt a wat eng Méiglechkeet opmécht fir de Respekt vun deene Konditiounen, déi an dat Gesetz stoe kommen, ze kontrolléieren.

Oder, ech stellen Iech eng Fro: Ass eng passiv Stierfhëllef ouni de Wëlle vum Stierwenden, dee sech net explizit ausgedréckt huet, besser wéi eng aktiv Stierfhëllef déi explizit vum Stierwenden ausgedréckt ginn ass?

Ech mengen, wa jiddfereen mat sech selwer éierlech ass, da kënn en zum Schluss dass déi zweet Hypothees déi besser ass, dat heescht, wann de Wëlle vun deem, ëm deem säi Liewen et geet, respektéiert gëtt, och da wann et sech ëm en aktiven Euthanasieakt géif handeln.

Ee Beispill fir ze demonstréieren dass deen Ennerscheed a mengen Aen absolut onzoulässeg ass, an zwar net nëmme juristesches, mä och praktesch. Et gëtt gesot vun de Vertrieeder vun der Thees vun der passiver Euthanasie dass, wann e Mënsch schlecht drun ass, da kënn e staark Medikamenter kréien, och da wann e wéisst dass déi Medikamenter eng Beschleunigung vum Doudesprozess géife mat sech bréngen. De Fait dass, wann een e Medikament verofreecht, dat e positiven Akt ass, do juristesches iwwerhaapt keng Diskusioun ass. Also, wann et géif drop ukommen, dat ganz kloer géif als en Akt ugesi ginn um Gerlicht, esou dass et absolut kloer ass dass déi Differenz tëschent där sougenannter passiver an aktiver Euthanasie eng komplett artificielle ass, eng Construction de l'esprit vun all deenen déi wëssen dass se géint een Deel vun Euthanasie souwou net erlaanscht kommen, déi awer net déi intellektuell Éierlechkeet hu fir zouzeginn dass déi Differenz eng ganz theoretesch ass, déi an der Praxis kee Bestand kann hunn.

Oder ass et, Dir Dammen an Dir Hären, eng Logik fir ze behaupten, wann een engem seng Longen-Häerz-Maschinn, seng Beootungsmaschinn ofstellt, dass dat keng aktiv Euthanasie wier? Dat ass net nëmmen e konkreten Akt, dat ass en Akt vun deem ee weess dass en net nëmme warscheinlech, mä doudsécher den Doud mat sech bréngt. A fir do nach eng Differenz wëllen ze maachen, ass a mengen Aen eng Illusioun a reng onrealistesches.

Une voix.- Très bien.

Mme Lydie Err (LSAP).- Wat wichteg ass, dat ass dass all Mënsch muer soll d'Virstellung vu sengem eegenen Doud zu Lëtzebuerg kënnen réaliséieren, ouni do duerch en aneren, e Medeziner oder e Paramedeziner, enger Poursuite pénale auszesetzen. Et ass net un den Dokteren an et ass net um paramedezinesche Personal de Risiko fir den individuelle Stierwonsch vun engem Patient weiderhin ze droen. Et geet och net duer, an dat ass schonn ugeklongen hei, fir sech op de Schwuer vum Hippokratés ze versteifen, fir ze soen den Dokter wier och mat engem Gesetz, wat hinne géif Stroffräiheet ginn, kaum duerch dësen Eed entbonnen. Et ass evident dass déi Méiglechkeeten, déi et an der Medezin haut gëtt, zu deenen Zäite wou den Eed gebuere ginn ass, kee Mënsch sech hätt kënnen virstellen an dass d'Interpretatioun vun deem Eed och muss esou si wéi d'Evolutioun vun eiser Gesellschaft a wéi d'Entwécklung vun der Wëssenschaft et mat sech bréngt.

Souwisou ass et kloer, och wa mer kee Gesetz kréien iwwer Euthanasie, dass dat net heescht, dass et zu Lëtzebuerg kee Fräidoud wäert ginn. Mir verhënnern haut ouni Gesetz weder e Suicide nach eng Euthanasie. Mir verhënnere just eng Kontroll iwwer e Phänomeen dat weiderhin am stillen Kämmerlein, à huis clos soll lafen. Dat eleng, mengen ech, geet duer fir ze soen, mir brauchen och zu Lëtzebuerg eng Kohärenz tëschent der Praxis an dem Gesetz. A firwat net och eemol vun engem Memorandum Benelux a gesellschaftspolitesche Froe schwätzen, wéi mer dat ëmmer nëmmen op aussepoliteschem, haaptsächlech op europäeschem Plang maachen?

Ass et normal dass e Lëtzebuerger dat belsch Gesetz kann invoquéieren, andeem dass en op Arel bei en Dokter geet, e Médecin traitant

huet dee fënnef Kilometer méi wäit wunnt wéi deen a sengem eegenen Duerf, an duerch d'belscht Gesetz d'Méiglechkeet kritt Euthanasie kënnen ze verlaangen, an enger Hypothees wou e schlecht drun ass, well dat zu Lëtzebuerg net méiglech ass?

Ass et logesch, dass Homosexueller, déi sech zu Lëtzebuerg net kënnen offiziell zesummen dinn a sech net kënnen bestueden, kënnen op Tréier goen an do, ouni eng Clause de résidence ze begéinen, e Kontrakt ofschléissen, deen zu Lëtzebuerg nach ëmmer net erlaabt ass?

Ech denken, dass Lëtzebuerg, och op esou delikate gesellschaftspolitesche Froe wéi dës, sech net ëmmer kann zéien a waarde fir als Leschten aus enger Géigend aktiv ze ginn, an domadder seng Bierger ze forcéieren, d'Satisfaktioun vun hire Virstellungen am noen Ausland ze sichen.

Ech mengen, dass och e Gesetz doriwwer eraus nach den Avantage hätt, eng Inégalitéit tëschent de Bierger ofzeschaffen, déi déi ech schonn ugeschwat hunn, an zwar déi déi wëssen oder ee kennen dee weess wéi et geet, an deenen aneren, fir déi dat net de Fall ass an déi net d'Moyenen hu sech sou ze soen den Doud vun hire Virstellungen anzekafen.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Ech mengen dofir dass et wichteg ass hei festzehalen, dass d'Stiewen e perséinlecht Uleies ass an dass et eng ethesch Fro ass, déi e Gesetz souwisou net ausschléisse kann, mä d'Gesetz misst am Fong jiddferengem déiselwecht Chance gi virum Gesetz, fir am Aklang mat sengen eegene Virstellungen aus engem Liewen ze scheeden, fir an dat anzetriede kee gefrot ginn ass.

Dat ass, Dir Dammen an Dir Hären, déi lescht Fräiheet vun all Mënsch. Ech denken dofir, dass et wichteg wier e Wuert nach ze soen zu där Proposition de loi déi ech mam Jean Huss gemaach hunn, fir drop hinzewiesen dass alles wat an där Proposition steet zur Diskussioun ass, ausser dräi Prinzipien, déi dräi Prinzipien déi do heeschen:

- Eng gesetzlech an obligatoresch Unerkennung vun enger Disposition de fin de vie.
- De Prinzip vun enger volontärer Stierfhëllef exklusiv an där keen anere Matsproochrecht huet.
- Eng conditionnell Stroffrähheet fir den Dokter oder d'paramedezinescht Personal, an der Presenz vun engem widderhuelenden Doudeswonsch vun engem Stierwesekandidat.

Dat sinn dräi Prinzipien, wa mer eis op déi hei kënnten eenegen, da géing selbstverständlech d'Commission d'évaluation, déi an eiser Proposition steet, zur Dispositioun stoen. Déi ass iwwregens souwisou ganz falsch interpretéiert ginn. Mir haten eis déi am Fong geholl virgestallt als eng ausgestreckten Hand vis-à-vis vun all deenen déi Reserven hunn, an der Hoffnung dat kënnt déi leschten Ängscht virun Dérivé vun enger Gesetzgebung aus der Welt schafen. Dat schéngt net de Fall se sinn. Ech perséinlech wier - an ech weess och, dass dat fir de Jean Huss de Fall ass - vill méi frou wann déi Commission d'évaluation eraus wier an och d'Doktere kënnten an deem Fall, schéngt et, méi einfach mat där Proposition liewen.

E Gesetz zur Stierfhëllef, an domadder wëll ech ophalen, Dir Dammen an Dir Hären, hätt och nach niewebäi den Avantage den Doud méi an Erscheinung ze bréngen an de Leit zu Liewenszäite vläicht en Deel vun hirer Ängscht virum Doud ze huelen. Dat eleng wier mat deene prinzipiellen Iwwerleeunge vu Kohärenz tëschent Praxis a Gesetz, Toleranz, Transparenz an esouweider a mengen Aen derwärt aktiv ze ginn. Mir hu genuch dovou geschwat, mir missten

endlech Décisiounen huelen déi et géifen erlaben och eist Liewensenn méi ze ziviliséieren.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Alexandre Krieps agedroen. Den Här Krieps huet d'Wuert.

M. Alexandre Krieps (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer ze soen, dass deen heitege Sujet méi ons Patienten interesséiert wéi déi professionnell Milieuen, Medeziner oder Net-Medeziner. Niewebäi ware mer verwonnert, dass dës Problematik net an enger eenzeger Réunioun an der Chamberskommissioun vun der Santé behandelt ginn ass an dësem Haus.

An de fréie 50er Jore vum leschte Jorhonnert ass bei den doudkranken Patienten mat vill Schmäerzen dem Henri Laborit sai „Cocktail lytique“ agesat ginn. An deem Cocktail waren, niewent der Morphine, Largactil oder Barbituriquen. An den nordesche Länner ass deemools schonn d'Morphine eleng agesat ginn. Den Duerchbroch an der Schmerzbehandlung koom duerch d'kathoulesch Kierch, déi hei jo de Mëtteg zimlech iwwert de Leescht gezu ginn ass. Duerch déi Encyclique „de humanae vitae“ huet d'kathoulesch Kierch eng effektiv an intensiv Schmerztherapie erlaabt, esouguer wann doduerch d'Liewenserwaardung vun Patient reduzéiert gouf.

Duerno huet een an Europa ganz gutt gesi wéi progressiv dee Gradient Nord-Sud am Morphine-Gebrauch sech ausgeglach huet. Déi grouss Majoritéit awer vun de Kollege bei de Medeziner, déi an der Onkologie schaffen, an ech hunn an de leschte Woche mat e puer vun deene geschwat, si géint e Léigifréieren oder Reglementéiere vun der aktiver Stierfhëllef, an esouguer vun der Dépénalisation. Si soen, dass e Recours op eng aktiv Stierfhëllef mat der Systematiséierung vun de Soins palliatifs ganz selten erfuerdert ass. Een huet den Ausdrock gebraucht: „Once in a blue moon“. Deen aneren hat ons geschriwwen, all Deputéierten heibannen huet eng Kopie vun dem Brëif un de President Spautz kritt, wou e vun zwee Fäll am Joer schreift. Ech mengen, dat musse mer eis virun Aen halen. Leschtlech gesi se den Testament biologique als eng gutt Saach, well et den Ausdrock vum Patient duerstellt an dem Patient sai Wëllen, an och d'Famill gétt duerch esou en Testament de vie réconfortéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „Si vous ne me tuez pas maintenant, vous êtes un assassin“, dat huet eng Kéier e berühmten Agonisant sengem Dokter zougeruff.

Ech wollt lech e puer Wuert hei a mengem perséinlechen Numm zu dëser Debatt soen, well hei gëtt et jo keng kloer parteipolitesch Trennungslinnen a sécherlech och keng Parteidisziplin, och net an der DP, wéi dat no bausse schéngen kënnt. Et ass e ganz eeschte Problem. Dat ass de Mëtteg hei e puermol gesot ginn. Ech wäert och net iwwert d'Soins palliatifs schwätzen an och net iwwert d'Abstention thérapeutique, well déi zwee Domänen schéngen eng breet Akzeptanz ze fannen. Ech erënneren awer drun, dass, virun Holland an der Belsch, eng australesch Provënz 1996 déi éischt Législatioun iwwert d'Euthanasie hat, d'Northern Territories, an déi ass e puer Méint duerno prompt ofgeschaaft ginn duerch déi federal australesch Regierung, well ze vill Onsécherheeten an där Gesetzgebung waren. Ech erënneren och drun, dass Australien net nëmme Känguruen huet, mä déi beschte medezinesch Recherche op der Welt.

An Holland, dat ass de Mëtteg hei gesot ginn, ass am Abrëll 2001 d'Gesetzgebung ugehall ginn, déi

den 1. Abrëll 2002 a Kraaft getrueden ass, obschonns, muss een och soen, déi Praktik bei den Hollänner scho säit 1997 toleréiert ginn ass an esouguer säit 1994 partiell dekriminaliséiert war.

Ons belsch Nopere sinn d'lescht Joer op deeselwechte Wee gaangen. Och a Spuenien gesäit de Code pénal säit 1995 d'Euthanasie an de Suicide assisté net méi als Homicide un. A villen europäesche Länner gëllt d'Abstention thérapeutique net méi als stroffälleg. A villen aneren europäesche Länner, den honorabelen Här Huss huet de Mëtteg dorun erënnert, mat Däitschland, Schweden, Norwegen, Italien, Griicheland, bleift d'aktiv Stierfhëllef e Crime.

Ausserhalb vun Europa gëtt et kaum Länner, Kolumbien a China, wou dem Patient sengem Wëllen no aktiver Stierfhëllef nokomm gëtt.

De Suicide assisté, also déi Situation wou e Mënsch sech d'Liewen hëlt, mat der Hëllef vun enger anerer Persoun, ass a bleift fir dee Betraffenen eng ganz grave Décisioun, a fir déi Persoun, déi hëllef, e Crime. Ech erënneren hei erëm - dat hunn ech schonn eng Kéier op dëser Tribün gemaach - un dem Camus sai Wierk: „Le mythe de Sisyphe“, wou e seet dass déi Décisioun fir sech d'Liewen ze huelen héchstwahrscheinlech déi schwéierst iwwerhaupt am Liewe ka sinn.

Ech ginn och hei net op déi jorhonnertelaang Opposition an, tëschent der chrëschtlecher Traditioun, déi ganz streng mat dem fräiwëllegen Doud ëmgaangen ass, an der philosophescher Ethik vun de Stoiker, déi am fräiwëllegen Doud déi ultieme Fräiheet gesinn hunn. Dese Wäertekrich ka keng rationell Léisung fannen. Déi Notion vum „Freitod“, ass de Mëtteg hei ugeschwat ginn, der freie Tod, geet wouméiglech zrëck op de Friedrich Nietzsche. Et ass ze komplizéiert, fir dass mer haut de Mëtteg hei en Discours doriwwer halen, mä assistéiert oder net, ass e Suicide fir d'Medezin a fir d'Gesellschaft en Echec.

Här President, d'Madame Err an den Här Huss hunn an hirer Proposition de loi eppes Zwéngendes an hirer Approche, wat bei ons op vill Skepsis stéisst. Si hu sech vill Méi gi fir déi Proposition eranzebréngen a si hunn och de Mëtteg hei gesot, dass vill dorunner kënnt geännert ginn. Ech hunn an hirer Proposition de loi vill affektiv Plusvaluë vermësst, vis-à-vis vun deene Leit déi sech esou enger Mesure ënnerzéie géifen. Vill Matbierger vun ons wëllen net en organiséierten Doud an et weess een net op ënner Berufung op e Selbstbestimmungsrecht, d'Fräiwiell vum Doudeszeitpunkt muss ageklot ginn. Mir fäerte grad dass schwach oder hëllefbedierfteg Mënschen an onser Gesellschaft ënner Drock komme kënnten - ech setzen de Conditionnel -, fir engem Enn vun hirem Liewen zouzestëmen.

E puer Punkten an Ärer Proposition, Madame Err an Här Huss, hu mer net gefall, an ech soen lech se, wann Der sengerliewen do eng Kéier eng Korrektur ubréngt. Am Artikel 14, dee leschten Artikel, gëtt quasi e „Faux en écriture“ légaliséiert, wou d'Doudesursaach als „Mort naturelle“ soll ugi ginn. Dat ka jo net sinn. Wou bleift dann hei d'Wourecht? Also ech mengen, dat ass eng Onsécherheet, och legal.

De Mépris vis-à-vis vun de Soignantë gëtt schonn op der zweeter Säit vum Exposé des motifs ganz kloer, Här Huss. Ech hu se gutt gelies. D'Demande volontaire gëtt betreucht am Artikel 2: Le cas échéant misst se répétéiert ginn. Ech mengen, dat misst méi wéi eng Kéier ausgedréckt ginn.

(Interruptions)

Mä, Dir schreift, „le cas échéant misst een“, an dann Är faméis Kommissioun vun néng Membere. Wann de Sujet net esou eescht wär, misst ech doriwwer laachen, well do sinn dräi Dokter an dräi aner Spezialiste vun der Ethik an dräi Membere vun der Zivilgesellschaft. Ech si ganz frou wa bei deenen nächste Wahle verschidde vun deene Membere vun der Zivilgesellschaft hei an d'Chamber gewielt ginn oder an d'Regierung kommen, fir dass déi net iwwer meng Aart a Weis, wéi ech ze stierwen hunn, eng Kéier ze wile kréien. Ech gleewen och net, dass dat deene Leit en Dëngscht leescht. Déi Kommissioun zu néng ass ze vill grouss. Déi kënnen bestëmmt d'Confidentialitééit net respektéieren.

(Interruption)

Här Huss, loosst mech fäerdeg schwätzen.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG). - Wann Der sot, Dir hätt déi Proposition de loi ganz gutt gelies, dann heescht dat, datt Der am Fong dach awer de Sënn vun där Kommissioun iwwerhaupt net verstanen hutt. Déi Kommissioun soll exklusiv do si fir ze kucken, ob d'Konditiounen, déi an de Paragraphe virdrun an an den Artikelen vum Gesetz ongezielt ginn, effektiv erfüllt sinn, a méi soll déi net maachen.

Ech hu virdrun hei gesot, an d'Madame Err huet et och gesot, wann dat de Problem ass, da sti mir net op déi Kommissioun. D'Madame Err huet et hei gesot, mir hunn et haaptsächlech gesinn als eng ausgestreckten Hand, par rapport zu all deene Leit déi fäerten, et géif duerch eng Dépénalisation heru zu Abue kommen. Well an Holland an an der Belsch esou eng Kommissioun hannendru gesat ginn ass fir Kontrollen ze maachen, hu mir se kontrollshalber virdu gesat. Mä wann dat den Haaptproblem ass, si mir gär bereet dann op esou eng Kommissioun ze verzichten. Sans problèmes.

M. Alexandre Krieps (DP). - Eng Kommissioun vun néng Leit schéngt mer ze grouss ze sinn. Dir hutt Recht wou Der dat sot, dass den Zweck dovunner dat ass. Et steet awer och do, en cas de doute kéint d'Anonymat vum Dossier gebrauch ginn. Dat steet nämlech och do. A souwisou, déi Kontroll ex post wär och noutwendeg mat engem Richter an engem medezineschen Ombudsmann, wann Der sou ee Wee aschloe wëllt, a souwisou sinn och déi Délaie vun dräi oder siwen Deeg vill ze laang, also do sinn eng Rei Saachen déi misste gekuckt ginn.

Net considéiert an där Proposition de loi sinn och déi grouss kulturell Ënnerscheeder an onser Lëtzeburger Gesellschaft hei, well et ass e Fait dass verschidde Matbierger d'Wourecht vun hirer Krankheet emol net erdroen, scho guer net ze schwätze vun der Perspektiv vum Doud. Ech erënneren do zum Beispill un d'italienesch Communautéit, wou ganz vill beschriwwen Artikelen sinn iwwer sou Schwieregkeeten.

En anere vun eise respektéierten Onkologen, deen deen ons e Brëf geschriwwen huet, huet och gesot, an do gëtt hie vun der Commission nationale d'éthique ënnerstëtzt, dass all eenzelne Fall, deen an esou eng Situatioun kéim, anescht léich, an dass ee quasi fir all eenzelne Fall misst een eenzelt Gesetz maachen. A verschidde vun eise Kolleegen an hir Equipes soignant, déi doudkrank Patienten behandeln, si sech och de gesetzleche Lacunë bewosst, mä si wëllen op kee Fall, dass sech elo Jänni a Männi an Décisiounen amésche geet, déi se net vill ugin.

Ech fir mäin Deel gleewen och dass d'Familljen héchstens consultéiert oder informéiert solle ginn, mä dass d'Décisioun beim Patient leie soll a vun enger ganzer Equipe soignante consensuel gedroe

muss ginn. All aner Propositionen sinn net ganz deontologesch.

Sécher missten och an deenen eenzelne Spideeler oder Institutionen déiselwecht Regele gëllen. Deen Euthanasietourismus, wéi mer e schonn, souguer iwwer eis kleng Grenzen ewech, erlieft hunn, alles dat misst gekläert gi wann et eng Kéier souwäit kéim, an och wann dës Chamber eng Kéier géif op e Wee vun enger Dépénalisation goen - an ech soen lech, ech hunn do meng grouss Bedenken, ech widderhuelen dat hei, dat huet d'Madame Err wuel virdu gesot -, misst dat déi ganz Equipe soignante, also och d'Net-Medeziner, betreffen. Mä trotzdem, ob dat elo mat all deenen Onsécherheete gesetzlech geregelt ka ginn; da gleewen ech souguer bei enger hypothetischer gesetzlecher Basis, dass et hei op d'Absicht ukënn, an déi ass schwéier an deenen Dosieren erauszueschelen.

D'Medeziner wëllen op kee Fall d'Exécutanté vun Aktiounen ginn, wou se wéineg Entscheidungsgehalt hunn. D'Ängscht virum Doud huet ni bei de primitive Völker bestanen, an et ass jo och kloer dass enges guddes Dags - an do kommen ech herno och nach drop zrëck - d'Reliounen vun den Notiounen vum „Jugement dernier“ ofréckele mussen, well ech mengen dat wär eng Noutwendegkeet, an ech wëll nach eng Kéier do virdu warnen - dat ass och ugeklongen -, dass mer net op engem individuelle Plang d'Méiglechkeeten instauréieren, déi virun net allze laanger Zäit op grousser Echelle an der Gesellschaft an Däitschland - den Här Huss hat dorunner erënnert - applizéiert gi sinn.

Mir müssen all Gewalt géint psychesch Kranker, eeleren, net kompetenten oder behënnernte Matbierger formell ënnerbannen, fir dass si net ouni oder géint hire Wëllen an eng Situatioun gerode kënnten, wou anerer iwwer hirt Liewen oder souguer de Wäert vun hirem Liewe befanne kéinten. D'Rechter vum Patient dierften och ni zur Pflicht fir d'Equipe soignante ginn, wann deenen hir Deontologie oder perséinlech Liewensopfaassung dat net zouléisst.

Ech gleewen, dass eng Evolutioun vun den Iddien an dësem Dossier méiglech ass, dat soll een awer net iwwerstierzen. Dat ass meng Meinung zu dësem Dossier a mir wëssen och all, dass onst Zesummeliewen an der Gesellschaft iwwer Jorhonnerte vill vun Dogmen geprägt ginn ass, dass awer d'Gesellschaft ënnert deenen Dogmen évoluéiert huet an dass deen Eenzelnen ënnert där Gesellschaft nach méi séier évoluéiert huet. Dat heescht do kann eng gewëssen Dehiszenz entstoen.

Mir soen hei, an ech soen dat och a mengem perséinlechen Numm, dem Premier merci, well hien an der Ried zur Lag vun der Natioun 2001 deen Dossier erëm opgeschloen hat. Mäi Merci gëllt och den honorabele Madame Lydie Err an Här Jean Huss. Natierlech kommen ech net derlaanscht mengem Fraktiounschef Jean-Paul Rippinger vun dëser Plaz aus ze félicitéieren fir dee gudden Rapport, deen hien am Numm vun där Spezialkommissioun Ethik virgedroen huet.

Mir wäerten an der Zukunft méi oft mat dësem Gesellschaftsproblem konfrontéiert ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Lucien Weiler agedroen. Den Här Weiler huet d'Wuert.

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Santer an d'Madame Meyers hunn am Numm vun eiser Fraktioun d'Meenung vun den 19 Kollege vun der CSV-Fraktioun hei duergeluecht. Ech brauch net méi dorobber zrëckzekommen. Ech wollt am Fong geholl hei nëm-

me reagéieren op zwou oder dräi Aussoen déi gemaach gi sinn, a wou mir hei, respektiv d'Koalitioun, an d'Diskussioun bruecht gi sinn.

Ech war a wäite Strecke mat deem d'accord wat den honorabelen Här Bodry hei ausgeféiert huet, net lo wat de Fong vun der Problematik vun der Euthanasie active ubelaangt, mä awer seng generell Approche fir dee ganz komplexen Thema, dee mer hei behandelen, ze situéieren. Hien huet vun der Gewëssensfräiheet vun deem Einzelne geschwat, vun deem Eenzelnen dobaussen an der Gesellschaft, vun deem eenzelnen Deputéierten, vun deem eenzelne Minister, an dat hei ass fir jiddereen eng Gewëssensfro, huet e gesot, a jidderee muss kucke wéi e mat sengem Gewëssen domadder eens gëtt.

Dann huet en och gesot, datt déi ganz Thematik hei sech weéneig fir Parteipolitik eegent. Ech sinn op der ganzer Linn do mat him d'accord, ech muss awer soen dass en esou ganz der Tentative, e bëschesche Parteipolitik ze maachen, net konnt auswäichen, an deem Sënn wou en e Bilan vun där Debatt vun 1999 gemaach huet, vun der Motioun déi mer deemools hei zesummen an enger Koalitioun gestëmmt hunn. An hien huet notament gesot dass, wann een dee Beräich vun der Palliativmedezin an de Soins palliatifs kuckt, de Bilan ernüchternd an enttäuschend war an dass et weéneig Bewegung ginn hätt.

Ganz kann ech him net Onrecht ginn, ech sinn och net zefridden, a mir alleguerten heibannen, denken ech, wäre frou wa mer am Beräich vun de Soins palliatifs méi wäit wäre wéi do wou mer haut ukomm sinn. All Efforte muss gemaach gi fir op deem dote Wee weiterzkommen. Ech wëll allerdéngs soen dass, wa mer 1999 sou Motioun gestëmmt hunn, da war et well mer deemools e Besoin agesinn hunn a well bis dohinner net ganz vill geschitt war. Ech wëll an deem Kontext hei un d'Regierungserklärung vun 1994 erënneren, wou dra stoung: „Enfin toutes les mesures thérapeutiques seront prises pour soulager les douleurs physiques et la souffrance physiologique des malades atteints d'une maladie incurable, des unités de soins palliatifs seront créées dans les hôpitaux principaux du pays.“

Ech muss lech soen, datt sech och do ënner sozialistescher Responsabilitéit - well bekanntlech war dee Ministère während deene fënnef Joer vun engem Sozialist besat - net méi beweegt huet wéi dat wat sech an deene leschten zwee Joer beweegt huet. Deementsprechend, mengen ech, sollte mer eis alleguerten, wa mer hei iwwer Soins palliatifs schwätzen, eens sinn, datt et héich Zäit gëtt fir konkret an aktiv Schrëtter ze maachen. Mä fir deem engem oder deem aneren elo Responsabilitéiten zouzeschousteren, domat sinn ech net gär d'accord, well jiddereen huet hei säi Stéck u Responsabilitéit ze droen, net nëmmen des Koalitioun, mä och déi lescht Koalitioun an och dee leschte sozialistesche Gesondheetsminister.

Dann, Här President, wëll ech soen, den honorabelen Här Huss huet hei mengem Parteikolleg, dem Här Santer, an engem prezise Punkt virgeworf, hien hätt sech hei relativ arrogant beholl. Ech muss soen, wann haut een op dëser Tribün mat Arroganz a mat Rechthaberei virgaangen ass, da war et de Fraktiounsspriecher vun deene Gréngen. Den Här Huss huet sech hei opgefouert wéi wann hien, an déi déi senger Meenung sinn, d'Wourecht gepacht hätten, an en huet sech op déi acharnéiert, déi eng aner Meenung an dëser Fro vertrieiden. An ech muss soen, ech hu ganz weéneig Toleranz an der Approche zu deem wat den Här Huss hei vis-à-vis vun deene Kolleegen heibannen gesot huet, déi nun ebe mol net seng Meenung deelen, an dat wäert jo awer

schlussendlech nach d'Recht hei sinn, fir och eng aner Meenung ze hu wéi déi déi den Här Huss huet, an ech komme gläich dorobber zrëck.

Fir sou Parteipolitik an dëser Fro vun dëser Tribün aus ze maachen, ech muss soen, ech fannen dat net korrekt, ech fannen dat net anstänneg. Hien huet notament menger Fraktioun virgeworf, aus ideologeschen a parteipoliteschen Considérations schonn 1999 an och nach haut an déi Richtung sech ze bewegen, wéi nun ebe mol eis Haltung ass. Ech muss soen, ech fannen dat e staarkt Stéck.

Ech ënnerstellen deene Gréngen, a jidder eenzelne vun hire fënnef Deputéierten, a kenger Hisiicht bei där Approche déi si zu dëser Thematik hunn, dass dat net fir hien eng wierklech intensiv Gewëssensfro ass mat där hie sech ausernee gesat huet. An déi respektéieren ech, och wann ech net domat d'accord sinn. Deementsprechend verlaangen ech awer och, datt hei deenen 19 Kollege vu menger Fraktioun, an och aneren heibannen, hiert Gewëssen eescht geholl gëtt an hinnen net ënnerstallt gëtt, si géifen hei aus parteipoliteschen Considérations, an enger Fro wou et ëm Liewen an Doud geet, esou Considérations an de Vierdergrond stellen an net hiert Gewëssen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech muss soen, ech fannen dat ganz grave an ech wëll dat hei net fir déi 19 Kollege vu menger Fraktioun op eis sëtze loossen an ech weisen dat op d'schäerfst zrëck. Mir hunn e Gewëssen, allen 19, grad wéi och d'Membere vun där gréngrer Fraktioun, an deementsprechend hätt ech gären, datt dat respektéiert gëtt, sou gutt wéi mir dat respektéieren an déi Vuë respektéieren, déi déi Gréng hei vertrieiden.

An da wëll ech och nach soen dass, wann hei gesot gëtt dass d'Chrëschtlech Sozial Vollekspartei respektiv eis Fraktioun, vläicht och déi vum ADR, vläicht och nach deen een oder aneren aus anere Fraktiounen, sou isoléiert hei wären, mir hei géife Meenunge vertrieiden déi soss néierens ze fanne wären - ech wëll lech emol soen, Här President, an ech wëll dat hei zitieren, wann ech kucke wat d'Spriecherin vun deene Gréngen an Däitschland de 5. September 2002 gesot huet, ech zitieren dat. Si huet an engem Communiqué gesot: „In den Debatten um die Sterbehilfe haben Bündnis 90/Die Grünen eine Vorreiterrolle für die von den Bischöfen geforderte Unantastbarkeit und Unverfügbarkeit menschlichen Lebens eingenommen.“ Dat ass eng Attitüd, déi déi däitsch Gréng ageholl hunn. Eis läit dach exactement op där. Fir eis dann als reaktionär an ech weess net wat dohinner ze stellen, dat ass dach awer e wäite Wee.

(Interruption)

Jo, Dir hutt och.

Här President, den Här Huss huet am Virfeld vun deenen Debatten hei scho ganz aner Saache gesot iwwert d'Attitüden, déi déi eng an déi aner an dëse Froen anhuelen. Wann ech hei déi däitsch Gréng zitieren, wéi eng Attitüd datt déi hunn, dann hätt ech net gären dass mir als reaktionär dohinner gestallt ginn, à moins dass den Här Huss och mengt déi géife sech op engem Ofstellgleis befannen a Meenunge vertrieiden, déi net ze vertrieede wären.

Ech zitieren lech emol hei aus enger Ried déi d'Madame Christa Nickels, dat ass déi bundespolitesch Spriecherin vun deene Gréngen an Däitschland, zu dësem ganzen Themekomplex gehal huet. Lauschtert emol ganz gutt no, wat déi Fra, eng Fra vun de Gréngen aus Däitschland, zu där ganzer Thematik hei seet. Ech zitieren dräi oder véier esou Alineen aus enger Ried, déi se den 29. Abrëll 2001, dat sinn nach keng zwee Joer hier, bei der drëtter Mülheimer

Hospiztagung gehalten huet. Ech iwwerginn dem Här Huss herno eng Kopie vun där Ried, fir datt hie sech dat emol kann zu Gemitt féieren, wat seng Parteikolleegen an eiem gréissten Nopeschland zu dëser Problematik soen.

Si seet: „Ist aktive Sterbehilfe einmal legalisiert wird über kurz oder lang in Rechtfertigungszwang geraten, wer trotz Leiden und unheilbarer Krankheit noch weiterleben will.“ Ech soen dat net, et ass d'Madame Christa Nickels, déi dat seet. Da soen ech lech: „Das Leben ist der Verfügungsgewalt des Einzelnen letztlich entzogen und deshalb ist auch der Wert seines Lebens unabhängig von dem Urteil dieses Einzelnen.“ Dat ass dat wat d'Fro vun der Selbstbestimmung ugeet, déi den Här Huss hei an de Vierdergrond gesat huet. Ech respektéiere seng Meenung, mä ech muss lech soen, d'Madame Christa Nickels, déi bundespolitesch Spriecherin vun deene Gréngen an Däitschland, vertritt awer just 100%eg de Contraire vun deem wat den Här Huss vertritt.

(Interruption)

Ech soen dat nëmmen, Här President, net fir Wäerturteeler doriwwer ofzeginn, mä ech soen dat fir ze soen, wann hei gesot gëtt datt déi eng oder déi aner Kolleegen heibannen an engem Eck géife sëtzen, an datt déi Meenunge géife vertrieiden déi net akzeptabel wären, da wëll ech lech einfach soen datt och Leit vun anere Bord...

M. Jeannot Krecké (LSAP).- An Däitschland ginn et zwar nach aner Grënn fir esou domat ëmzegoen.

(Interruptions diverses)

M. Lucien Weiler (CSV).- Neen, neen. Déi däitsch Politik huet an deene leschte Jore vill vun deem, wat se als Ierfschaft vum leschte Krich mat eriwwer geholl huet, endlech - an dat ass och richtig - iwwerwannen an nei Positionen bezéie kënnen. Et ginn där Ur-saachen, mä ech ka mer awer net virstellen, datt déi däitsch Gréng nëmme méi eng Haltung an där sensibler Fro hei anhuelen, déi determinéiert ass duerch dat wat...

(Interruption)

Jo, mä ëmmerhi ginn déi do Meenunge vertrueden. Ech zitieren déi fréier däitsch Justizministerin, d'Madame Däubler-Gmelin. Déi huet misse goe wéinst enger Gaffe déi se komme gelooss huet, wat awer eng dichte Justizministerin war. Si sot: „Ich wünsche mer Hëllef beim Stierwen. Ech wünsche mer keng Hëllef fir ze stierwen.“ Et ass dat och de Prinzip, Här President, dee mir hei als Fraktioun vertrieiden. Déi Attitüd, déi déi däitsch SPD-Justizministerin vertrueden huet, ass exactement déi Attitüd, déi och meng Fraktioun an dëser sensibler Fro vertritt.

Dofir muss ech soen, wann ech kucken an et gëtt ons hei gesot, elo hunn d'Belsch an d'Hollänner légiféréiert: déi Däitsch hunn net légiféréiert, d'Fransousen hunn net légiféréiert. A Frankräich war elo ganz laang eng Koalitioun tëschent Sozialisten a Gréngen un der Muecht, an déi hunn net de Passé wéi déi Däitsch en hunn. Et ass net légiféréiert ginn. Et ass a villen anere Länner net légiféréiert ginn an a ville Länner gëtt et iwwerhaupt keng Demande fir ze légiféréieren.

Deementsprechend wär ech emol frou, wann een hei awer emol erëm op den Terrain vun de Realitéite géif zrëckkommen a gesinn, dass déi Kolleegen heibannen, déi net mam Här Huss a mat deem engen oder aneren heibannen d'accord sinn, Meenungen hunn, déi ze respektéiere sinn. Dorobber halen ech. Ech hätt gäre Respekt virun

eiser Meenung, esou wéi mir Respekt hu virun Ärer Meenung.

Da wëll ech just soen, an dat war d'Ur-saach vu mengen Ausféierungen, datt mir eis, wann ech mer den europäesche Plang ukucken, a ganz gudder Gesellschaft mat villen anere Politiker vun alle politesche Parteien befanne bei där Position, déi mer ageholl hunn.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.-Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn de Mëtteg eng Debatt gehat iwwer e ganz déifgräifende mënschleche Problem, wou effectivement un de Kär vum Mënsch touchéiert gouf a besonnesch un dat Sensibelst, wat bis elo ëmmer en Tabu war, dat heescht d'Fin de vie.

Ech muss awer soen, dass hei trotz villäicht verschiddene lichten Aus-schreibungen op eng flott Manéier diskutéiert ginn ass an dass jiddereen trotzdem versicht huet Respekt ze beweisen an deem schwéieren Débat virun anescht Denkenden.

Ech muss soen dass, wa mer d'Resultater kucke vun der Commission éthique, da kann ech hir a ganz besonnesch hirem President nëmme félicitéiere fir déi excellent Aarbecht, déi se gemaach hunn. Si hate ganz vill Sitzungen. Si hunn et sech net einfach gemaach. Si hunn och all déi concernéiert Organisations befrot, esou datt jiddereen d'Méiglechkeet hat fir sech kënnen e Bild driwwer ze maachen.

Dat huet selbstverständlech net, Här Huss, zu enger Annerung gefouert. Praktesch kann een eischer vu Status quo schwätze par rapport zu deem leschten Débat d'orientation vun 1999, an deem Sënn dass en fait am Konsensus eischstens emol den Accès aux soins palliatifs fir jiddereen zrëckbehale ginn ass, dass jidderee muss Accès kënnen kréien. Et ass scho gesot ginn, an effectivement, d'Chiffere beweisen dass de Moment en fait hei zu Lëtzebuerg nëmmen approximativ zwëschent 40 a 60% vun de Leit d'Méiglechkeet hunn dovun ze profitéieren.

Et ass zweetens och dovun geschwat ginn, dass eng Dépénalisation komme misst vun dem Refus oder vun der Absence vum Acharnement thérapeutique, woubäi ech awer soe muss, dass dat deelweis scho virgesinn ass, souwuel am Artikel 43 vum 98er Spidolsgesetz sou wéi am Artikel 45 vum Code de déontologie, deen zrëckgeet, wann ech et richtig am Kapp hunn, op 1991.

Drëttens ass finalement am Konsensus d'Disposition de fin de vie zrëckbehale ginn. Do muss ech soen, Här Huss, sinn ech net ganz Ärer Meenung. Dir sot jo, dass déi Disposition de fin de vie en fait nëmme e Wäert hätt an deem Fall wou d'Euthanasie géif légaliséiert ginn oder respectivement dépénaliséiert géif ginn. Ech sinn do anerer Meenung, well ech si fest iwwerzeegt, dass dat awer trotzdem eng ganz gutt Aide ass fir eis Dokter, ze wësse wat d'Patienten en fin de vie wëllen.

Dir wësst och, dass beispillsweis am Québec bei deenen Infirmières op der Faculté des sciences infirmières vu Laval e Sondage gemaach ginn ass. Do war et esou, dass 59% vun deene gesot hunn, dass se géife mat de Soins intensifs weiterfueren, an der Absence vun deem sougenannten Testament oder der Disposition de fin de vie, mä a Presenz vun esou engem Dokument waren nach just 31% do dergéint, dat heescht 69% waren derfir fir d'Soins palliatifs anzeféieren.

Do wou selbstverständlech d'Différenz läit a weider läit, dat ass bei der Euthanasie. Bei der Euthanasie, wou mer wéi gesot net méi d'Différenz maachen tëschent aktiv a passiv, well déi passiv Euthanasie, wéi mer et virdru genannt hunn, jo en fait enthalten ass an der Dépénalisation vum Acharnement thérapeutique. Ech muss soen: Ech hu Verständnis fir deen een a fir deen aneren. Jiddereen huet seng Argumenter. Jidderee mengt seng Argumenter wäre richtig.

Ech mengen et ass de Mëtteg schonn ugeklongen, dass bei engem ganz groussen Deel, wann net praktesch bei der Majoritéit oder bei bal alleguer de Fäll, hautdësdags kann eng Léisung fonnt ginn duerch d'Soins palliatifs. Et bleiwe just rare Fäll wou dat net esou ass. Dir hutt ee Fall ganz treffend genannt, dee vun deem Jong dee querschnittsgelähmt ass an dee relativ jonk ass. Dat si Beispiller, dat muss ech soen, wou...

(Interruption)

Gelif?

Une voix.- Dat war awer net den Här Schroell.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Ech hu gesot, wat den Här Huss gesot huet. Ech hat net Wëlles hei eng Konfrontation ze maachen zwëschent all deem wat déi siwen oder aacht Riedner gesot hunn. Dat wier e weéneig kompliziéiert.

Une voix.- Et wieren nëmme ganz rar Fäll, gouf gesot. Dat huet den Här Schroell awer widderluecht a senger Thees.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Ech hunn aner Informatiounen doriwwer. Ech weess och net, wat den Här Schroell ganz genau domadder gemengt huet.

(Interruptions)

M. le Président.- Fuert weider, Här Minister. Loosst lech net oflenken.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Dir wësst alleguerten, an dat ass jo de Mëtteg awer och beim Här Schroell ugeklongen, dass effectivement de Moment, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, scho vill méi gemaach gëtt wéi déi meesch Leit dat unhuelen. Mä op alle Fall sinn ech awer der Meenung, dass net vill Fäll iwwreg bleiwe wou net ka gehollef ginn. Ech zitiere beispillsweis do keen aner wéi de sozialistesche franséische Justizminister vu viru Joren, den Här Robert Badinter, dee gesot huet, d'Liewen ass einfach eppes ze Wichteges fir et engem Gesetz unzevertrauen.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- De Politiker unzevertrauen.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Et si jo normalerweise ëmmer Politiker, déi d'Gesetzer maachen.

Do gesäit een, dass déi verschidde Meenungen openee stoussen, mä nach eng Keier, ech hu ganz vill Respekt fir déi eng a fir déi aner Argumenter.

Et kënnt awer och nach derbäi, dass et jo net nëmmen de Patient ass dee matspille muss - selbstverständlech ass de Patient au centre du débat -, mä och d'Dokteren. Dat ass de Mëtteg schonn ervirbruecht ginn. Eng grouss Majoritéit vun den Dokteren, net alleguer, hunn effectivement ganz vill Schwierigkeiten dermat. Souguer an hirem Avis hu se geschriwwen, dass d'Majoritéit vun den Dokteren d'Euthanasie géif refuséieren, souguer wann d'Majoritéit vun der Gesellschaft derfir wär. Ech mengen, et ass och fir déi Leit e Cas de conscience. Vläch evoluéiert déi Situation an deenen nächste Joren.

Den Här Bodry huet verschidde Beispiller gesot, déi net alleguerte

falsch sinn. En huet gesot, dass d'Motioune vun 1999 net respektéiert gi wären. Mir haten och relativ weíneg Zäit derfir. Dir wésst, an dat ass jo en fait eng ongewéinlech Prozedur, dass d'Chamber sech selwer mat deem Débat an deenen Aarbechte saiséiert huet am Kader vun der Commission „Ethique“, an op där anerer Säit wéll ech awer drop hiweisen, dass beispillsweis am Plan hospitalier vum Abréll 2001 nei Services de soins palliatifs schon virgesi sinn. Mir hunn also och do un déi Motioun geduecht.

Et ass och gesot ginn, dass d'Loi hospitalière net géif respektéiert ginn, an deem Mooss dass net an all Spidol Comités d'éthique wären. Dat stémmt, leider. Mir hunn der de Moment, wéi et schéngt, fénnef, sechs. Dovunner dräi déi excellent fonctionnéieren. Ech wéll awer och soen, dass do mäi Ministère scho méi wéi eng Kéier reklaméiert huet. Eng Kéier am Dezember 2001 an och nach eng Kéier am September vum leschte Joer. Et ass leider awer esou, dass an dem 1998er Spidolsgesetz d'Sanktiounen net incitativ genuch sinn, fir d'Spideeler praktesch ze forcéiere fir sech deene Moossnamen, déi am Spidolsgesetz virgesi sinn, ze beugen. Mir wäerten awer derhannert bleiwen.

Op alle Fall, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Differenzen déi bestinn, wat d'Euthanasie ubelaangt, déi wäerte weider bestoe bleiwen. Ech muss allerdéngs soen, dass mat deenen dräi Mesuren e Konsens fonnt ginn ass, wou d'Regierung wäert chargéiert gi fir e Projet de loi auszeschaffen, an dass dat awer trotzdeem a mengen Ae schonn e ganz grouse Progrès ass par rapport zu deem wat an der Vergaangenheet war. Ech gleewen net dass, souguer nodeem dat Gesetz gestëmmt ass, definitiv d'Gespréich Euthanasie aus der Welt geschafen ass. Ech si fest iwwerzeegt dass déi Gespréicher weiderginn.

Mir kënnen eis duerno ouni Zweifel da baséieren op déi Erfahrungen, déi mer an der Zwëschenzäit scho mat deem neie Gesetz gemaach hunn. Mir kënnen eis och baséieren op Erkennungserfahrungen, déi souwuel an der Belsch wéi och an Holland gemaach si ginn. Dat wäert, ouni Zweifel, deem engen oder deem aneren Hëllef seng Meenung vläicht ze revidéieren oder sech eng nei Meenung ze forcéieren. Loosse mer dee Moment weider kucken.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Diskusioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert d'Motiounen an iwwer eng Resolutioun.

Motions et Résolution

Mir kommen zur Motioun 1. Den Här Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President. Ech géif gären e Wuert zu där Motioun soen, déi u sech erstaunt, well se e bësse méi ausgedehnt eigentlech dat erëmgëtt, wat schonn an enger Motioun am Mäerz 1999 eestëmmeg vun der Chamber gesot ginn ass. Dat beweist, dass net ganz vill an deem Domän geschitt ass, well soss bräicht een net nach eng Kéier véier Joer méi spéit - an net zwee Joer méi spéit, mä véier Joer méi spéit - datselwecht ze froen.

(Interruption)

D'CSV war an all deene Regierungenderbäi.

(Interruption)

Wa mer vu Responsabilitéite schwätzen, Här Weiler, do ass d'CSV ëmmer dobäi.

M. Lucien Weiler (CSV).- Jo, jo, jo.

M. Alex Bodry (LSAP).- D'accord. Dat ännert sech vläicht nach eng Kéier, mä déi lescht 25 Joer war dat esou.

Une voix.- Also, Här Glesener, Dir sidd jo souwisou menger Meinung, spéitens zënter geschter.

M. le Président.- Här Bodry, schwätzt weider, déi aner sollen nolauschteren.

M. Alex Bodry (LSAP).- Wat nei ass par rapport zu 1999, dat ass eng interessant Iddi. Et geet hei ëm d'Frais de formation vun den éieramtleche Mataarbechter am Beräich vun der Stierfbegleitung. Do si mer mat d'accord, mä awer net d'accord fir et ze präiwen, mä mir sinn der Meenung, et soll een et direkt aféieren. Mir proposéieren hei Neel mat Käpp ze maachen a wierklech weider ze kommen an an déi Motioun ze iwwerhuelen: „à introduire la prise en charge des frais de formation“. Dat ass dat, wat mer proposéieren: Net op der Plaz trëppelen, net studéieren, mä weiderkommen an deem doten Dossier.

De leschten Abschnëtt, soen ech ganz éierlech, fannen ech e bësse peinlech. Wann een d'Regierung muss opfuederen dass se soll dofir suergen, dass d'Gesetzer solle respektéiert ginn. Ech mengen deen doten Zousaz wier iwwerflësseg.

M. le Président.- D'Madame Minister Marie-Josée Jacobs huet d'Wuert gefrot.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Här President, ech wéll just soen, fir déi Kolleginnen a Kollegen heibanen déi vläicht net doriwwer informéiert sinn, dass déi Formatioun vun de Bénévolens, déi zënter laange Jore scho gemaach gëtt, selbstverständlech vum Stat bezuelt gëtt a gratis ass fir déi Leit déi deelhueelen.

(Interruptions)

M. Alex Bodry (LSAP).- Madame Minister, ech froe mech firwat dass d'CSV an d'DP esou eng geckeg Motioun hei presentéieren.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- «Examiner la possibilité».

M. le Président.- Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu bis elo nach keng geckeg Motioun gesinn. Ech hunn entweder eng Motioun gesinn, déi eppes ausgesot huet an d'Regierung opfuerdert eppes ze ënnerhuelen. Ech ka mech net identifzéiere mat deem, wat den Här Bodry elo gesot huet.

Wann en Deel, awer anescht ers gedréint, vun där Motioun, déi 1999 à l'unanimité ugeholl ginn ass, sech och heiraner widderspigelgt, dann ass dat eng Selbstverständlechkeet, well ee sech jo kéint virstellen, vu dass jo d'sozialistesche Fraktioun 1999 se gestëmmt huet, een hei hätt kënnen eng grouss Unanimitéit kréie mat hinnen zesummen.

M. Alex Bodry (LSAP).- Ech hunn net gesot, ech géif se net stëmmen. Dir musst nolauschteren.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Dir hutt awer och net gesot, dass Der se géift stëmmen.

M. Alex Bodry (LSAP).- Ech hu konkret Propose gemaach.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Vu dass Dir ëmmer schwätzt wéi en Orakel, muss ee sech d'Hal-schent dobäi denken.

(Hilarité)

An dat zweet ass, dass mer jo dorobber halen, dass mer eng Rei vu Mesuren, déi elo nach net geholl si ginn an déi si och an deene fénnef Joer net gemaach hu wat d'Soins palliatifs ubelaangt, wollten an eng Gesamtmotioun eranhuelen. An ech gesinn net an, dass

mer och nëmmen dee klengste Jota un deser Motioun sollen änneren. A wa mer soen: „à veiller à l'application des dispositions“, dann ass dat kee Reproche un d'Regierung, sondern virdrun ass gesot ginn, dass se an de Spideeler selwer autonom si fir dat doten ze maachen an dass mer hei just soen, de Minister oder d'Regierung soll kucken dass dat an de Spideeler gemaach gëtt. Et ass also keng Kritik un der Regierung. Et ass eng ganz normal Opfuederung, fir dass d'Applikatioun vun deem Gesetz, wat existéiert, gemaach gëtt.

Wann awer elo d'Madame Jacobs seet, a si muss et jo wëssen, dass dat dote scho gemaach gëtt, da gesinn ech och kee Problem. Awer dann nëmme wann den Här Bodry mer seet, si géingen d'Motioun och stëmmen.

(Hilarité)

Da gesinn ech kee Problem, dass mer deen Tired dann ewechhuelen, deen hien elo stéiert. Dat heescht also, mir si beduecht de Konsens ze kréien a mir wëllen dee Moment hinnen entgéint kommen, fir et dann esou ze maachen. Wa mer dann eng schéi grouss a large Majoritéit kréien, da si mer bereet deen Tired ewech ze huelen. Dat heescht, wann Der eis nach eng Kéier genau sot wéi et ass, „à introduire la prise en charge des frais de formation“ oder ewechloossen? Wéi hätt der et gär?

M. le Président.- Den Här Bodry freet d'Wuert, an dann den Här Weiler.

M. Alex Bodry (LSAP).- Ech mengen, Här President, hei geet et net wéi mir et gären hätten. Mir sinn der Meenung, dass déi Prise en charge soll stattfannen, dass se net soll studéiert ginn. D'Majoritéitsparteien hunn en Text erabruucht wou se proposéieren eppes ze studéiere wat et anscheinend scho gëtt. Formidabel!

Dofir sinn ech der Meenung, dass mer entweder dat dote solle ganz ewechloossen oder awer schreiwen, „à garantir la prise en charge des frais“, an esou virun an esou weider, dat heescht dass dat weider bestoe bleift, dass och an Zukunft garantéiert bleift, dass déi Prise en charge vun deene Formatiounen geschitt. Dat ass déi konkretste Propos, déi ech hei maachen. Dat geet méi wäit wéi dat wat CSV an DP wollte proposéieren. Fir de Rescht soen ech ganz éierlech: Wann d'Koalitioun wëllt hir eege Regierung opfuederen dofir ze suergen dass d'Gesetzer respektéiert ginn, da ka se dat roueg maachen. Dat stéiert mech net. Ech fannen et just traureg, dass dat esou ass, well dat Gesetz, wat soll hei respektéiert ginn, ass Enn 1998 geholl ginn.

M. le Président.- Den Här Weiler huet d'Wuert gefrot.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, ech si mam Här Bodry d'accord fir deen zweetleschten Alinéa ze sträichen, wann dat esou ass, Madame Jacobs, an ech zweifelen net drun, dass dat schonn de Moment geschitt. Den Här Bodry huet hei gesot, firwat schreift der dann esou eng geckeg Motioun, wann et dat scho gëtt. Ech muss soen, wa mer dat doten dra geschriwwen hunn, dann ass et well mir net wossten, dass déi Prise en charge...

(Interruptions diverses)

Mä ech stellen awer fest, dass den Här Bodry et och net wosst, well en huet proposéiert „à introduire“, mir sollen net méi studéieren, mä mir sollen et maachen. Or, wann et awer gemaach ass, also Här Bodry, dann hutt Dir grad esou geckeg derniewent geleeë wéi mir doniewent geleeën hunn. Deem-

entspreechend, Här President, sträiche mer deen Alinéa an dann ass et fäerdeg.

M. le Président.- Den Här Huss freet och nach d'Wuert.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wéll profitéiere fir da ganz schnell zu deenen dräi Motiounen eis Meenung ze soen. D'Motioun 3, d'Dépénalisation vum Acharnement thérapeutique: Et ass kloer datt mer déi kënne stëmmen. Do ass kee Problem. Dat ass guer näischt Neits.

D'Motioun 1 an hirer amendéierter Versioun, wann ech se elo richtig verstanen hunn, si mer och bereet matzestëmmen, obschonn et jo strictement näischt Neits ass. Dat hate mer schonn 1999, mer haten et schonn 1996. Et stong schon an der Regierungserklärung vun 1994, mä mir si selbstverständlech bereet et dann och nach eng Kéier ze soen, dass mer fir d'Entwécklung vun der Palliativmedezin, fir d'Formatioun vum Personal an esou viru sinn. Da soe mer dat elo fir d'fénneft, an ech hoffen dass et dann endlech emol eng Kéier seriö gemaach gëtt, no zéng Joer.

Déi aner Motioun geet iwwert den Testament de vie. Do sinn ech natierlech mam Här Gesondheetsminister sengen Aussoen net d'accord, dee gesot huet, dass d'Euthanasie net misst legaliséiert ginn, fir datt u sech en Testament de vie e Wäert huet, an hien huet do e weíneg déi Etüd vum Québec iwwert d'Infirmieren an d'Flegepersonal zitéiert. Eis geet et an der Fro vun engem Testament de vie ëm de Wëllen, net eleng vum Dokter a vun den Infirmieren, mä virun allem an an alleréischter Linn ëm de selwer ausgedréckte Wunsch vu Patienten. Et geet mir ëm e Recht vun de Patienten. An dofir sinn ech der Meenung, engersäits, dass en Testament de vie natierlech noutwendeg ass, mä dat jo nëmmen dann e Sënn huet aus der Vue vum Patient, wann deen eng Chance huet, datt säi Recht natierlech och dann herno erfëllt gëtt, an do geet eis eppes Indikatives net duer. Mir hätte gären eppes wat méi contraignant ass. Wann net den Dokter selwer, datt dann en aneren dem Patient sengem Recht nokënn.

Dat ass eis Meenung, wéi et misst sinn, mä well mer dann hei ëmmerhin erëm eng Kéier eppes soen, datt iwwerhaupt emol en Testament de vie juristeschech soll unerkannt ginn, si mer natierlech bereet och dofir ze stëmmen, obscho mer jo 1999 schonn eng Kéier eng Resolutioun hei haten, déi mat Mehrheet gestëmmt ginn ass, déi dat do gefuerdert huet. Elo si véier Joer hier, et ass nach ëmmer net geschitt, mä da fuerdere mer eben nach eng Kéier no véier Joer, dass en Testament de vie soll gemaach ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn amgaange mech zënter 13 Joer elo domadder ze beschäftegen. Ech hat, wéi gesot, schonn 1994 fir d'éischt eng Demande hei gemaach, fir kënnen doriwwer ze schwätzen. Ech hunn 1996 schonn driwwer geschwat. Mir hunn 1996 déiselwecht Saache gesot. Mir hunn 1999 déiselwecht Saache gesot, a mir soen dann haut erëm eng Kéier déiselwecht Saachen, ouni e Millimeter an der fundamentaler Fro vun der Dépénalisation vun der Euthanasie virunzekommen. Ech fannen dat traureg.

Merci.

M. le Président.- Sou, den Här Bodry freet nach eng Kéier d'Wuert, an da stëmme mer awer of.

M. Alex Bodry (LSAP).- Och wa mer amgaange sinn déi aner Motiounen ze diskutéieren, wollt ech folgendes dozou soen. D'Motioun 2 ass net grad dat, wat mer 1999 hei an der Chamber als Resolutioun mat knapper Majoritéit, Dank notament dem Jo vum heitege Gesondheetsminister, gestëmmt haten am Testament de vie.

Wat hei feelt, wou ech awer gemengt hunn, mir hätten den Accord an der Kommissioun weínegstens op deem Punkt gehat, dat war en Deel vun der Resolutioun vun 1999, dass och soll eng Structure centralisée geschafe gi wou déi Testamenter kënnten hannerluecht ginn.

Ech hat gemengt, Dir Dammen an Här Membere vun der Kommissioun, dat wär ëmmer en Accord gewiescht bei eis an der Ethikskommissioun. Dat war, wéi gesot, e Bestanddeel vun där Resolutioun vun 1999. Deemoools war dra geschriwwen, et soll ee se bei der Direction de la Santé uglidderen. Dat kënnst een och beim Enregistrement maachen, well déi och déi aner Testamenter do hunn. Ech géif dat opstoe loossen. Mä ech mengen awer dass et wichteg ass, dass een esou eng Plaz huet, well oft de Problem ass bei deene Leit déi betraff sinn: Wiem ginn ech mäin Testament biologique? Dofir soen ech, soll ee schonn d'Méiglechkeet schafen, net fir et eng Oblatioun do ze maachen, mä d'Méiglechkeet schafe fir et kënne bei enger Zentralstell ze deponéieren.

Dofir géif ech proposéiere bei der Motioun 2 en Zousaz ze maachen am Dispositif an ze schreiwen: „à créer une structure centralisée d'enregistrement de ces documents“. Mir loossen also opstoen, wou dat soll sinn. Dat kann d'Regierung da kucken.

M. le Président.- Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech den Här Bodry elo héieren hunn an ech liesen déi Resolutioun, an dat muss ech och dem Här Huss soen, déi de 16. März 1999 iwwer en Testament de vie ugeholl ginn ass, à l'unanimité oder mat enger Majoritéit, do steet awer just nëmmen dat hei dran: „s'exprime en faveur de l'introduction dans notre législation du testament de vie, testament individualisé assurant le respect de la volonté du bénéficiaire de soins concernant sa fin de vie.“ Do steet näischt vun där Struktur dran, vun där den Här Bodry elo geschwat huet.

(Interruptions)

Ech hunn dat hei aus aus deem, wat an dem Analytische stoung, de 16. März, déi 32. Séance, déi déposéiert ginn ass vun der Madame Kuffer. Bon, ech kann nëmmen dat liese wat schwartz op wäiss hei op deem Pabeier steet, à moins...

(Interruptions diverses)

Et ass effektiv richtig, dass mer an der Kommissioun doriwwer diskutéiert hunn, wéi dat Testament soll enregistriert ginn a wou et soll déposéiert ginn. Déi eng waren der Meenung, dass een den Dépôt kennt bei engem Notaire maachen, fir d'Authenticitéit vun deem Dokument ze garantéieren. Anerer waren der Meenung, dass ee kënnst am Ministère de la Santé den Dépôt maachen, wat bestëmmt och net einfach gëtt.

Dat heescht, well mer also kee Konsens haten iwwert déi genau Struktur, déi soll geschafe ginn, wollte mer dat opstoe loossen an et der Regierung iwwerloossen, fir ze kucke wat dat Beschte ass.

Mä wann dat, wat den Här Bodry elo proposéiert, net den Dépôt bei engem Notaire ausschléisst, dann hunn ech näischt dergéint. Also, et ass selbstverständlech dass mer gären hätten, dass et soll déposéiert ginn anzwousch an dass et e Caractère d'authenticitéit kritt. Et kënnst souguer och um Enregistrement déposéiert ginn, am Ministère de la Santé, oder wéi och ëmmer. Wann den Här Bodry dat nach eng Kéier répétéiert. Ech hu kee Problem, fir deen Zousaz mat eran ze huelen, ënner Konditioun dass et den Dépôt beim Notaire net préjudiciéiert.

M. le Président.- Jo, Här Bodry?

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, ech gi gären drop an. Ech wëll awer nach eppes hei richteg stellen an zitëieren elo dem Här Rippinger säin eegene Rapport am Numm vun der Commission spéciale d'éthique, wou hien am éischten Deel zitëiert, wat fir eng Resoloutioun...

(Interruptions)

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Jo, dat ass déi amendéiert Versioun. Dir hutt nëmmen déi hei déposéiert, déi aner ass amendéiert ginn, dat ass richteg.

M. Alex Bodry (LSAP).- ..., wat fir eng Motioun de 17 Mäerz 1999 vun der Chamber ugehall ginn ass. Ech zitëieren hien elo selwer aus sengem eegene Rapport...

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Jo, dat steet do dran.

M. Alex Bodry (LSAP).- ...vum Februar 2003. Den éischten Deel ass „Testament de vie“, den zweeten Deel ass „de l'introduction d'après le modèle danois d'un système officiel...“

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Dat wëlle mer net.

M. Alex Bodry (LSAP).- ...d'enregistrement systématique des testaments de vie auprès de la Direction de la Santé publique“, méi wëll ech dozou net maachen.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ma ja.

M. Alex Bodry (LSAP).- Also dat ass deem Text, deem de 17. Mäerz 1999 ugehall ginn ass, an net deem, dee virdru vum Här Rippinger zitëiert ginn ass. Dat gesot, mengen ech, dass mat mengem Zousaz déi Fro vum Notaire opbleift, wann een dobäi schreift: „à créer une structure d'enregistrement de ces documents“. Mir loosse et dann opstoe wat fir eng Form dass dat ass a mir loosse och opstoe wou dat soll ugesidelt ginn. Mä de Prinzip, dass een awer eng Zentralstell schafft wou ee kann nofroen, dat schéngt mer awer wesentlech ze sinn.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Mir stëmmen also of iwwert d'Motioun Nummer 1.

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant les discussions ayant eu lieu au sein de la Commission spéciale d'Ethique en vue du débat d'orientation sur la médecine palliative, l'acharnement thérapeutique et l'euthanasie;

- considérant l'article 37 de la loi du 28 août 1998 stipulant que chaque patient a accès aux soins préventifs, curatifs et palliatifs que demande son état de santé;

- considérant que l'acceptation de soins palliatifs et l'accompagnement du malade en fin de vie ont connu, au cours des dernières années, une évolution certaine au Luxembourg;

- considérant cependant qu'il existe actuellement encore des déficiences d'infrastructure en médecine palliative et des insuffisances concernant l'organisation et le financement des soins palliatifs dans les milieux hospitaliers;

- estimant que chaque malade en fin de vie a le droit de bénéficier d'une prise en charge psychologique et médico-sociale adaptée et continue;

- estimant que pour atteindre ce but il est indispensable que tous les intervenants dans l'administration des soins palliatifs, médecins, infirmiers, personnel soignant ainsi que les bénévoles, bénéficient

d'une formation adéquate et continue;

invite le Gouvernement

- à créer le cadre juridique pour que le recours aux soins palliatifs et le traitement de la douleur soient reconnus comme un droit de chaque patient;

- à prendre les mesures nécessaires et à mettre en œuvre un programme national en matière de soins palliatifs en tenant compte des besoins des patients en fin de vie et l'encadrant soit en milieu hospitalier, soit en milieu ambulatoire, et à explorer les voies possibles de financement de ce programme national;

- à prendre des initiatives en vue d'assurer la formation adéquate et continue incluant un suivi psychologique des médecins et du personnel soignant, d'inclure dans ces initiatives la formation des médecins en traitement de la douleur et d'envisager l'introduction d'une formation en soins palliatifs dans la formation initiale du personnel soignant;

- à veiller à l'application des dispositions inscrites dans la loi du 28 août sur les établissements hospitaliers, spécialement de l'article 24 sur la création d'un comité d'éthique hospitalier.

(s.) Jean-Paul Rippinger, Gast Gibéryen, Marie-Josée Meyers-Frank, Marco Schroell, Lucien Weiler.

Vote

Wien dofir ass, deem ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech stelle fest, d'Motioun ass eestëmmeg ugehall.

Da komme mer zur Motioun Nummer 2 déi virläit an déi och explizéiert ginn ass.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Déi amendéiert!

Plusieurs voix.- Déi amendéiert!

Motion 2 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant que la loi du 28 août 1998 sur les établissements hospitaliers consacre le principe des droits et des devoirs des malades et accorde une grande importance au principe de l'autodétermination du patient tout en consolidant son droit de décision;

- considérant que les situations de fin de vie, où le malade est dans l'incapacité d'exprimer sa volonté, sont fréquentes;

- estimant utile et nécessaire de prévoir des procédures permettant à toute personne malade de faire connaître, valoir et respecter sa volonté;

- convaincue donc de la nécessité de créer un cadre garantissant l'autonomie du patient et de son consentement éclairé;

- estimant qu'un document tel un „testament de vie“ représente un moyen précieux pour une personne en fin de vie d'exprimer ses dernières volontés;

invite le Gouvernement

- à introduire dans notre législation le „testament de vie“, consistant dans un document contenant les dispositions de fin de vie de son auteur, par lesquelles celui-ci exprime sa volonté concernant les circonstances de sa fin de vie, et qui guident le médecin dans ses choix de traitement;

- à créer une structure d'enregistrement de ces documents.

(s.) Jean-Paul Rippinger, Gast Gibéryen, Marie-Josée Meyers-Frank, Marco Schroell, Lucien Weiler.

M. le Président.- Mir stëmmen also iwwert déi amendéiert Motioun Nummer 2 of.

Vote

Wien dofir ass, deem ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech stelle fest, d'Motioun ass och eestëmmeg ugehall.

Den Här Bodry freet d'Wuert.

M. Alex Bodry (LSAP).- Ech wollt nach e Wuert zu der drëtter Motioun soen. Déi bréngt awer méi Schwierigkeete mat sech, muss ech ganz éierlech soen, an den Här Huss geet llicht doriwwer ewech.

Hei ass eigentlech eng nei Motioun déi era kënnt, déi 1999 eigentlech net diskutéiert ginn ass, an déi schwätzt vun der Dépénalisatioun vun der Abstention thérapeutique. Ech hunn éierlech gesot nach keng Definitioun fonnt vun der Abstention thérapeutique a wéi ech an der Kommissioun an der leschter Sëtzung d'Fro gestallt hunn, wat dann ënnert der Abstention thérapeutique ze verstoe war, do ass mer och keng Äntwert gi ginn. An ech mengen och haut hu mer an deenen Debatte keng Äntwert kritt, wat dat dann heescht. Ob notament do dee Fall och couvréiert ass, deem ech zitëiert hunn an deem, dat wësse vill Leit, relativ heefeg virkënt am Endstadium vun enger ganz schwéierer Krankheet, besonnesch bei de Kriibskranken, dass effektiv, doduercher dass d'Schmerzmittelen an der Dosis erop gesat ginn, dat zu engem fréizäitegen Doud vum Patient féiert, d'Liewen also verkierzt.

Dat ass fir mech awer iwwregens ganz kloer keng Abstention thérapeutique. Dat ass een Acte deem ee setzt. Et ass also eppes wat net ofgedeckt ass iwwert dat wat hei vun der Koalitioun erabruucht ginn ass. Ech mengen awer, dass dat misst gesetzlech fir den Dokter ofgeséichert sinn, an dofir kënne mir net mat där heiter Formulatioun d'accord sinn, well ech eigentlech net genau weess wat drënner ze verstoen ass, an ech fäerten d'Regierung wäert och all Schwierigkeete kréien, dat doten an eng Gesetzesform ze bréngen. Duerfir wäerte mir eis bei där heiter Motioun enthalten.

M. le Président.- Den Här Lucien Weiler.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, mir hu jo e bëssen eng Diskussioun gehat iwwert d'Fro vun der Terminologie „Abstention thérapeutique“ a „Refus vum Acharnement thérapeutique“. Mir hu versicht hei an där Motioun am zweetleschten Alinéa awer eng Definitioun ze ginn, wat dass mir hei menge mat deem Terme deem den Här Bodry elo just kritiséiert huet, respektiv wou e seet, et géist een net richteg wat sech hanert där Terminologie do verstoppt.

Mir soen an deem Considérant, datt d'Abstention thérapeutique doranner géif bestoen, „en la renonciation à tout acte médical dépourvu d'effet curatif n'ayant plus comme but que de prolonger artificiellement la vie d'une personne sans pouvoir remédier à un mal incurable“.

Ech weess, wann et hei ëm Definitioune geet, dat ass ganz sensibel an et riskéiert een och nëmme partiellément d'Thematik ze recouvréieren. Mä ech denken awer, dass d'Regierung awer weess wat datt mer hei, wa mer déi Motioun hei stëmmen, mat där Abstention thérapeutique mengen a wat a mengen Ae pratiktesch datselwecht muss sinn, wéi de Refus vum Acharnement thérapeutique, an deementspriedend mengen ech wier keng Schwierigkeet fir déi hei ze stëmmen.

M. le Président.- Den Här Jean-Paul Rippinger freet nach d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech wollt just nëmmen deem bäifügen, Här President, dass mer dat do - dat steet jo och hei dran - aus dem Avis vun der Association des Médecins et Médecins dentistes vum 18. Juni 2002 eraus geholl hunn an d'Dokteren hunn dat also selwer an hirer Konklusioun proposéiert. Wann d'Dokteren also net wéisste wat dat dote wier, da wär et mer Leed do drëm, an ech mer awer virstellen dass, wann dat heiten ausgeschafft gëtt an niewent där Definitioun, déi mir elo hei ginn hunn, déi eng offiziell Definitioun vun der Abstention thréapeutique ass, da weess all Dokter wat dat doten ass. An an dem Gesetzestext, dee mer dann herno doraus maache wäerten, gi jo ganz bestëmmt Doktere mat erugezunn, déi eis da genau d'juristesche Terminologie matdeele wäerten, sou wéi si dat an hirem Avis gemengt hunn, an dofir hu mer d'Référence op den Avis vun den Dokteren extra mat an den Dispositif era geholl.

Motion 3

M. le Président.- Sou, mir stëmmen elo of iwwert d'Motioun Nummer 3. Et ass ee Vote électronique verlaangt.

Vote

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

D'Motioun ass ugehall mat 41 Jo-Stëmmen an 18 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Ady Jung), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Theo Stendebach;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

An da wieren d'Motiounen fäerdeg a mir kéimen elo un d'Resoloutioun, déi agereecht ginn ass vum Här Huss. Ech menge si ass explizéiert ginn an Dir hutt se schrëftlech virleien. Kënne mer also direkt driwwer ofstëmmen? Ass ee Vote électronique verlaangt?

Une voix.- Jo.

M. le Président.- Ah, den Här Jean-Paul Rippinger freet d'Wuert nach, ier mer ufänken.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Bon, Här President, Dir Damen an Dir Hären, an där Resoloutioun hei sti mol am Dispositif dräi Tireten, déi elo sans objet sinn, well mer iwwert d'Médecine palliative an iwwert d'Initiativen, déi vun der

Regierung solle geholl ginn, elo schonn ofgestëmmt hunn. Mir missten also emol fir d'allérischt déi dräi Tireten, déi elo superflu a sans objet sinn, eraushuelen.

Mä ech mengen dat ass jo net den Objet vun der Motioun oder der Resoloutioun vun der Grénger Fraktioun, sondern wat hir Intentioun ass, dat ass datt se mengen et misst hei Faarf bekannt ginn iwwert dee leschten Tiret « en faveur d'une dépénalisation de l'euthanasie volontaire, éventuellement par le biais d'une excuse ou d'une justification légale ».

Mir hunn an der Kommissioun laang doriwwer diskutéiert a mir hunn eis majoritairément zesumme fonnt fir eng Dépénalisatioun ze kréie vun der Abstention thérapeutique. Déi Froen, an dee Froekatalog, deem ech als President vun der Kommissioun de Memberen iwwerreecht hunn, an zu deem e soll Stellung huelen, ass an der Question 2 ganz kloer gesot, „la commission spéciale éthique se prononce-t-elle en faveur d'une modification du code pénal dans le sens d'une dépénalisation sous condition précise de l'euthanasie volontaire en s'inspirant dans ce sens de la logique des dispositions de la loi du 15 novembre 1978, relative à l'information sexuelle, à la prévention de l'avortement...“, bref, et sinn d'Artikelen 348 bis 353-1 vum Code pénal.

Dat heescht also, et war awer eppes llicht aneschters wéi déi Fro, wéi mir se iwwert d'Dépénalisatioun gestallt hunn, wéi wéi se hei elo an deser Resoloutioun steet. Ech wëll awer net dass hei soll d'Meenung opkommen, mir als Demokratesch Partei oder als Fraktioun wëllten eis dérobéieren, ënnert iergendwéi Pretexter vu Recevabilitéit oder wéi och ëmmer, fir net iwwert déi Motioun hei oder déi Resoloutioun hei ofzestëmmen.

Dir wësst ganz genau dass mer ëmmer gesot hunn, dass et e Problème de conscience ass. Dat heescht, d'Affär vun der Euthanasie active oder volontaire ass e Problème de conscience, net nëmme vun all eenzelne Mënsch dobaussen, mä awer och vun all eenzelnen Deputéierten heibannen, an dass mer der Meenung sinn dass jidderee no sengem fräie Gewëssen iwwert déi Dépénalisatioun vun der Euthanasie volontaire soll ofstëmmen.

Ech géif lech also bieden, den Text llicht ze änneren an e folgendermoossen ze libelléieren: „La chambre se prononce...“ an esou virun „en faveur d'une dépénalisation de l'euthanasie volontaire sous certaines conditions précises, éventuellement par le biais...“, a vu dass am Chapitre am Code pénal d'Justification légale virun der Excuse steet, géif ech da schreiwen, „...d'une justification légale ou d'une excuse“.

Dat heescht also, dass mer iwwert deem Text hei géifen ofstëmmen. An ech muss lech soen, dass a menger Fraktioun zu deem Text hei ofgestëmmt gëtt, bien entendu dérobéiere mir eis net an all eenzelnen Deputéierte vun der demokratescher Fraktioun kann hei no sengem Gewëssen ofstëmmen. Et ass kee Votenzwang, et ass also hei keen Zwang sech zu deem engen oder zu deem aneren ze kennen an dann zesummen ofzestëmmen, sondern all eenzelnen Deputéierte vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei kann also no sengem fräie Gewëssen zu deem Text - wann Dir d'accord sidd fir en esou ze libelléieren - fräi ofstëmmen.

An ech mengen, da sti mir ganz genau ëmmer an där Optik vun deem wat mer gesot hunn. Et ass eng Affär vu Gewëssen, et ass net eng Affär vun der Politik, et ass och keng Affär vu Fraktiounszwang, sondern hei geet et ëm den eenzelnen Deputéierten an ëm säi Gewëssen.

Ech wëll lech awer och nach dat heite soen: A supposer mir kréichen eng Majoritéit fir dësen Text, da wëll ech lech awer elo scho soen, dass d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu dem Accord de coalition steet an zu deene Motiounen, déi se virdrun ugehol huet.

Dat heescht, sollt se eng Majoritéit kréien, da kënn Der herno net kommen an zu eis soen: Do waart Der fir d'Dépénalisation an elo sidd Der awer dofir en Text ze stëmme fir d'Dépénalisation vun der Absence thérapeutique. Dat heescht, mir wëssen also ganz genau wat mer hei maachen, a wann den Här Huss d'accord ass fir den Text esou ze maachen, da bieden ech den Här President drëm esou iwwert déi Resolutioun ofstëmmen ze looszen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Huss huet d'Wuert.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Härën, et ass esou dass mir vun Ufank u gesot hunn, an ech mengen och d'Madame Err an den Här Bodry hunn dat gesot, dass kee vun eis eleng d'Patentrecht hätt iwwert déi richteg Form wéi et zu enger Dépénalisierung vun der Euthanasie komme kéint, mä dass et em de Prinzip geet.

Op jidde Fall ass et fir eis vun der grénger Fraktioun esou, dass mir mat där proposierter Verännerung vum Här Rippinger absolut liewe kënnen, well et eis net em Rechthaberei geet. Mir sinn d'accord deen Amendement vum Här Rippinger wuertgenau esou unzehuele wéi hi en dat hei gesot huet. Ech ginn dovun aus, den Här Bodry kann dat herno nach selwer soen, dass si och domadder d'accord sinn. Eis

geet et net em Rechthaberei. Mir hätte gärén, dass hei d'Chamber sech soll prononcéieren, datt jiddfer Deputéierten en âme et conscience sech soll kënnen doriwwer ausdrécken.

Ech sinn och mat de Konklusioenen d'accord, déi den Här Rippinger gezunn huet, dass, wann dat elo hei geschitt, dat net muss bedeuten dass een dann eng Polemik géif féieren, firwat d'DP dann net mat der CSV dat elo géif maachen, well mer jo ganz genau wëssen dass et am Accord gouvernemental stoung, dass et net géif gemaach ginn. Ech mengen et geet hei just drëm, dass d'Chamber sech soll prononcéieren iwwer esou eng vital Fro wéi déi heiten, onofhängeg vu Regierungserklärungen, onofhängeg vu Koalitiouns- a Fraktiounszwäng, wierklech en âme et conscience soll d'Chamber hei ofstëmmen. Mir sinn also ganz d'accord mat deem proposierten Text vum Här Rippinger.

M. le Président.- Den Här Gast Gibéryen huet nach d'Wuert gefrot.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här President, ech wëll just vun eiser Säit deklaréieren, dass et selbstverständlech alleguer eise Membere vun der Fraktioun fräisteet hei bei dëser Resolutioun esou ze wíele wéi si et vis-à-vis vun hirem Gewësse verantwortéi kënnen.

Une voix.- Esou wéi et souwisou an der Constitutioun steet.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Et ass an der Regel ëmmer esou, mä hei ass et speziell esou. Ech wëll et och duerfir soen, well ee vun eise Membere vun der Fraktioun net hei ass, de Fernand Greisen, an duer-

fir och kee vun eis iwwer Procura-tioun a sengem Numm hei mat ofstëmmt.

M. le Président.- Den Här Alex Bodry freet d'Wuert.

(Interruption)

M. Alex Bodry (LSAP).- Als Co-auteur vun deem heiten Text wëll ech soen, dass ech mat d'accord si fir dat esou emzeänneren, also déi dräi Tirete virdrun opgrond vun deene Voten, déi mer elo grad haten, dann zrëckzehuelen aus där Resolutioun - Et ass eng Resolutioun! - an an deem leschten Tiret bäizefügen „sous certaines conditions“, wat souwisou selbstverständlech ass. Et ass mir och egal, ob mer eng « Excuse » oder eng « Justification » vir schreiwen.

Et geet hei drëm, dass mer eis als Chamber eng Meinung maachen an dass mer net ëmmer niefentene Propositionen hunn, mä dass mer endlech eng majoritär Positioun an dëser Chamber zu där doter Fro kréien. Ech géif mer wënsche mir kéinte se nach an dëser Period emsetzen. Wann dat net méiglech ass, wou et jo eng Rei vu Contrainté ginn, da muss een dat direkt no deenen nächste Wahle maachen. Da muss déi Meinung hei kënnen emgesat ginn, wou ech mengen dass se eng Majoritéit kritt, zumools well ech weess dass déi demokratesch Fraktioun am Ufank, an der Rentrée parlementaire - den Här Rippinger huet dat hei deklaréiert -, mat grousser Majoritéit sech dofir ausgeschwat hat, fir den Dokter ofzesécheren an eng aktiv Euthanasie ze dépénaliséieren, esou dass ech mengen dass d'Resultat vun dëser Ofstëmmung eigentlech misst kloer sinn.

M. le Président.- Mir stëmmen also of iwwert déi virleiend Re-

solutioun, déi amendéiert ass. Déi dräi éischt Tireten ginn also gestrach.

Résolution 1 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant la reconnaissance universelle du droit de chaque être humain à une mort digne et humaine;

- considérant que l'appréciation de ce qui est digne et humain ne peut qu'être subjective et intimement personnelle et qu'une société pluraliste et démocratique se doit de respecter ces conceptions souvent divergentes;

- réitérant sa revendication concernant le développement de l'offre en matière de soins palliatifs et de traitements anti-douleur;

- considérant la reconnaissance scientifique des limites de la médecine palliative pour certaines maladies et certains malades;

- considérant le droit à l'autodétermination de chacun et chacune quand il s'agit des circonstances et conditions de sa propre fin de vie;

se prononce

- en faveur d'une dépénalisation de l'euthanasie volontaire sous certaines conditions, éventuellement par le biais d'une justification légale ou d'une excuse.

(s.) Jean Huss, François Bausch, Alex Bodry, Lydie Err, Jeannot Krecké.

D'Ofstëmme fänkt un.

Vote

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthalen sech.

D'Resolutioun ass ofgelehnt mat 28 Nee-, 27 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Emile Calmes, Gusty Graas, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jacques-Yves Henckes et Jean-Pierre Koepp;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

Ont voté non: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Laurent Mosar), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Ady Jung), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, M. Niki Bettendorf, Mmes Agny Durdu, Maggy Nagel et M. Théo Stendebach;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Aly Jaerling et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Jos Scheuer.

Domadder wíere mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Moien um néng Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.33 heures)

Ordre du jour

- Communications
- 4781 - Projet de loi concernant la protection des consommateurs en matière de contrats à distance et abrogeant l'article 7 de la loi modifiée du 25 août 1983 relative à la protection juridique du consommateur
(Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
- 4789 - Projet de loi portant approbation - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Corée relatif au transport aérien, signé à Luxembourg, le 27 septembre 2000; - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'Inde relatif au transport aérien, signé à New Delhi, le 8 janvier 2001
(Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
- 4833 - Projet de loi portant approbation
 - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la Région Administrative spéciale de Hong Kong de la République Populaire de Chine relatif aux services aériens, signé à Hong Kong, le 3 juin 1998;
 - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Royaume de Népal relatif aux services aériens signé à Luxembourg, le 18 juin 1999; - de l'Accord sous forme d'échange de lettres des 13 et 21 juillet 1998 entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement des Etats-Unis d'Amérique amendant

L'Accord relatif aux services aériens, signé à Luxembourg, le 19 août 1986, tel qu'il a été amendé par Accord sous forme d'échange de lettres du 6 juin 1995

(Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

- 4904 - Projet de loi portant approbation - de la Convention relative à la conciliation et à l'arbitrage au sein de la CSCE, faite à Stockholm, le 15 décembre 1992 - du Protocole financier établi conformément à l'article 13 de la Convention relative à la conciliation et à l'arbitrage au sein de la CSCE, adopté à Prague, le 28 avril 1993

(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouve M. Henri Grethen, Ministre.

(Début de la séance publique à 9.00 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

1. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen ze maachen:

1) Par lettre du 12 mars 2003 Monsieur Serge Urbany a informé le Président de la Chambre qu'il désire interpeller le Gouvernement sur l'ONU et les relations futures entre Etats.

2) Monsieur Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 12 mars 2003, le

- Projet de loi 5108 relatif à l'assainissement et la liquidation des entreprises d'assurances et modifiant la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances.

3) Monsieur Henri Grethen, Ministre de l'Economie, a déposé au

Greffe de la Chambre des Députés, en date du 12 mars 2003, le

- Projet de loi 5107 portant transposition de la directive 2000/52/CE de la Commission du 26 juillet 2000 modifiant la directive 80/723/CEE relative à la transparence des relations financières entre les Etats membres et les entreprises publiques.

Mir kommen elo haut de Moien zur Diskussioun vum Projet de loi 4781 iwwert d'Contrats à distance. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Clement, d'Madame Delvaux, den Här Graas an den Här Greisen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här John Schummer.

2. 4781 - Projet de loi concernant la protection des consommateurs en matière de contrats à distance et abrogeant l'article 7 de la loi modifiée du 25 août 1983 relative à la protection juridique du consommateur

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

M. John Schummer (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Härën, de Projet de loi, dee mir haut virleien hunn, soll déi europäesch Direktiv 97/7/CE vum 20. Mee 1997 iwwert d'Protection des consommateurs en matière de contrats à distance emsetzen.